

Conseil communal

Séance publique du 26 mars 2007

Durée de la séance: 14.30 à 16.50 heures

<u>Présents:</u>	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
<u>Absents et excusés:</u>	
/	Guy Brecht, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale:
 - 2.1. Entente des Communes, Syndicats d'Initiative, Associations Commerciales et Artisanales du Sud asbl: désaffiliation de l'administration communale de Pétange - décision.
 - 2.2. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
 - 2.3. Décompte de travaux extraordinaires: canalisation et station d'épuration: travaux de canalisation dans l'intérêt de la crèche, du futur hall sportif multifonctionnel et des nouveaux logements à Rodange - décision.
 - 2.4. Contrat avec la société H & E de Rombas (F) pour la numérisation des registres de l'état civil des années 1904 à 2004 - approbation.
 - 2.5. Bâtiment administratif à Pétange, place du Marché: contrat d'entretien et de dépannage pour l'ascenseur - approbation.
 - 2.6. Litige en matière de sinistre de chantier opposant l'administration communale à un assureur: autorisation d'ester en justice - décision.
3. Propriétés:
 - 3.1. Vente, au « Garage Roger & Diego » sàrl de Pétange, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit « rue Robert Krieps » - décision de principe.
 - 3.2. Echange d'immeubles sis à Pétange, lieux-dits « rue J.-B. Gillardin », « rue de l'Eglise » et « rue des Ecoles », entre l'administration communale et la Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre Dame du Mont Carmel S.A. avec siège à Luxembourg - approbation de l'acte.
 - 3.3. Reprise, de la société Baticonsult sàrl de Luxembourg, du lotissement « Ronnwiss » sis à Lamadelaine - approbation de l'acte.
 - 3.4. Vente, à la société « Anciens Etablissements Holcher & Conzemius » sàrl de Rodange, d'un terrain industriel sis à Rodange, rue de l'Industrie - approbation de l'acte.
 - 3.5. Vente, au « Garage Reinert » sàrl de Pétange, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit « Fohlenazing » - approbation de l'acte.
4. Personnel: création d'un poste de travailleur handicapé (m/f) à durée déterminée - décision.
5. Enseignement:
 - 5.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
 - 5.2. Colonies scolaires: octroi d'un subside (solde de 2007) à l'association « Classe de Neige de la Commune de Pétange » - décision.

6. Sécurité: vaccination de masse: acquisition de matériel de première nécessité - approbation du devis et vote d'un crédit spécial.
 7. Transports et communications:
 - 7.1. Règlements temporaires de la circulation routière - confirmation.
 - 7.2. Renouvellement des infrastructures dans la rue Charlotte à Rodange - approbation du devis et de la convention de préfinancement avec la société Sudgaz S.A
 8. Sports et loisirs:
 - 8.1. Acquisition d'une installation de chronométrage pour la piscine de Rodange - approbation du devis.
 - 8.2. Centre sportif de Pétange: avenant à la convention d'achat exclusif et de mise à la disposition de matériel avec la société Munhowen S.A. d'Ehlerange - décision.
 - 8.3. Terrains de beach-volley à Lamadelaine: convention d'achat exclusif et de mise à la disposition de matériel avec la société Munhowen S.A. d'Ehlerange - approbation.
 9. Vie associative:
 - 9.1. « Photo-Club Rodange-Lamadelaine » - dissolution.
 - 9.2. « Association pour l'Intégration des Immigrés » - dissolution.
 - 9.3. « Al Pétenger Gecken » asbl - statuts.
 - 9.4. « Aktioun Télévie 2007 » - octroi d'un don.
 10. Questions des conseillers communaux.
- Séance secrète :
11. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

COMPTE RENDU

1. **Communications du collègue des bourgmestre et échevins.**

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir Dammen an dir Hären, et ass halwer 3 Auer a mer géifen direkt zum éischte Punkt iwvergoen. Do sinn zwou Kommunikatiounen ze maachen, an ech géif dem Här Breyer als éischten d'Wuert ginn.

Roland Breyer, Schäffen :

Als éischt wéilt mer eech eng kleng Presentatioun virstellen, wou mer de Wee weisen, wéi mer eis an Zukunft – dat heescht vum 1. Januar 2008 un – wëlle mat de Veräiner ofginn. Der wësst, dass mer e Subsidiereglement hunn, dat net a Fro gestallt gëtt, well et sech bewährt huet a senger Struktur esou wéi et do ass. Der wësst, dass mer an eisem Reglement Méiglechkeeten hu fir de Veräiner bei gewëssen Uläss, esou wéi bei engem Anniversaire, méi ze hëllefen. Dat soll och esou bestoe bleiwen. Der wësst, dass mer och e Spezialsubsid hunn, wou Veräiner, wa se déck Investissementer maachen oder speziell Evenementer hunn, och vun der Gemeng kënnen op verschidde Critèren hi gehollef kréien. Der wësst awer och, dass mer e Katalog vun Taxen hei am Gemengerot gestëmmt hunn, ë.a. iwver d'Verloune vun de Chaleten an d'„main-d'oeuvre“ vun der Gemeng. Mer hunn awer, wéi mer elo zwee Joer zeréckgekuckt hunn, anuecht geholl,

dass dee Katalog net ëmmer esou ëmgesat gouf wéi dat vläicht vum Gemengerot geduecht war. Et war esou, dass et Evenementer gouf, wou d'Veräiner eppes organiséiert hunn an duerno gesot hunn, dass et eventuell méiglech wier, dass se mat engem Defizit géifen ofschléissen. Mer hunn hinnen ëmmer gesot, dass se dat wat och am Subsidiereglement virgesinn ass, sollte maachen. Wann et eng kulturell Manifestatioun ass, da konnte si et esou maachen, dass se den Defizit kéinten iwverholl kréien. Dat ass awer net ëmmer esou an där Form geschitt mat de Bilanzen a Budgeten, déi erakomm sinn. Dann ass heiansdo drop verzicht gi fir déi Taxen effektiv ze applizéieren. Mer hate jo och schonn Diskussiounen am Gemengerot firwat deen ee bezuelt huet an deen aneren net. Et war also keng richtigeg Gerechtegkeet méi do an der Linn wéi mer mat eise Veräiner fueren.

Haaptsächlech wéi mer den Organigramm mat eisen Servicer nei gemaach hunn, hu mer och festgestallt, dass ganz vill Furniture laanscht deen offizielle Wee lafen. Dat heescht, wann ee gutt Relatiounen hat um Niveau X oder Y, dann huet een dat an d'Rei gemaach kritt. Zum Beispill e Sall komplett opoder agericht, wou deen aneren op enger aner Plaz komplett eleng huet missen oprichten. Kleng Transporter, déi gemaach goufen, ouni dass de Schäffen- a Gemengerot dovunner a Kenntnis gesat goufen. Et waren där Saachen, déi net ganz gerecht waren.

Mer wollten elo transparent ginn an Gerechtegkeet an der Veräinspolitik hunn. Dofir hu mer eis geduecht, mer géifen elo e „mode d'emploi“ schafe wéi mer an Zukunft fueren. D'Linn soll ganz einfach sinn. Wann de Gemengerot hei eng Taxe gestëmmt huet, da soll se och applizéiert ginn. A wann een als Veräi mengt, et géif een duerch déi Taxen zevill belaaucht ginn, dann huet een d'Méiglechkeet, eventuell d'Gemeng ze froe fir dat an iergendenger Form kompenséiert ze kréien. Dofir sinn och verschidde Formule virgesinn. Awer mer hu wëlles, nach méi wäit ze goen. Wa gréisser Manifestatiounen oder gréisser Aktivitéite mat engem iwverkommunale Charakter organiséiert ginn, an déi och gutt fir eis Gemeng sinn, da wëlle mer déi nach méi begleeden an esouguer Partner sinn. Dat heescht, wa mer mengen, dass vill Leit esou eng Manifestatioun besichen an eppes zur Ausstrahlung vun eiser Gemeng bäidrëit, da kann de Schäfferot op eng Demande vun engem Veräin hin als richtige Partner optrieden. A wann en als Partner optrëtt vun enger Manifestatioun, dann ass et grad ewéi enzwousch anescht. Et gëtt dann eng Zort Kontrakt gemaach a gesot, dass dat hei oder dat do vun eis iwverholl gëtt. Dat kënnen d'Taxe sinn, et kënnen awer och aner Aspekter vun der Manifestatioun sinn. Et mussen awer wirklech Evenementer sinn, déi ganz speziell sinn. Et gëtt och vu Fall zu Fall driwwer diskutéiert. Déi Demande sollen dann och wa méiglech véier Méint am

virous hei erakommen, esou datt mer eis kënnen deemtsprechend virbereeden. Mer denken zum Beispill, datt mer kéinte bei der Kavalkad als Partner optrieden. Dat ass jo awer e gréissert Evenement. Et kann awer och um sportleche Gebitt sinn oder eppes Kulturelles. Doduerch, datt mer et als Gemeng begleeden, kënnen mer och vläicht méi wéi virdrun eppes zum Erfolleg bäidroen. A mer kënnen als Gemeng och do figuréieren, wougéint mer virdrun bei esou Manifestatioune ganz dacks diskret do stoungen obwuel mer ganz vill gemaach haten. Ech denken u Manifestatiounen, wou mer mat bal 1.000 Aarbechtsstonne präsent waren, wou dat awer praktesch ennergeet well et als selbstverständlech ugesi gëtt. Dofir wëlle mer eis als Gemeng och e bësse profiléiere bei méi grouse Saachen an einfach eis Präsenz affichéieren.

Fir dat elo e bessen ze weisen, wollten eise Service « Publications et Communication » an och d'Vertrieder vun de Veräiner kuerz presentéieren, wéi dat soll applizéiert ginn. Déi Reglementer, déi bestinn, ginn an eng kloer Textform gesat. D'Demande fir d'Veräiner ass och ganz kloer a weist, datt, wann ee wëll eppes ufroen, een nëmmen e Formulaire muss huelen an ukräize wat ee gären hätt. An do gesäit een och ob et eppes ass, wat muss bezuelt ginn oder net. Dat kritt en dann och direkt matgedeelt. A, wéi gesot, d'Méiglechkeet fir e Partenariat ze maache kréien d'Veräiner matgedeelt. Mer haten elo schonn Entrevue mat deenen dräi Veräinsententen aus der Gemeng, déi dat dann och scho virgeluegt kritt hunn. Si hunn och unni weider Kritik gemengt, datt dat eng gutt Saach wier. A mer wëllen dat och elo un d'Effentlechkeet weiderginn. Dofir soll haut de Gemengerot a Kenntnis dovunner gesat ginn. D'Veräiner alleguer ginn iwwer eng Circulaire, déi u si geschéckt gëtt, doriwwer informéiert.

Ech géif dann elo d'Margot Klasebieden, eis kuerz déi Presentatioun ze maachen. Dat heescht, wat mer hunn, wéi mer dat wëllen applizéieren. Awer mat dem Wëssen, datt gewëssen Taxen, haaptsächlech wat d'„main d'oeuvre“ ugeet, héchstwahrscheinlech wäerten an Zukunft adaptéiert ginn. Dat heescht, mer kommen nach eng Kéier mat deenen Taxen zeréck an de Gemengerot. Fréier hate mer zum Beispill, wann en Aarbechter eng Stonn geschafft huet, datt heescht wann en eng spezifesch Aarbecht gemaach huet fir e Veräin, 13 Euro do stoen. Mee mer hunn elo erausfonnt, datt et op d'mannst misst dat Duebelt si well dat deen aktuellen „prix de

revient“ méi ass. Do wäerten nach verschidden Taxe méi spéit an de Gemengerot kommen. De Rescht soll awer am Prinzip esou bestoe bleiwen ewéi de Gemengerot et zënter Joeren ugeholl huet.

(Presentatioun vum Margot Klasebieden, Chef vum Departement Biergerzenter Péteng.)

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech soen der Madame Klasebieden villmols Merci fir déi ausféierlech Dokumentatioun an och Donnéeën, déi se eis geliwwert huet. Mer hunn engersäits der Entente déi Dokumentatioun virgeluecht a leeën dem Gemengerot se och vir. Mer erwaarden eis Reaktiounen opgronn vun deem Dokument. Mer wäerten des Reaktiounen och analyséieren fir dann dat anert Joer e kohärent Dokument virleien ze hunn, wou mer och eisen eenzelne Partner – wat jo eis Veräiner sinn – da kënnen soen, wéi mer ab 2008 kéinte fonctionnéieren. Ech wier frou, wann der eis déi eng oder aner Remarque spéiderhin eng Kéier géift eraginn. Mer kënnen och eng Kéier driwwer diskutéieren, dat kënnen mer och maachen. Dat hei ass keng Bibel, déi esou wéi se elo ass iwwerholl muss ginn. Wann Argumenter komme fir dat eent oder dat anert ze änneren, da si mär och ëmmer dozou bereet. D'Ententen hunn dee selwechten Auftrag krut. Mer solle kucken, datt mer am Hibleck vun enger kohärenter an och equitabler Approche géintwärtig vun eise Veräiner kënnen fonctionnéieren vum nächste Joer un. An datt mer bei deenen Taxen, mat deene mer regelméisseg konfrontéiert waren, e kloere Stand hunn. Esou wéi mer dat och elo schonn hu wat eis Receptiounen ubelaangt. Et ass besser, et huet een e kloeren Text, well da weess och jiddereen, wou en drun ass an e weess, wéi en sech soll uleeë wann en eppes organiséiert.

Als zweet Matdeelung wollt ech de Gemengerot awer och informéieren zu deem Kollaboratiounskontrakt, deen den 12.03.2007 entstanen ass, tëscht dem CHEM an dem HPMA. Der wësst, datt mer schonn eng Zäitchen amgaang si fir déi Fusioun virzubereeden. Et war och schonn den 1.12.2006 eng Konventioun ënnerschriwwen ginn tëscht dem Stat, dem HPMA an dem CHEM, wou festgeluecht gouf, wéi dat soll fonctionnéieren, wéi déi Fusioun soll zustane kommen. Mer sinn am Dossier scho wäit virukomm a mer hunn den 12.03.2007 des Punkten zesumme festgehale:

1.) Den Datum vun der Fusioun soll den 1. Januar 2008 sinn a mer sinn elo

schon amgaang un deem éischte gemeinsame Budget vun deenen zwee Haiser ze schaffen.

2.) De „statut juridique“ vun dëser Entitéit soll dee vum CHEM sinn. Dat heescht, et soll dee si vun enger Stéftung, déi laut dem Gesetz vum 21. Abrëll 1928 geregelt ass.

3.) D'Denominatioun vun dëser Entitéit soll „Centre Hospitalier Emile Mayrisch“ sinn. Dat ass mat dem Accord vu béide Säiten esou festgehale ginn.

4.) Et soll och vum 1. Januar 2008 eng „Commission administrative du CHEM“ ginn, déi dee ganze CHEM begleet. Déi soll zesumme gesat ginn aus deene Leit, déi schonn elo an der „Commission administrative“ sinn. Dat si véier Vertrieder vun der Stad Esch, véier vun der Arcelor, ee vun der Regierung an zwee vun Diddeleng. Donieft sollen dann elo och nach dräi Vertrieder vum Syndikat drakommen, an zwar all Kéier ee Vertrieder aus der Stad Déifferdeng, der Gemeng Péteng an der Gemeng Nidderkäerjeng. Dobäi kommen och nach dräi Vertrieder vum Personal an vum „conseil médical“ mat „voix consultative“.

5.) D'Struktur vun der Direktioun, déi vum 1. Januar 2008 un déi deeglech Verwaltung soll maache vun der „exploitation hospitalière“, déi am Fong déi dräi Spideeler, näamlech Esch, Diddeleng an Déifferdeng vun deem grouse Spidol – wat jo am Fong geholl dräi Spideler sinn, déi an enger Entitéit zesummegefaasst ginn, soll aus siwe Leit bestoen. Ee Generaldirekter, een „directeur médical“, een „directeur des soins“, een „directeur administratif“, een „directeur technique“, een „directeur des ressources humaines“ an een „directeur des finances“. De „conseil administratif“ vum CHEM huet den 21. Januar provisoersch folgend Leit genannt: den Dr. Michel Nathan als Generaldirekter, den Dr. Claude Birgen als „directeur médical“, den Här Serge Haag als „directeur des soins“, d'Madame Pascale Arend als „directeur administratif“, den Här Henri Hinterscheid als „directeur technique“, den Här Lucien Sturm als „directeur des ressources humaines“ – hie gëtt duerch den Här Luc Gindt ersat wann en am Joer 2008 a Pensioun geet, an den Här Jos Bohnert als „directeur des finances“. Mer hunn awer elo nach eng Period bis den 1. Januar 2008 wou mer müssen déi Fusioun preparéieren. A fir déi virzubereede besteet e „Comité de gestion temporaire“, deen sech zesummesetzt aus: dem Dr. Michel Nathan, dem Dr. Claude Birgen, den Här Serge Haag, dem Pascale Arend,

den Hären Henri Hinterscheid, Lucien Sturm, Luc Gindt a Jos Bohnert.

6.) Wat d'„structures de gestion“ ugeet, do hu mer e „comité de pilotage“, deen dat Ganzt soll begleeden. Dee Comité setzt sech zesummen aus der Presidentin an deenen zwee Vizepresidenten aus dem CHEM, deenen dräi Membere vum „bureau exécutif“ aus dem HPMA, engem Verrieder vun Arcelor, dem „Commissaire au gouvernement des hôpitaux“ an och déi zukünfteg Direktioun vum CHEM, wéi se dann elo ab dem 1. Januar 2008 zesummegesat ass.

7.) Mer hunn awer och nach aner Saache beschloss. Well den HPMA jo nach ëmmer besteet, zu Diddeleng Immobilie sinn, am HPMA an am CHEM och nach Mobiliar ass, ginn alleguer déi Saachen, déi den HPMA huet, an déi zum Betrib vun deem neien CHEM noutwenneg sinn, un de CHEM transferéiert. An dat géint eng finanziell Bedeelegung vum CHEM. Mat enger Ausnam: d'Terrainen. Déi hu mer eis opgehale well mer nach net wëssen, wéi an ob déi bei där neier Entitéit erafléissen. Den „mode de paiement“ vun deenen Immobilien, déi mer vum HPMA an den CHEM iwwerginn, ass nach net definéiert. E gëtt definéiert an et gëtt dräi Méiglechkeeten: den „paiement en liquide“, den „apport en capital“ oder eng „donation“, an déi drëtt Méiglechkeet ass eng Mëschung aus deenen zwee „modes de paiement“. Dat gëtt am Kader vun deenen nächste Schrëtt, déi mer fir d'Fusioun maachen, definéiert.

8.) Wat d'Personal ugeet, esou ass et wichteg ze soen, dass all Aarbechtskontrakt, deen de Moment beim HPMA ass, vum CHEM iwwerholl gëtt. Dat ass eng ganz wichteg Garantie fir all déi Leit, déi am HPMA schaffen. Den HPMA huet sech just an zwou Saachen engagéiert, dat sinn déi selwecht Engagement, déi dat Diddelenger Spidol agaangen ass bei der Fusioun mat dem Escher Spidol. All extra-legal an extra-konventionell Avantagen, déi am HPMA géife bestoen an déi net och am CHEM bestinn oder an Zukunft kënnen garantéiert ginn, géife verschwannen. Dat sinn der awer net zevill. Op där aner Säit engagéiert den HPMA sech och fir bei all Congé an Iwwerstonn, déi fir de Moment nach op dem 31. Dezember iwwereg bleiwen, de Käschtepunkt mat ze iwwerhuelen. Wat och kee Problem duerstellt, well déi och déi Joere virdrun ëmmer provisionnéiert goufen. Dat heescht, déi sti schonn am Bilan mat dran.

9.) Zum Schluss wëlle mer och dee ganzen „outil technique et informatique“

esou an d'Rei setzen, dass ab dem 1. Januar 2008 déi zwee Haiser kënnen zesumme fonctionnéieren.

Dat Ganzt ass am Fong, an dat muss ee ganz kloer soen, en „accord de collaboration“, dee soll mat sech bréngen, dass mer zum Schluss e Fusiounskontrakt ausschaffen, deen um Enn vun dësem Joer soll entstoen. Dat hei waren d'Virbedéngungen, déi noutwenneg sinn, fir weider kënnen ze schaffen an dësem Joer, esou dass mer den 1. Januar 2008 prett sinn. Et ass eng Konventioun, déi den 12. März 2007 ënnerschriwwen gouf an déi och wäert zwou Saache garantéieren: engersäits wäerten d'Gemengen aus dem Kordall net méi belaangt gi fir supplementar Apporten an dat Déifferdenger Spidol ze stiechen, andersäits gëtt d'Bedierfnis hei am Süden fir e Spidol mat dem Fonctionnéiere vun esou enger Struktur zu Nidderkuer ofgeséichert. An domat kréien och d'Bierger all Garantien déi se an dësem Zesammenhang brauchen.

An deenen nächste Wochen a Méint wäerte nach méi detailléiert op déi Saachen zeréckkommen, well mer mussen jo am Kader vun dësem „accord de collaboration“ och d'Liquidatioun vum Syndikat HPMA ugoen. Do ass e Mëttwoch e Gespréich tëscht de Pétenger, Déifferdenger a Käerjenger Gemengen an dem Distriktscommissaire fir de Wee bis zur Opléisung vun deem Syndikat an d'Weeër ze leeden. Dat ass e Wee, deen net esou einfach ass, mee mer sinn amgang, deen ze preparéieren. Mer kënnen dovunner ausgoen, dass mer vum 1. Januar 2008 un eng Entitéit am Spidolwieser am Süde wäerten hunn, déi di gréisst aus dem ganze Land ass. Et ware ganz rezent Artikelen dorüwer an der Zeitung, mee ech wollt iech dat awer hei matdeelen, esou dass der dat och „de vive voix“ hutt. Wann een eng Fro dozou huet, dee kann sech zu all Zäit bei mir mellen, an da ginn ech em déi néideg Explikatiounen. Mee mer kommen nach ganz sécher méi wéi eng Kéier op deen Dossier zeréck.

Ier mer awer elo zum zweete Punkt iwwergi wollt ech awer nach den Här Brecht entschëllegen. Hien ass krank. Dat hat ech virdru vergiess ze soen.

2.1.

Administration générale.

Entente des Communes, Syndicats d'Initiative, Associations commerciales et artisanales du Sud asbl: désaffiliation de l'administration communale de Pétange – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

D'Entente du Sud ass eng Associatioun, déi scho laang existéiert awer net ëmmer ganz aktiv war. Et waren och Perioden derbäi, wou se komplett verschwonne war. Elo ass se nees zënter 2006 aktiv. D'Gemeng Péteng war do Member mat engem effektiven Delegéierten an engem „délégué suppléant“. Wéi mer eis e bësse méi mat den Aspekten Tourismus a Kultur ofginn hunn, hu mer festgestallt, dass mer an der Gemeng selwer e ganze Koup Acteuren hunn, déi sech mat deenen Themen ofginn. Dozou gehéieren: de Syndicat d'initiative, den Interesseveräin, de Parc industriel et ferroviaire du Fond-de-Gras, den Office national du tourisme, den animateur culturel, de Minettsdapp, d'Association promotionnelle du tourisme et de la nature du bassin de la Chiers, d'Fondation Bassin minier. Mer hunn awer och festgestallt, dass mer praktesch iwwerall Subsidien a Cotisatiounen bezuele fir um Enn awer net ganz vill opweises ze hunn. Freet een emol no engem Prospekt iwwer den Tourismus an der Gemeng Péteng, dann ass näscht do. Freet een no engem Buch, dann ass och näscht do. Dernieft hu mer och festgestallt – an dat war dee Punkt, deen ausschlaggebend war –, dass d'Entente du Sud beschloss huet hir Cotisatiounen ze hiewen ouni dat an enger Generalversammlung ofseenen ze loosser. An dat vun 200 € op 2.500 € Des Weidere sollen dann och nach d'Syndicats d'initiatives an d'Geschäftsverbänn cotiséieren. An do war et eis ze bont ginn a mer hunn eis gefrot, ob dat dee richteg Wee ass. Mer kucke vill méi kohärent ze sinn an eiser touristescher a kultureller Politik hei an der Gemeng. Mer kucken, dat och um Niveau vun deenen Acteuren ze maachen, déi schonn ernimmt goufen. Mer kucken och iwwer eis Grenzen ewech fir dat auszebreen an och mat eisen Nopeschgemengen ofzestëmme. Mer waren och mat der Déifferdenger, der Käerjenger an der Suessem Gemeng zesummen a mer sinn eis eens ginn, dass dat dee richteg Wee wier an dass, wa mer eis do géifen e bëssen ofschwätzen, mer ganz séier ganz vill kéinten errechen an un déi Saache kommen, déi mer gären hätten.

Mer hu wëlles, de Sikor op d'Gemeng Suessem auszedeihen, an do wäerte mer och an engem vun deenen nächste Méint d'Statutenännerung an och d'Ouverture zu Suessem maachen. Esou hätte mer dann d'Gemengen aus dem Kordall zesummen an enger Struktur, déi sech och fir den Tourismus an d'Kultur kéint interesséieren. Mer kucken do an der Koordinatioun mat ProSud ze sinn, déi

och déi Missioun am Süden huet. Well mir sinn der Meenung, dass et awer nach e Strapp wäert dauere bis mäer hei bei eis eppes vu ProSud spiere géifen, well déi am Moment an der Escher Géigend beschäftigt sinn. Dofir wollte mäer schonn déi éischt Aarbechten hei éinne maachen um Niveau vum Sikor. Aus deem Ganzen eraus hu mer entscheed, eis méi ofzeschwätzen hei an der Gemeng an iwwe d'Kordall-Gemengen eraus, mee d'Entente du Sud da leien ze loossen aus deenen hei ernimmte Grënn. Ech géif iech bieten, de Wee mat eis ze goen. Dat heescht, dass mer wëllen aus der Entente du Sud erausgoen an eis zwee Delegéiert – de Gilbert Welter an ech selwer – zeréckzéien fir dass se hir Kompetenzen an Energie méi hei um Terrain an an den Nopeschgemenge kënnen asetzen. Mer wiere frou, wann der kéint matgoen.

Roger Klein (LSAP):

Zënter dass d'Gemeng Péteng an der „Entente touristique du Sud“ ass, hu sech eng ganz Rei Organisatioune gegrennt, déi deelweis déi selwecht Zilsetzung hunn. Da muss een natierlech e Choix maachen, wéi elo gesot ginn ass, an et muss een och u ProSud denken. Déi zweet Iwwerleeung, déi ee muss maachen ass déi, dass ee freet, wéi d'Relatioun ass tëscht der Investitioun an deem, wat een erauskritt. Bei enger Memberskaart vun 200 € konnt een nach soen, dass déi Relatioun alt nach an der Rei war. Mee elo, wou déi Memberskaart vun 200 op 2.500 € gehéicht gouf, fannen ech och, dass déi richteg Relatioun net méi besteet, an dass een är Proposition fir eng Désaffiliatioun duerchaus ënnerstëtze kann.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech ka mech deem och nëmmen uschléissen, an ech ginn dem Här Breyer do Recht wann hie seet, dass mer näischt do erauszéien a schonn aner Saachen an deem Beräich do lafen. Ech wollt awer nach froen, wat d'Motivatioun vun der Entente war fir d'Cotisatioun vun 200 op 2.500 € eropzesetzen. Ass dat wierklech esou, dass dat net an enger Generalversammlung beschloss gouf?

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass nodréiglech an enger Generalversammlung beschloss ginn, mee dunn hate mer schonn den „appel de cotisation“ virleien. Dee Wee huet eis net gefall. Mer hu schonn d'Zomm vun der Cotisatioun gesot krut an duerno war déi Generalversammlung, op där dat och guttgeheescht gouf. D'Motivatioun fir dese Wee ze goen ass

haaptsächlech deem, dass se Sue brauche fir um Niveau vun der Stad Esch Büroen ze maachen, en Animationsbüro, dee soll fir de Süden do sinn. An dat haaptsächlech um Site vu Belval. Dat si Saache wou mer gesinn, dass et Repercussiounen haaptsächlech ronderëm Esch ginn, mee dass et laang brauch iert mer hei eppes gesinn.

Mär hu scho Saache gesinn, déi si erausginn hunn. Do muss een d'Gemeng Péteng laang siche goen, well déi fannt der net dran. Do steet just derbäi, dass mer Member sinn. Mee net, dass mer iergendeppes ze weisen hätten. An dat huet eis net gefall. Et ass esou opgebaut, dass et offensichtlech ass, dass déi Escher gären eppes hätte fir bei sech ze animieren, a se hätte gären, dass déi aner dozou bäisteieren. De Moment geschitt dat net mat eis. Ech wëll net ausschléissen, dass, wann dat eemol besser evoluéiert, een sech et nach eng Kéier kann aneschters iwwerleeën. De Gilbert Welter war an der Versammlung dobäi, an hie kann och nach e puer Wuert dozou soen.

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech därff och nach vläicht dozou soen, dass, bei der Versammlung zu Uespelt déi falsch Nimm vun eisen Delegéierten do stoungen. Et waren déi vu virun de Walen. Dat haten se vergiess ze änneren. Se hunn och do offiziell deklaréiert, dass déi Käerjenger Gemeng géif erausgoen. Et ass och esou, dass se finanziell zimlech schlecht dru sinn, an zwar och aus deem Grund, dass eng ganz Rei Gemengen net bezuelt hunn. Et sinn och Zweiwel opkomm, ob déi nach weiderhi wäerte bezuelen. 2007 wier och weider näischt virgesinn, ausser enger klenger Brochure an deene Representatiounen am Ausland fir de Süden do ze verkafen. Et schéngt fir Péteng awer esou ze sinn, dass, ausser enger klenger Photo vum Giele Botter an enger klenger Brochure, näischt do ass. Wéi gesot, et war och do eng gewëssen Tendenz ënner de Leit ze spieren, wou ee gemierkt huet, dass dat Ganz net méi grouss begehert huet.

Accord à l'unanimité.

2.2.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses de 2006 et 2007 au montant total de 6.614.622,47 € dont l'impôt commercial (solde 2006) et la dotation de l'Etat (solde 2006) ainsi que le subside de l'Etat (700.000 €) pour la construction

d'un hall polyvalent à Rodange et la part de l'Etat pour la cantine et le foyer scolaire (137.534 €) – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do hutt an den Ënnerlagen d'„titres de recettes“ opgeléicht, an zwar e Rescht vum Joer 2006. Et wäert nach eppes Klenges nokommen an där nächster Sitzung, an da wäert et fäerdeg si fir d'Joer 2006. Da gesitt der awer och schonn déi éischt Recette vum Joer 2007. Fir d'Joer 2006 ass et wichteg ze soen, dass mer fir d'Konstruktioun vun dem „Hall polyvalent“ zu Rodange nach e Subsid vu 700.000 € kruten, wat jo eng substantiell Zomm ass. Mer hunn och emol en éischten Deel krut fir d'Combele vun der Park-Schoul zu Péteng, an zwar 57.000 €. Der wësst, dass et scho laang hier ass zënter mer déi ageweit hunn. Dat hei ass en éischte ganz klengen Deel a mer waarden nach op de Rescht. Den Total vun deem Subsid wäert tëscht 600.000 an 650.000 € leien.

Op de Positionen 15 a 16 gesidd der och d'Gewerbsteier – de Solde vum Joer 2006 -, an d'„Dotation de l'Etat“, och de Solde vum Joer 2006. Do ass ervirzehiewen, dass d'Noriichten dëst Joer méi positiv wäerte si wéi dat d'lescht Joer de Fall war. Ech erënnere drun, dass, wéi mer d'lescht Joer den Dekont vum Joer 2005 gemaach hunn, d'Gemeng Péteng ronn 1,3 Milliounen Euro manner bei der Gewerbsteier an der „Dotation de l'Etat“ krut wéi dat am rektifizéierte Budget virgesi war. Dëst Joer wëlle mer déi positiv Noriicht matdeelen, dass mer 1,7 Milliounen Euro méi kréien ewéi dat am rektifizéierte Budget virgesi war. Dat ass opgronn vun enger ganz virsiichteger Schätzung vun der Gewerbsteier zeréckzeféieren, wou mer elo 967.000 € méi kréien ewéi dat wat virgesi war. An och bei der „Dotation de l'Etat“ war et ganz virsiichteg gemooss. Hei kréie mer 750.000 € méi eran ewéi dat am rektifizéierte Budget virgesi war. Op déi positiv Noriicht léisst sech nawell opbauen.

Jeannot Linden (LSAP):

Just eng Fro zum Subsid fir den „Hall polyvalent“. Hu mer do elo nach eppes ausstoen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer hu bis elo 1 Millioun Euro krut, mee den Total wäert awer bei 1,5 Milliounen leien.

Jeannot Linden (LSAP):

Am Budget stoung, mer hätte schonn 300.000 € krut. Ech hunn dat gekuckt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi 700.000 € stoungen am Budget 2007. Mer hunn se awer elo op den Exercice 2006 krut, esou datt mer do mussen eng Korrektur maachen. Mee der musst déi 700.000 € vun deem wat am Budget 2007 stoung ewechzielen. Dat ass effektiv, wat mer ganz iwwerraschend elo krut hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat natierlech positiv ass, dat ass, datt de Solde méi héich ausgefall ass wéi geduecht. Do kënnst jo e schéine Batz Suen era mat deenen zwee Solden, déi jo iwwer de Previsiounen am Budget leien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Also mer kënnen se gebrauchen. Et léisst sech eppes maachen domat.

Camille Bosseler (CSV) :

Et freet mech, datt de Remboursement vun der Krankekeess erofgaangen ass. Dat ass fir mech e gutt Zeechen an et wëllt jo eppes heeschen. Eis Leit schéngt méi gesond ginn ze sinn. Ech géif esou guer virschloen, deene Leit, déi am Laf vum Joer esou mann wéi méiglech krank waren, eng Entschiedung oder e Kado ze ginn.

Roland Breyer, Schäffen :

Maacht e bësse lues Här Bosseler. Dat ass nach net alles. Der gesidd, datt de Chiffer beim Joer 2006 kleng ass. Dat wëll awer net heeschen, datt en onbedéngt zeréckgaangen ass. Mee en ass effektiv liicht zeréckgaangen. Ech kann iech awer och matdeelen, datt déi Kadosgeschichte net a Fro kënnst well mer 2007 schonn erëm amgaange sinn an d'Luucht ze goen. Dat huet awer héchstwahrscheinlech mat der Diskussioun iwwer den neien Organigramm ze doen. Do ginn d'Leit scho krank wann se drun denken, datt se elo mussen anescht schaffen. Do kommen e ganze Koup aner Saachen zesummen. Et soll een emol ofwaarde bis de Mee – wa mer dee ganzen Organigramm wäerten ëmgesat hunn – ier mer un d'Kadoen denken.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech géif awer trotzdem virschloen, datt dru geduecht géif ginn – sief dat um Plang vu sämtleche Gemengen an esou wéi se dat anerwärts gemaach hunn - eventuell e Wierksdokter ze hu bei deen ee geschéckt ka ginn. Well ech fannen, datt bei verschidde Saache besser misst kontrolléiert ginn.

Roland Breyer, Schäffen :

Ech hoffen, datt mer dat bis den 1. Mee ëmgesat hunn. An da gesi mer jo

wéi gesond oder wéi krank se nach sinn. Ech hoffen och, datt mer bis dohinner de Kollektivvertrag an de Südgemengen ofgeschloss hunn.

Lily Gansen (LSAP):

Also dat ass eppes, wat ech net esou ka stoe loossen. Et gëtt ee bezuelt an et soll ee schaffe goen. Dat ass alles. A wann ee krank ass, dann huet een e Recht drop, krank ze sinn. An net Kado oder Congésdeeg lénks a riets ginn, dat ass jo Quatsch.

Roland Breyer, Schäffen :

Madame Gansen, wann der deen neie Kollektivvertrag vun de Südgemengen eng Kéier richtig liest, da gesidd der, datt am Prinzip – vun der Saach hir – déi meescht vun den Aarbechter eng Pei kréien wat een eng „prime de présence“ kéint nennen. Esou bal se ufänken ze wibbele kréien se Primen derbäi.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer kënnen nach eng Kéier am Detail doriwwer diskutéieren, mee et gehéiert elo net heihinner.

Approbation à l'unanimité.

2.3.

Administration générale.

Décompte de travaux extraordinaires: canalisation et station d'épuration, travaux de canalisation dans l'intérêt de la crèche, du futur hall sportif multifonctionnel et des nouveaux logements à Rodange – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der wësst, datt mer amgaang sinn déi eenzel Dekonten opzeschaffe vun deenen extraordinäre Projeten, déi mer amgaang sinn ofzeschléissen oder déi ofgeschloss sinn. Hei ass de Projet vun der Kanalisatioun, dee mer gemaach hunn am Intressi vun der Crèche, der Sportshal an de Wunnengen zu Rodange. Do war en Devis gestëmmt gi vun 1.395.000 €, mer hate Kreditter vun 1.274.468,45 € a mer hunn effektiv Ausgabe vun 1.267.253,60 € gehat. Esou si mer am Kader vun dem Devis bliwwen. An ech géif och dësen Dekont zur Ofstëmmung bréngen, esou datt mer och deen Dossier kéinten ofschléissen.

Roger Klein (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech gesinn, datt bei den „Travaux de génie civil“ d'Aarbechten ëm 50.000 € iwwerschratt ginn. Dat si keng „hausses légales“, well déi sinn eenzel

opgezielt. Kann der mer do soen, wat de Grond heifir ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer hunn en Devis, dee gëtt opgestallt an da gëtt eng Ausschreibung gemaach. An deen déi bëlleegst Offer mécht, dee kritt et. Och wann déi bëlleegst Offer 50.000 € méi héich ass wéi dat wat mer virgesinn haten.

Roger Klein (LSAP):

D'Adjudicatioun ass 1,051 Milliounen € an d'Ausgab ass duerno 1,1 Milliounen €. Net den Devis, mee d'Adjudicatioun ass ëm 50.000 € iwwerschratt ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do misst een dann eventuell den Techniker froen.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat si Regiesaarbechten. Hei sinn déi net facturéiert ginn. Mee wat d'Ursach genee ass, dat muss ee klären.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat kënne mer awer noreechen. Fakt ass awer, datt mer ënner dem Devis bliwwe sinn. An dat ass wichteg.

Albert Muller (LSAP):

Et ass am Fong esou, datt ech déi selwecht Fro wollt stellen. Et ass jo och am Dekont selwer virgesinn, datt een dat schréfflech soll festhalen, also justifizéieren. Do steet jo och „Fournir des justifications pour des dépassements éventuels, a) par rapport aux devis; b) par rapport aux adjudications“. An dat ass net geschitt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech hu Versteesdemech fir esou Saache wa mer en dräifache Präis hätten. Mee wa mer 50.000 € iwwerschratt hunn op eng Zomm vun 1,4 Milliounen €, da schéngt mer dat net esou dramatesch ze sinn. Ech war hei am Gemengerot aner Saache gewinnt. Ech ka mech erënneren, datt mer 'A Rousen' beim Dräifachen driwwer louchen. Ech géif elo awer zur Ofstëmmung iwwergoe mat der Aschränkung, datt mer der Oppositioun déi Informatioun vun eisen Techniker gi loossen.

Accord à l'unanimité.

2.4.

Administration générale.

Contrat avec la société H&E de Rombas (France) pour la numérisation des registres de l'état civil des années 1904-2004 – approbation.

Roland Breyer, Schäffen :

Der kennt alleguer déi grouss Regëstere aus eisem Zivilstand, dat si grouss Bicher, déi de Moment jo versuergt ginn. Fir all déi Leit, déi nach „vivant“ sinn a bei deenen eng Ännerung an hirem Zivilstand virkënt, mussen dann esou „inscriptions marginales“ gemaach ginn. Dofir muss eent vun deene Bicher aus dem Keller eropgeholl ginn an da gëtt dobäi geschriwwen, datt se gescheed goufen oder datt ee gestuerwen ass. Dat bréngt ganz vill Aarbecht mat sech. Heiansdo kënt och ee laanscht fir en Extrait ze kréien an da mussen och déi grouss Bicher nees ervirgeholl ginn. Elo hu mer eng Firma fonnt, déi eis d'Numerisatioun vun deene Bicher géif maachen. Dat heescht, déi Joergäng vun 1904 bis 2004, also déi Joergäng, déi elo nach gebraucht ginn. Mer hu jo kee méi mat méi wéi 100 Joer an der Gemeng. Déi Bicher géifen dann esou ze soe gescannt ginn. Duerch en externen Interface, dee mer vum Sigi geliwwert kréien, kéinte mer dann och d'Aschreiwungen op déi Plaze maache wou se highéieren. Dat géif bedéngen, datt d'Manutentioun vun deenen décke Bicher net méi noutwenneg wier wann se eng Kéier gescannt sinn. De Mataarbechter hätt se dann op sengem Schiirm an e kann dann eppes derbäischreiwene. Dat bréngt och mat sech, datt déi al Dokumenter och besser versuergt kënne ginn, se net verschwannen oder onglécklecherweis ewech gehäit ginn. Och d'Aarbecht géif doduerch méi einfach.

Dat géif bedéngen, datt am ganzen 37.000 Mol misst gescannt ginn. An déi ganz Operatioun géif 33.000 € ouni TVA kaschten. Mä hu fonnt, datt et eng präiswäert Offer ass verglach mat deem, wat mer spéider aspueren kënnen. Mer géifen iech och bieden, do matzemaachen. Mer géifen dann och kucken, datt déi ganz Affaire och hei géif gemaach ginn, esou datt déi Bicher net aus dem Haus ginn. Déi ganz Aarbecht dauert e Mount, esou datt mer ganz séier kënnen an dat neit Instrument eriwergoen. An da musse mer drun denke fir vläicht all 10 Joer déi Bicher opzehuelen. Dat gëtt all Kéier eng kleng Ausgab fir awer „à jour“ ze si mat den effektiven Donnéeën vun eise Bierger, déi nach um Liewe sinn. An deem Sënn wollte mer ären Accord froe fir déi Ausgab ze maachen.

Albert Muller (LSAP):

Mä fällt op, datt d'Offer vun 33.000 € ouni TVA genee dee Montant ass, wéi och de Kredit, deen am Budget steet. Geet et do net duer mat dem Kredit fir dat ze bezuelen? Dat heescht, d'TVA

kënne mer net bezuelen. Gëtt do e Kredit nogestëmmt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat heescht ganz kloer, datt dat hei en Dossier ass, deen iwwert eng méi laang Zäit gemaach gëtt. Et gëtt esou guer an zwou Etappe gemaach. Do ginn et zwou Méiglechkeeten. Entweder geet et iwwer dat nächst Joer ewech an da wäert den zweeten Deel am Budget 2008 drastoen. Oder, wa mer méi séier fäerdeg sinn, da wäerte mer am rektifizéierte Budget 2007 déi Korrektur maachen. Am Ufank sollt dat Ganzt duebel esou deier kaschten, wou mer dann déi éischt 50 dëst Joer an déi nächst 50 dat anert Joer gemaach hätten. Mer hunn an der Tëschenzäit e Präis, dee vill méi déif ass, esou datt mer dovun ausginn, datt mer dat dëst Joer komplett kënne maachen. Prioritär war et virgesinn, een Deel dëst Joer an en aneren Deel dat anert Joer ze maachen.

Albert Muller (LSAP):

Ech gesinn, hei am Kontrakt steet „le délai global de la prestation est d'un mois“.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Jo, wa mer de 15. Dezember ufänken, da si mer de 15. Januar duerch. Mä bezuele keng TVA am Frankräich. Iwwer den ordinäre Budget gëtt dann d'TVA bezuelt. Dat souwisou. Et sollt an zwou Etappe gemaach ginn, mee well et elo esou bëlleg ass maache mer et an enger Etapp. Sief et, datt mer dann Enn Dezember ufänken oder datt mer et bei enger „modification budgétaire“ dat nach héichsetzen am September.

Roger Klein (LSAP):

Ech hätt zwou Froen dozou. Zielt de „prix unitaire“ vun 69 Cent oder de „montant global hors TVA“. Well wann ech de „prix unitaire“ mol d'Quantitéit vun den Dokumenter multiplizéieren, da kommen ech net op 33.000 €, a wann ech 33.000 duerch 0,89 dividéieren, da kommen ech net op Gesamtstéckzuel vun 37.078.

Nicolas Majeres (Gemengesekretär):

Et war eis am Sekretariat och opgefall, dofir hu mer et nogekuckt. Dat eent ass de Basispräis fir ze scannen, dat anert ass fir d'Dokument propper ze maachen. Dat ass den Ënnerscheid. Dat kënt nach derbäi. Doduerch datt d'Dokumenter nach musse propper gemaach gi kascht et dann am ganzen 33.000 €. Dat ass scho richteg.

Roger Klein (LSAP):

Dat heescht, datt d'Proppermaachen net deier ass. Et si just 2,58 € déi

feelen. Dat kann net fir d'Proppermaache sinn. Et ass just, datt déi Zuelen net opginn. Mee eng zweet Fro, déi méi wichteg ass, an déi mech och interesséiert, ass déi, wat do prestéiert gëtt. Et steet effektiv do, datt et eng Prestatioun ass, déi ee Mount dauert. Wéivill Leit kommen heihinner schaffen? Wat fir e Material gëtt do geliwwert fir dat ze maachen?

Nicolas Majeres (Gemengesekretär):

Si bréngen am Fong geholl e spezielle Scanner mat, wou och déi Gréisst vu Regëstere dropgeet a wou se net beschiedegt ginn. Dofir wëllen se dat jo och an enger Kéier maachen. Et kënt ee Mann vun där Firma heihinner, deen dat mécht. Si bréngen hiert Material mat.

Roger Klein (LSAP):

Dat heescht, déi 33.000 € ass de Präis fir ee Mount an d'Indemnitéit fir ee Mann oder eng Fra. Dat ass da gutt bezuelt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer hunn dat scho gemaach fir d'Joergäng 1800 bis 1904, déi honnert Joer si scho fäerdeg. An déi Zomm louch am Ufank bei 60.000 €. Bei den Aushandlung si mer elo op 33.000 € komm. Dat gëtt eis d'Méiglechkeet, dat elo direkt an integral ze maachen. Mer mussen dat elo nach mat hinne kläre wéini dat gemaach gëtt well mer jo musse kucken, wéini datt si disponibel sinn.

Mee fir eis ass de „fin mot“ positiv. Mer hu propper Dokumenter amplaz datt mer éiweg déi Bicher do auspressen a Kopie maachen. Wa mer dat nach e bèsse maachen, dann hu mer keen anstännegt Dokument méi. Op där aner Säit ass et och méi einfach ze manipuléieren an et geet méi séier fir de Client ze zerwéieren. Et ass eng Kéier een Invest. A wa mer all 100 Joer eng Kéier 33.000 € mussen investéieren, da kéinte mer domat liewen.

Approbation à l'unanimité.

2.5.

Administration générale.

Bâtiment administratif de Pétange – contrat d'entretien et de dépannage pour l'ascenseur – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm de Kontrakt fir de Lift am administrative Gebai hei zu Péteng op der Maartplaz. Et ass iech och all bewosst, datt, wa mer e Lift an engem

ëffentleche Gebai hunn, mer och 11 Visite pro Joer mussen assuréiere fir d'Sécherheet vun de Leit, déi do an an aus ginn, ze garantéieren. Dofir hu mer de Kontrakt mat der Firma General Technic Otis, déi eis dee Lift geliwwert huet, preparéiert. Dee Kontrakt leeft normalerweis iwwer fënnf Joer mat enger „tacite reconduction“ vun dräi Joer. Déi jährléich Redevance beleeft sech op 2.360 € ouni TVA „au nombre-indice“ 668,46 – dee gétt all Joer ugepasst. Dat hänkt jo ganz dovunner of wéi den Index an d'Luucht geet. 11 Mol am Joer gétt de Lift kontrolléiert. Kleng Reparatüre sinn och am Kontrakt mat dran. Gréisser Reparatüre mussen natierlech separat bezuelt ginn. Ech géif iech bieten, dësem Kontrakt zouzestëmmen.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt just froen, ob wat fir en Artikel déi Ausgabe gebucht ginn. Ech hunn näischt dozou am Budget fonnt. Ech wollt och soen, datt déi Formel vum „litige“ mer net gefällt. Well do steet dran „En cas de litige, la compétence exclusive est donnée aux Tribunaux de la Ville de Luxembourg“. Do huet mech den Term 'Ville' gestéiert. Ech géif iech éischter proposéieren, d'Formel vu Sudgaz ze huelen. Do steet „Toute contestation à laquelle pourra donner lieu cette convention sera portée devant les tribunaux luxembourgeois“. Ech fannen dat méi richteg ewéi wann do „Ville de Luxembourg“ steet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif mengen, datt dat zoustänneg Geriicht dat vun der Stad Lëtzebuerg ass wa mär hei betraff sinn. Dikrech an Esch kënnen et net sinn. An ech géif net mengen, datt dat esou e grouesse Punkt ass.

Am Budget ass et normalerweis de Punkt 6.111, Administratioun, deen zoustänneg ass fir all déi Saachen, déi mer vun auswäerts maache loossen. En aneren Artikel gétt et net.

Albert Muller (LSAP):

Et wier awer gutt wann een den Artikel géif mat an d'Informatioun eraschreien. Bei aner Projekte steet et jo och dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif da proposéieren, den Artikel an Zukunft dranzeschreiwe fir datt mer dee Problem net méi hunn. Dat kann een an d'Deliberatioun mat draschreien. Den Här Majeres kuckt, datt d'Artikelen déi aner Kéier dra stinn.

Approbation avec 13 voix, M. Pierre ayant quitté la salle.

2.6.**Administration générale.****Litige en matière de sinistre de chantier opposant l'administration communale à un assureur: autorisation d'ester en justice – décision.****Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Hei geet et ëm e Litige am Kader vun engem Sinister um Schantje vun der Päscher-Schoul a wou mer iech froe fir eis d'Méiglechkeet ze gi fir viru Geriicht kënnen ze goen an d'Interesse vun der Gemeng Péteng ze verdeedegen.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass leider esou, datt mer net mat den Assurancen eens ginn. Ëm wat geet et? Et ass schonn ugedeit ginn. Wéi den „échangeur terrestre“, dee soll déi kal Loft an d'Gebai erabringen an och déi waarm Loft evakuéieren, geluecht gouf, ass duerno festgestallt ginn, datt dee beschiedegt war an déi Réier net funktionnéieren. Et ass mat enger Kamera gekuckt a festgestallt ginn, datt do en „affaissement“ an deene Réier ass. Elo gétt gefrot, wee schëlleg ass. Do war dann e ganze Koup Leit, déi do intervenéiert sinn. Engersäits d'„Entreprise de construction“, déi op der Plaz war. Anersäits och d'Entreprise, déi de Bau gemaach huet; de „bureau de contrôle“, deen dat sollt iwwerwaachen; den Architektbüro, deen de Konzept sollt maachen; den Ingenieurbüro, deen dat guttgeheesch huet. An all Mënsch weist mam Fanger op deen aneren. Et ass esou, datt festgestallt gouf, datt dat Ganzt elo muss nei gemaach ginn. Alles muss erausgeholl ginn. Mer hunn och schonn en neien „échangeur“ kaf, mer hunn en och scho virfinanzéiert an och schonn déi néideg Constaten op der Plaz gemaach. Dat Ganzt wäert sech op 130.000 € bis 180.000 € belafen, wann net esou guer bis op 200.000 €. Et ass also e relativ deiere Sinister. Mer hu gemengt, et misst op d'mannst een responsabel sinn. D'Responsabilitéit sinn de Moment um Niveau vun der „présomption de responsabilité“. All Mënsch weist op deen anere mat dem Argument, wann der eis dat gesot hätt, dann hätte mer dat och esou gemaach. Déi aner soen, se hätten et esou gemaach wéi se dat gesot kruten. Mer haten awer nach dobäi eng Assurance „tous risques chantier“ ofgeschloss fir roueg ze si wann eppes am Laf vun de Bauarbechte géif virkommen. Deen Assureur seet elo, datt, wann awer elo ugeholl gétt, datt deen oder deen e Feeler gemaach huet, si net opzekomme brauchen. Well bei eis steet eng Klausel dran, datt, wann

iergendwéi kloer ass, datt en anere schëlleg ass, d'Assurance net bezilt.

Elo si mer un Niveau vun den Assurancen, wou een deem aneren de Ball zougehät. Mer hu mat dräi Assurancen ze doen. De Foyer an d'Luxembourgeoise decken d'Acteuren um Terrain of. D'Axa ass déi Assurance, déi den „tous risques chantier“ huet. Ech hu versicht – an d'Madame Conter war och derbäi – a Reunionen hei ëm de rennen Dësch, wou de Sall bal net grouss genuch war fir all Expert ënnerdaach ze kréien, en Arrangement ze kréien. Dat schéngt awer net méiglech ze sinn. Et war ugeklongen, datt en „arrangement à l'amiable“ méiglech wier, mee et schéngt elo esou ze sinn, datt et nëmme geet, wa mer dee konsequente Wee ginn. Wann der eis et erlaabt a mer d'„autorisation d'ester en justice“ hätten, da géife mer fir d'éischt d'Axa usiche well mer mengen, mer hätten eng Versécherung ofgeschloss ebe just fir de Fall, datt do eppes géif virkommen. Da sollen si bezuelen a kucken, weider ze verdeelen. Dee Wee wollten se net matgoen well se soen, datt ee vun deenen aneren zwee sollt bezuele well et kloer ze si schéngt. Wann déi zwee och net wëllen, da ginn déi och mat ugesicht. Mer géifen da soen, fir „à titre principal“ d'Axa als „assureur décennal“ unzesichen, an „à titre subsidiaire“ déi aner zwou Assurancen als Intervenante vun deenen Acteuren, déi um Terrain sinn.

Mer haten hinnen nach e leschten Delai gesat fir sech erauszedecken. D'Axa bleift bei hirer Positioun, déi aner Assurance bleiwen och op hirer Positioun, esou datt mer elo keen anere Wee gesinn. Ech hoffen, datt d'Press dat esou esou erëmgétt, an datt vläicht een d'Asiicht kritt wann et dat liest an datt dat eng gutt Reklamm ass fir eis Assurancefirmen, déi niewebäi och nach eis Assureure sinn.

Mer hunn eis dat och opgehalen an enger aner Entrevue, déi mer mat hinnen haten. A mer hu gesot, datt, wa mer eis hei net eens ginn, da géife mer eis och net eens ginn an de Kontrakten, déi mer sollen ënnerschreien. Mer wëllen eng Kéier konsequent ginn, egal wéi se heeschen. D'Gemeng ass en décke Payeur hei an den Assurancen a mer hätte gären, datt, an deem Fall – esou wéi hei – wou mer absolut guer näischt dermat ze doen hunn, mär och ouni Schued müsssten erauskommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass d'Aleedung gewiescht an och dat, wat de Schäfferot festgehalen huet. Et geet net nëmme eleng duer fir Assurancen ze maachen, mee se gi

jo an engem But gemaach. A wann déi Situatioun eng Kéier antrëtt, da muss een och déi néideg Ënnerstëtzung kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wëll net vill soen, mee ech wëll am Fall vun der Axa drop hiweisen – esou wéi den Här Breyer dat och gesot huet -, dass een esou eng Assurance „tous risques“ mécht fir wann emol esou eppes virkënnt. An ech sinn och der Meenung, dass si emol fir d'éischt solle bezuelen a sech da mat deenen aneren eens ginn. A wann et um Geriicht ass, dann ass et eben um Geriicht. Mee d'Gemeng soll awer hir Sue kréien, well soss brauch ee jo keng Assurance.

Carlo Gira (CSV) :

Meng Interventioun geet e bëssen an déi selwecht Richtung. Et huet ee jo eng Assurance déi opkënnt fir e Schued. A wa se net averstane sinn an en anere schëlleg ass, dann ass et jo un hinne fir e Recours ze maachen. Dofir verstinn ech net, firwat mär als Gemeng musse virbezuele wa mer eng Assurance hunn, an déi net dofir opkënnt.

Roland Breyer, Schäffen :

Et kéint ee vläicht dat heiten aus dem Assurancewiese soen. Egal bei wat fir enger Compagnie een eng Assurance „tous risques chantiers“ mécht, et steet ëmmer dran, dass kee Recours gemaach gëtt. Dat heescht, wann eng Assurance „tous risques chantiers“ bezillt, da mécht se kee Recours. Wann déi Compagnie géif bezuelen – egal ween dat elo ass -, da kann se kee Recours méi maachen. Dofir hunn se déi Klausel dran, dass, wann eng „présomption de responsabilité“ besteet an ee mengt, de Feeler léich bei engem aneren, et direkt un deen ofgi gëtt well se duerno d'Méiglechkeet net méi hunn, un deen erunzuegoen. Dat ass en Arrangement, deen hei am Land besteet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dofir hate mer gekuckt fir en Arrangement ze fannen an eis mat hinnen zesummenzesetzen.

Albert Muller (LSAP):

Wéi ech d'Deliberatioun gelies hunn, hunn ech mer d'Fro gestallt, ëm wat fir eng Zomm et do geet. An ech hunn elo héieren, dass et ëm e Montant vun 130.000 € bis 180.000 € a bis bal 200.000 € geet. Ech fannen, dass et vill Sue sinn an dass et derwäert ass fir viru Geriicht ze goen an déi Suen anzekloen.

Accord à l'unanimité.

3.1.

Propriétés.

Vente à la société «Garage Roger & Diego sàrl» d'un terrain sis à Pétange, rue Robert Krieps – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Deen éischte Punkt ass eng „décision de principe“. Hei geet et ëm de Verkaf un d'Firma Roger&Diego. Do sinn d'Propriétaire vum Garage, den Här Roger De Angelis an den Här Diego Vincenzo Cortolezzis, un eis ugetrueden. Si hunn zënter dem 6. Juni 1986 mat engem „bail emphythéotique“ hire Garage ënnen „In Egent“, wéi dat do heescht. A si wëllen elo gär den Terrain kafen. Dat sinn zwee Loten. Deen een Terrain ass 20 Ar an 1 Zentiar grouss, deen zweeten Terrain ass 12 Ar an 1 Zentiar grouss. Dat Ganzt beleeft sech op 147.677 €. Ech géif iech biede fir deem zouzestëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wëll awer drop opmierksam maachen – a besonnesch de Verkéiersschäffen -, dass mer dat nach eng Kéier wëllen an d'Verkéierskommissioun huele well jo do och nach aner Fakte matspillen. Och wa mer dat elo stëmmen.

Roger Klein (LSAP):

Ech begrëissen et, dass do e weidere Betrib en Terrain keeft zu engem Präis, deen 1986 festgeluecht gouf an deen un de Präisindex gebonne war. Ech hunn dat emol ausgerechent. Mer verkafen do Terrainen an enger „zone commerciale et artisanale“ fir 4.612 € den Ar. Wa mer dann emol e gläichwäertegen Terrain ugebuede kréien, da wéisste mer jo och, wéi d'Basis vun der Diskussioun kéint ausgesinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ob mer awer do eens géife ginn, dass ass eng aner Fro.

Accord avec 12 voix, Mme Gansen et M. Muller ayant quitté la salle.

3.2.

Propriétés.

Echange d'immeubles sis à Pétange, lieux-dits «rue J-B Gillardin», «rue de l'Eglise» et «rue des Ecoles», entre la commune de Pétange et la Congrégation des Soeurs du Tiers Ordre Régulier de Notre Dame du

Mont Carmel S.A. avec siège à Luxembourg – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm en Echange vu Gebaier hei zu Péteng an der rue J.B. Gillardin, an der rue de l'Eglise an an der rue des Ecoles. An zwar ass dat tëscht eiser Gemeng an der „Congrégation des Soeurs du Tiers Ordre Régulier de Notre Dame du Mont Camel SA“. Et ass jo allgemeng bekannt, dass d'Fleegeheim soll vergréissert ginn an dat hei ass den Zweck dovunner. Mer tauschen en Haus mat engem Schapp – wann een dat esou kann nennen – mat allen „appartenances et dépendances“, wat am Kadaster festgehalten ass. Dat Ganzt sinn 9 Ar an 6 Zentiar. Mär kréien als Echange – an dat läit och an dëser Enceinte mat dran – 7 Ar an 58 Zentiar. D'Congregatioun ass averstane fir e befuerbare Wee do ariichten ze loosser, deen op den Terrain vun der Gemeng higeet. An zwar och doduerch well den Echange sech „sans soulte“ mécht, wéi dat am Fachjargon heescht. Dofir géif ech bidden, dësen Acte guttzeheeschen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass mer just opgefall, dass déi zwou Damen déi selwecht sinn ewéi 2005. Do hunn se Soeur Brigitte Schneiders a Soeur Fanny Koedinger geheescht. Elo heeschen se Madame Brigitte Schneiders a Madame Fanny Koedinger. Ass do an der Tëschenzäit eppes geschitt?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Eng Soeur ass och eng Madame. Se ginn och als Madame ugeschwat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll elo hei an den Detail eragoen an dofir ginn ech dem Här Majeres d'Wuert elo fir de Vote.

Approbation avec 12 voix, Madame Gansen et M. Rosenfeld ayant quitté la salle.

3.3.

Propriétés.

Reprise, de la société «Bati-Consult sàrl» de Luxembourg, du lotissement «Ronwiss» sis à Lamadelaine – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et och ëm d'Approbatioun vun engem Acte. An zwar geet et do ëm de Lotissement „Ronwiss“ mat der Firma Baticonsult. Dat si verschidde Parzellen.

Déi eng läit an der Sektioun B zu Rolleng, an zwar an der avenue de la Gare. Et ass de Lot 5/2 mat 39 Zentiar, de Lot 6/2.2 mat 72 Zentiar, de Lot 7/2.2 mat 45 Zentiar an de Lot 8/2.2 mat 15 Zentiar.

An der Sektioun C vu Rodange, och genannt „Ronnwiss“ hu mer och eng Parzell vun 13 Zentiar an eng vun 20 Zentiar.

An der Sektioun B vu Rolleng, genannt „rue de la Maragole“ an „avenue de la Gare“ leien eng Kéier 80 Zentiar an eng Kéier 12 Ar an 29 Zentiar.

An der Sektioun C vu Rodange, am lieu-dit genannt „rue Nicolas Bieber“ an „Ronnwiss“ leien 45 Zentiar, 3 Ar an 98 Zentiar, 4 Ar an 32 Zentiar, 18 Ar an 83 Zentiar, 77 Zentiar, 15 Zentiar, 7 Zentiar, 15 Zentiar, 2 Zentiar. Dat sinn am ganzen 43 Ar an 87 Zentiar.

Well awer vun deenen 43,87 Ar am ganzen 42,26 Ar ee Véirel vun der Fläch vun dem Lotissement „Ronnwiss“ duerstellen – wat der Gemeng gratis zoukënnt – keeft d'Gemeng nach 1,61 Ar zu engem Präis vun 6.601 €. An ech géif iech bieden, deem zouzestëmmen.

Approbation à l'unanimité.

3.4.

Propriétés.

Vente, à la société «Anciens Etablissements Holcher & Conzemius sàrl» de Rodange, d'un terrain industriel sis à Rodange, rue de l'Industrie – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm d'Zoustëmmung fir e Verkafsakt un d'„Anciens Etablissements Holcher & Conzemius“, déi vertrauede waren duerch d'Häre Lionel Mertes an de Carlos Goncalves da Silva. Et geet hei ëm en Terrain, deem an der rue de l'Industrie zu Rodange, Sektioun C, läit. En huet eng Contenance vu 5 Ar a 25 Zentiar. De Verkafspräis ass 12.500 € den Ar, esou datt dat Ganzt sech op 65.625 € beleeft. Ech géif iech bieden, deesen Acte och ze stëmmen.

Approbation à l'unanimité.

3.5.

Propriétés.

Vente, à la société «Garage Reinert sàrl» de Pétange, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Fohlenazing»,

par l'administration communale de Pétange – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat hei ass och nach eng Kéier d'Approbatoun vun engem Verkafsakt mat dem Garage Reinert vu Péteng, deem am lieu-dit «Fohlenazing» läit. D'Firma war duerch den Här Reinert selwer vertrauden, deem de Gérant ass. Dat Ganzt huet eng Fläch vun 22 Ar an 20 Zentiar. De Verkafspräis beleeft sech op 94.955 €. Esou war och de Compromis ënnerschriwwen ginn a vum Inneministère approuvéiert ginn. Ech géif iech bieden, och deesem Acte zouzestëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hu jo hei de Plang virun eis leien. Mee do gesi mer nees esou kleng Ecken, wou mer spéiderhin dann nees Emprise musse maachen. Ech wëll just op déi ganz Saach opmierksam maachen. Mer miissten awer eng Kéier do drugoen. Et drängt sech op.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass scho richtig, wat der sot. Mee am Kontext vun deesem Acte kënnen mer elo net eppes anescht maachen ewéi dat wat am Compromis virgesinn ass. Mer miissten dat awer déi nächste Kéier virgesinn. Do ass och nach esou Muenches ze maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mer miissten déi nächste Kéier d'Emprise direkt mat eranhuelen.

Approbation à l'unanimité.

4.

Personnel.

Création provisoire d'un poste de travailleur handicapé (m/f) à durée déterminée – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

D'Regierung esou gutt wéi de Syvicol maachen dauernd Opriff fir Leit, déi e klengen Handicap hunn, anzustellen an de Gemengen, an den öffentlechen Servicer. Mer wollten eis deenen Opriff net verwieren. Et ass jo gewosst, datt mer hei an der Gemeng e Posten hu wéi dee vum Huissier. Mer wëssen och, datt dee Mann esou lues ufänkt un d'Pensioun ze denken. Mer hu geduecht, datt dat eventuell eng Méiglechkeet wier fir eng Persoun mat engem gewëssen Handicap an eis Reie mat eranzehuelen an déi op eng zukünfteg Aarbecht als Huissier virzubereeden. Mer wëssen och, datt mer déi 5% op administrativem Plang net onbedéngt ganz erfëllen. Dofir

awer bei den Aarbechter, esou datt mer mengen, mer kéinten hei e Versuch maachen. Mee fir dee Versuch awer net an eng Sakgaass ze féieren an duerno och nach eng schlecht Erfahrung ze maachen, schreiwe mer dee Posten emol fir ee Joer aus. Dat ass esou diskutéiert ginn an et géif eis och esou erlaabt ginn. Mer hunn eis Beamtendelegatioun gefrot, ob se mat deem Wee averstane wier a vun hir och e positiven Avis heizou kritt. A wann der domat averstane wiert, da géife mer kucke fir eng Persoun ze fannen, déi als „aide-huissier“ géif agestellt gi fir ee Joer. An déi Persoun géif dann an d'Carrière vun dem „employé communal classe B1“ aklasséiert ginn. A mer géifen da beim „Service national de placement des travailleurs handicapés“ kucke fir eng Proposition ze kréien an ob och esou Leit do wieren, déi eventuell déi Charge kéinten erfëllen, an zwar administrativ Saachen erleedegen an och eventuell de Führerschäin hu fir dobausse verschidden Aarbechten ze maachen. Et ginn d'Leit jo. Dat ass dee Posten, dee m'är heibanne bräichten, mee et huet och kee Wäert fir ze soen, mer huele een heihinner a mer kënnen näischt mat him ufänken. Dat hei wier eng sënnvoll Beschäftegung fir déi Persoun an et wier och gutt fir eis wa mer esou eng Persoun kéinte fannen. Wann der averstane wiert, da géife mer dee Posten emol ausschreiwen a kucken, wat mer ugebuede kréien.

Roger Klein (LSAP):

Et ass ganz sécher eng luewenswäert Initiativ, d'är een sech uschlësse kann. Ech géif just de Schäfferot bieden – an ech hat dat och schonn an engem anere Kontext gemaach – och an d'Decisioun ze schreiwen „travailleur handicapé (m/f)“, esou datt mer do kee Feeler maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Uewe steet et schonn, da schreiwe mer dat och nach ënne mat drop.

Camille Bosseler (CSV) :

Et ass ze begrëssen, datt esou e Mënsch d'Chance kritt fir eng Plaz ze kréien. Ech wollt just froen, ob mer domat eise Quorum erfëllt hunn.

Roland Breyer, Schäffen :

Wa mer heibannen esou eng Persoun géifen derbäi kréien, dann hätt mer der zwee. Mer hu ronn 40 Leit heibanne beschäftegt, a 5% wieren der 2, dann hätt mer de Quorum méi oder wéineger erfëllt.

Accord avec 13 voix, M. Pierre ayant quitté la salle.

5.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei geet et drëm fir d'Kontrakter guttzeheesche vu Leit, déi an der Primärschoul an an der Musekschoul ersetzen. Et ass eng Formsach.

Ratification avec 11 voix, MM. Breyer, Gira et Klein ayant quitté la salle.

5.2.

Enseignement.

Colonies scolaires: octroi d'un subside (solde de 2007) à l'association «classe de Neige de la Commune de Pétange» - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der wësst, datt mer ufanks 2007 mat 141 Kanner an d'Schnéiklasse waren. D'Käschte vun dëser Rees belafen sech laut dem definitive Bilan vun der „Association Classes de Neige“ op 53.890,61 €. Dovunner sinn 23.460 € duerch d'Elteren iwwerholl ginn, de Rescht dréit d'Gemeng. Esou datt ee ka soen, datt d'Elteren 30% an d'Gemeng 70% droen. Dat ass en Taux, dee mer eis am Fong an deene leschte Joeren ëmmer fixéiert haten. Mer hate bei deenen 53.890,61 €, déi d'Gemeng muss bezuelen, den 28. November 2006 en Akkont vun 27.600 € bezuelt. Da bleift e Rescht vun 26.290,61 € ze bezuele fir deen de Schafferot elo nach d'Erlaabnes kréie muss fir en ze iwwerweisen. Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, datt déi Rees pro Schüler 548 € kascht. Dat ass jo och interessant ze wëssen. Dovunner bezuelen d'Elteren 30% an d'Gemeng 70%.

Romain Becker (Déi Gréng):

Eis Meenung zu deene Schivakanzen kennt der jo. Mee wat ech awer ganz witzeg a léif fannen, dat ass, datt am Budget opgezielt ass „Taschengeld Lehrer“. All Respekt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der hutt vergiess, d'Zomm ze soen. Fir zing Deeg geet een do net wäit iessen.

Accord avec 11 voix et une abstention (Déi Gréng). MM. Breyer et Gira ayant quitté la salle.

6.

Sécurité.

Vaccination de masse: acquisition de matériel de première nécessité – approbation du devis et vote d'un crédit spécial.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei solle mer fir d'éischt den Devis guttzeheeschen an duerno e „crédit spécial“ stëmmen. Vum Statsministère krute mer operluegt, e „plan d'intervention“ virzeleeën. Do geet et ëm de „plan nombreuses victimes“. Ech hoffen net, datt dat je eng Kéier passéiert, mee mer mussen eis op alle Fall virbereeden. An dofir mussen mer „matériel de première nécessité“ akafen. Wat mer do brauchen, dat sinn ë.a. Feldbetter, Drobiren an Decken, wann eemol hei eng Massenimpfung oder e gréisser Rettungsaktioun misst gemaach ginn.

Mer hunn dat Ganzt och ausgerechent a kommen op e geschatenen Devis vun 23.546,26 €. Dat ganzt Material kéinte mer bei de Pompjeeë stockéieren. Si wieren domat averstane fir dat do ënnerzebréngen. A wann emol e gréissert schlëmmt Akzident geschéich – sief dat mat dem Zuch oder op der Collectrice – da kéinte si op dat Material zeréckgräife wa si et bräichten. Ech géif iech bieten, déi Zomm ze stëmmen, esou datt mer kënnen dat Material kafen an datt mer agedeckt wiere wann esou e Fall sech hei géif presentéieren.

Albert Muller (LSAP):

Ech fannen dat eng ganz gutt Saach, datt dat Material ugeschaf gëtt an datt et bei de Pompjeeë stockéiert gëtt. Well dat si jo déi éischt, déi et op d'Plaz kënnen bréngen wou et gebraucht gëtt. Ech froe mech just, ob nach genuch Plaz bei de Pompjeeën ass fir alles ënnerdaach ze kréien oder ob nach vläicht misst un d'Kafe vun engem Container geduecht ginn, esou datt een dat kéint heibausse stockéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Si hunn eis verséichert, datt nach genuch Plaz do wier fir alles ze stockéieren. Är Iddi ass net schlecht, a wann et net géif duergoen, da kéint een nach ëmmer dorop zeréckgräifen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Si sinn op alle Fall Demandeur fir dat ze stockéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et ass jo schonn esou Muenches an et hëlt och Plaz an. Mee haut sinn déi

Feldbetter an Drobiren esou gemaach, datt een se kann openee leeën. Do mussen mer just kucken, wat mer kréien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass eis alleguer sécher opgefall, datt an dem „aide-mémoire“ eng Deliberatioun dra war, déi duerchgestrach ass. Do steet nämlech nach dran, datt mer als Gemeng géife proposéieren, déi Feldbetter zur Verfügung ze stellen, wann emol Besuch géif kommen. Et wier zwar eng gutt Saach, mee et ass jo net dofir geduecht a wa grad an däer Zäit eppes geschitt, dann hänke mer nees. Gëtt dat da bäibehale, datt mer d'Better kënnen benotze fir eis Visiteuren, wann deen Abschnitt aus der éischter Deliberatioun an – hoffentlech – och aus eise Käpp ausgestrach gëtt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Diskussioun, firwat mer se benotzen, ass nach net fäerdeg. Et war effektiv doru geduecht gi fir dat effektiv bei esou engem Besuch ze benotzen. Mee et ass awer esou, datt mer an dëser Phas dat nach net wëllen esou am Detail festleeë bis mer emol mat de Pompjeeë geschwat hunn a mer wëssen, wat mer vu Material kréien. Dat ass jo och e logistesche Wee fir ze kucken, wéi kréien déi Leit dat. Et ass sécherlech nach net ausgeduecht. Op jiddfer Fall ass déi éischt Prioritéit d'Massenimpfung oder wann eppes Gréisseres virkënt. Mat eise Partner ass och nach ze diskutéieren wéi zum Beispill bei enger Kavalkad op dat Material kéint zeréckgegraff ginn. Dofir hu mer deen Abschnitt erausgestrach, welle mer dat nach fir d'éischt wëlle mat hinne klären.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et wier jo awer ganz dramatesch, wa grad deen Owend eppes geschéich, wou eis auslännesch Gäscht op eise Feldbetter schloufen, zougedeckt mat eisen Decken, déi mer u sech a Katastrofefäll benotzen. Da sëtze mer awer mat dem Fanger an Mond wann eppes mat engem Zuch passéiere géing oder wann e Bus e Rampli op der Collectrice erof géing.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et muss ee wëssen, datt den Haaptgrond fir dëst Material d'Massenimpfung ass, déi am Pétenger Sportszentrum soll duerchgefouert ginn. Wa Leit géife vun deem Material Gebrauch maachen, dann ass dat och haaptsächlech an der Sportshal, wou dat stattfënt. Ech huelen einfach emol d'Beispill vun der Kavalkad, well dat elo e rezent Beispill ass. Dee Moment, wou

Leit drop schlofen, da miissten se opstoen wann esou e Fall géif oprieden. Dat wier jo awer eng Selbstverständlechkeet. Mee et muss een all déi Beispiller eng Kéier duerchdenken. A wann se net kompatibel wieren, da géife mer natierlech net drop zeréckgräifen.

Camille Bosseler (CSV) :

Et ass ze begréissen, datt mer an déi Richtung ginn a virun enger Katastroph esou eppes uschaffen, an net waarde bis eng Katastroph geschitt. Wat de Stockage bei de Pompjeeën ugeet, esou fannen ech dat och ganz gutt. Ech mengen, dat wier déi beschte Plaz well si jo och déi Leit sinn, déi agräife musse wann esou eng Saach virkéim. Et hofft een net, datt esou eppes kënnt, mee et kéint jo awer emol de Fall sinn.

Approbation à l'unanimité.

7.1.

Transports et communications.

Règlements temporaires de la circulation routière – confirmation.

Roland Breyer, Schäffen :

Hei geet et ëm d'Mouken an d'Fräschen. Mer hate jo hei scho rieds dovunner an esou séier wéi se ugefaangen hunn ze wibbelen ass d'Reglement och geholl ginn. Dat war vum 8. März un a wou mer rechnen, datt zwee Méint laang dee Wee, deen op d'Weiëre féiert, zou ass tëscht owes 8 a moies 7 Auer (Wanterzäit) an elo tëscht owes 9 a moies 7 Auer (Summerzäit). An dee Wee, dee vun der rue du Vieux Moulin eropféiert bis an d'rue de la Montagne, dee wier dann an zwou Richtungen ze befueren. D'Virfahrt hunn déi, déi vun ennen aus der rue du Vieux Moulin eropfuere. Dat ass dat Reglement, dat mer all Joer hei huelen an dat de Moment och schon applizéiert gëtt. Mer hunn och bis elo – laut deem, wat mer héieren hunn - keng Schwierigkeete gehat.

D'Madame Gansen hat och d'lescht Kéier gesot, datt um Fousswee fir op de Weië, um éischten Deel Luuchte stinn, um zweeten Deel awer net. Mer kucken awer fir der dohinner ze setzen, déi mer op Sockelen hunn. Dat wäert awer net elo direkt geschéien, mee mer kucke fir dee Wee spéiderhin ze belichten. Et ass zwar e Privatterrain a mer musse kucken, wéi wäit mer do kënne goen. Mee mer kucken, datt een awer sécher an dréchen dohinner kënnt.

Roger Klein (LSAP):

Ech ka mech erënneren, datt mer am leschte Gemengerot eng Diskussioun

haten iwwer d'Op- an Zoumaache vun der Barrière. Klappt dat esou, wéi mer eis dat virgestallt haten ? Gëtt dat och vum Wiert gemaach?

Gilbert Welter, Schäffen :

De Wiert mécht dat. Ech mengen, mer haten eis jo beméit, een ze fannen, deen d'Barrière op- an zoumécht. D'lescht Joer huet och eng Privatpersoun dat gemaach. Vun der Ëmwelt hu mer kee fonnt. Mer hu laang gesicht, an ech bedauern dat och ganz staark. Mee do stoung keen zur Verfügung. A wa mer dat selwer gemaach hätten – dat war och eng Méiglechkeet -, da wier et ganz deier ginn. An ech hunn dat do kontrolléiert. Et gëtt ganz genee op d'Minutt zougemaach. Dat klappt ganz gutt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt dat do och froen. Merci fir d'Informatioun. Ech hunn awer nach e Virschlag. An Däitschland hunn ech e flotte System gesinn, wéi een de Fräschen, respektiv de Mouke kann en Tunnel maachen. A esoubal ech déi Informatiounen hu géif ech iech déi zoukomme loosse. Well ech hu mer geduecht, datt, a Stroossen, wou Infrastrukturen draieien, dat net esou einfach ze realiséieren ass. Mee well just d'Strooss hei ass wier et jo ëmzesetzen an da bräichte mer eis keng Gedanken ze maachen wee wéini wat fir ee Schéld ophänke geet oder ween wéini wou zouspäre geet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mär soe merci dofir.

Confirmation à l'unanimité.

7.2.

Transports et communications.

Renouvellement des infrastructures souterraines dans la rue Charlotte à Rodange – approbation du devis, des plans et de la convention de préfinancement conclue avec la société Sudgaz d'Esch-sur-Alzette.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat zweet Reglement ass a Verbindung mat den Aarbechten, déi zu Rodange an der Charlotte-Strooss ugefaangen hunn. Do si mer amgang, zesumme mat Sudgaz, d'Infrastrukturen ze ersetzen. Déi Aarbechte wäerte bis zum Enn vum Joer daueren. Am Laf vun där Zäit ass dann och de Verkéier an d'Stationéieren an där Strooss verbueden.

Sudgaz huet déi Aarbechte ganz dréngend mussen ugoen. Mär ginn all

Kéier gefrot a mer kucken, wou mer kënne matmaachen, well mer eis dat jo net ëmmer kënne leeschte fir eis Zukunft esou ze belaachten. Hei huet et sech awer erweisen, datt de Kanal an d'Waasserleitung schlecht wieren an datt et sënnavoll wier fir sech den Aarbechte vu Sudgaz unzeschleissen. Sudgaz virfinanzéiert dat well se ganz kuerzfristeg déi Aarbechten uginn. Mär wäerten dann och de Kanal ersetzen, d'Waasserleitungen, d'Kollektivantenn an och déi öffentlech Belichtung a Stand setzen. Do kucke mer matzemaachen. Den „devis estimatif“, dee vu Sudgaz opgestallt gouf, leeft dann op 510.000 € eraus. Et ass och eng Konventioun gemaach ginn, an där märe eis engagéieren, fir déi Suen dat anert Joer zeréckzebezuelen.

Den Här Pierre hat och virgeschloe fir d'Verkéiserssituatioun an der Prince Jean-Strooss ze änneren. Dat hu mer aus der Stad erëm, esou datt mer dat och elo kënne maachen. Et war jo och ëmmer eng Saach vum gudde Wieder, esou datt mer d'Strécher kënne zéien. D'Hoffnung ass berechtigt, datt dat och geschwé geschitt.

Approbation à l'unanimité.

8.1.

Sports et loisirs.

Acquisition d'une installation de chronométrage pour la piscine de Rodange – approbation du devis.

Gilbert Welter, Schäffen :

Hei geet et ëm den Akaf vun der Chronometerinstallatioun. Der kënnt iech erënneren, datt mer schonn an deene leschte Budgetsdebatten driwwer geschwat haten. Wa mer e Chronometer hunn, da kënne mer och national an international unerkannte Competitiounen an der Schwämm zu Rodange hunn. Et ass esou, datt mer zënter dem 12. März 2007 en Devis vun 72.000 € virleien hunn. Ech wier frou, wa mer deen Devis vun iech kéinte guttgeheescht an dann och den Accord kréien, fir dat Material ze kafen an z'installéieren.

Albert Muller (LSAP):

Wann ech an der leschter Gemengerotssëtzung den Devis kritiséiert hat, esou wëll ech mech awer haut erëmkafe. Ech stelle fest, datt mer dës Kéier zwee Devis presentéiert kréien, déi dem Soumissiounsgesetz entsprechen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hu just eng Fro dozou. Ech fannen dat eng zimlech héich Zomm. Wéi

dacks soll dee Chronometer gebraucht ginn? Däerf d'Schoul – wann d'LTMA-Schüler jee eng Kéier dohinner schwamme solle goen – dee Chronometer och benotzen oder ass dat nëmme d'Gemeng, déi bestëmme kann wie wat benotzt? Ech denke jo och, datt dee fir den normale Schwammerberäich net a Betrib ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann een e Veräin huet wéi de Schwammclub vun der Gemeng Péteng, dee vill Aktivitéiten huet, da muss deen an Zukunft och esou eng Installatioun hu fir iwwerhaapt eng Kompetitioun op nationalem oder internationalem Plang kënnen ze organiséieren. Et weess een, datt dee manuelle Chronometrage néierens méi unerkant ass an da kritt een och kee Schwëmmer oder en anere Sportler un de Start. Mer hunn zwou Schwämmen, wou mer dee Chronometer hei kënnen benotze well en ass portabel. Et steet awer elo näischt deem am Wee, wann d'Pompjeeën zum Beispill um Enn vum Joer hire Schwammdag am PiKo hunn a wann se eng Anlag wëllen hunn, da wäerte mer och do eng Méiglechkeet fanne fir hinnen déi zur Verfügung ze stellen. Mer mussen awer kucken, datt se déi Anlag och kënnen manipuléieren, datt se eens ginn domat. Mee ech sinn iwwerzeegt, datt si dat kënnen an datt se do och déi néideg Ënnerstëtzung vum Schwammveräi kréien. Fir all gréisser Manifestatioun soll se zur Verfügung stoen, mee et ass elo net esou, datt se fir all Schwammmoment oder all Schwammklass do ass.

John Polfer (CSV) :

Ech si frou, datt mer elo endlech en Devis hei leien hunn. Et huet jo laang gedauert an och déi Propositionen, déi de Schwammclub eraginn hat, gounge jo och emol verluer. Ech hoffe just, datt all deem, wat proposéiert gouf, Rechnung gedroe gouf. Net datt duerno eppes feelt. Well d'Federatioun huet Programmer, wou d'Resultater direkt gerechent ginn. Ech hoffen, datt déi och dodra sinn. Ech kenne mech selwer net esou doranner aus an deem, wat do muss sinn. Mee ech hat deene Responsable vun der „nage classique“ schonn Detailler heivunner ginn an et huet kee méi zeréckgeruff an eppes reklaméiert. Dofir hoffen ech, datt dat klappert. Ech mengen net, datt de Schwammclub „main mise“ op dat do wëll hunn. De Buergermeeschter huet et jo och schonn ugeschat, datt, wann d'Pompjeeën eng gréisser Manifestatioun hunn oder den LTMA, si och dovunner kënnen profitéieren. Ech sinn och iwwerzeegt dervun, datt de Schwammclub eng Hand mat upéckt wann Nout um Mann ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Hei ass elo eng Neiegkeet gesot ginn, déi guer net aus den Ënnerlagen ervirgeet. An zwar, datt en deplacéiert ka ginn. Wann ech dat hei liesen, da mengen ech, e géif fix montéiert ginn. Ech liesen uewen: „Acquisition d'une installation de chronométrage pour la piscine de Rodange“.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass de Libellé vum Budgetsartikel.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, mee wat mer opgefall ass, datt ass d'Neiegkeet, datt déi och kann zu Péteng installéiert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dann ass et awer net esou perfekt wéi den Här Muller dat gesot huet. Elo ass den Devis an der Rei, elo stëmmt eppes an der Deliberatioun net. Wa mer elo déi aner Kéier kommen, da stëmmt alles.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Sports et loisirs.

Centre sportif de Pétange : venant à la convention d'achat exclusif et de mise à la disposition de matériel avec la société Munhowen S.A. d'Ehlerange – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Déi „convention d'achat“ geet elo genee deen ëmgekéierte Wee. Well mär hate mat der Firma Munhowen eng „convention d'achat exclusif“ fir den Approvisionnement vun eiser Sauna, déi „Beim Tania“ genannt gouf. D'Aktivitéite sinn do awer vum 1. Dezember 2006 opgehale ginn, esou datt d'Firma Munhowen do net méi brauch ze liwweren. Ech géif iech bieten, deen Avenant hei ze stëmmen.

Roger Klein (LSAP):

Wa mer elo d'Sauna aus deem Kontrakt eraushuelen, heescht dat dann am Kloertext, datt net dru geduecht gëtt fir déi Sauna nees ze aktivéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Neen, mer hunn d'Sauna elo zu Rodange an déi funktionnéiert gutt. Dobäi ass se och zäitgeméiss ageriicht, esou datt mer denken, déi hei net méi ze aktivéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer hunn se elo mol erausgeholl well déi ganz Schwämm jo ëmgebaut gëtt.

Dat dauert 7 bis 10 Méint. A wann déi Schwämm bis ëmgebaut ass, da musse mer kucken. Ob se erëmkënt oder net, dat wäerte mer iech an deenen nächste Méint proposéieren.

Roger Klein (LSAP):

Är Ausso erënnert mech un eng Sendung op der Televisioun „Drei Köpfe, drei Meinungen“, mee ech ginn dovunner aus, datt een näischt ausschléisse soll.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et soll een näischt ausschléissen, voilà.

Approbation à l'unanimité.

8.3.

Sports et loisirs.

Convention d'achat exclusif et de mise à la disposition de matériel pour la buvette des terrains de beach-volley à Lamadelaine (anciens terrains de tennis) avec la société Munhowen S.A. d'Ehlerange – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei ass och d'Firma Munhowen mat eis averstane gewiescht fir datt si als eenzeg liwweren. Anersäits stellt si awer gratis e Comptoir mat Installatioun, Dëscher, Barhocker, Still, an och Killapparater zur Verfügung, esou datt do déi kleng Buvette fonctionnéiere kann. De Kontrakt ass fir d'éischt op 8 Joer festgeluecht ginn, mee et besteet d'Méiglechkeet op eng „tacite reconduction“ vu Joer zu Joer. Ech géif iech bieten, och dese Kontrakt guttzeheeschen.

Roger Klein (LSAP):

Dee Kontrakt ass eng fäi Saach. Ech stelle just fest, datt mer duerch dee Kontrakt en „débit de boissons alcooliques“ hunn. Mer spezifizéieren esou guer Béiermarken, déi mer do verkafen. Mer stellen och fest, datt dee Miwwel, dee geliwwert gëtt, enger Consommatioun vun 25 Hektoliter pro Joer entsprécht. Dat heescht 10.000 Minie pro Joer. Dofir meng Fro: hu mer eng „concession de débit“ op deem Gebai leien an hu mer e Gérant, deen eng Autorisatioun huet fir dat alkoholescht Gedränk erauszeginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer mussen, wa mer domat ufänken, e Gérant hunn. Do si mer amgang ze kucken. Wat d'Consommatioun ugeet, do hu mer eng Konventioun gemaach a wann dat net soll iwwer d'Bühn goen, da musse mer tëscht de Partner klären, ob mer esou virufuere mat enger

manner grousser Consummation. Dat hei ass eppes, wat ugefrot gouf. Mä kennen net garantéieren, datt esou vill konsumméiert gëtt.

Roger Klein (LSAP):

Da wëlle mer jo och net garantéieren. Mee mer schwätzen e bësse laanschteneen. Et steet einfach am Kontrakt, datt dee „mobilier“, dee geliwwert gouf, deem entsprécht. An ech mengen, de Kontraktpartner ass och grousszügig genuch wa mer dat net erfëllen, datt en eis dann net en Dësch ewechhëlt. Deen zweete Problem vun der „Schankgenehmigung“ misst ee jo eigentlech als Gemengegebai „en surnombre“ kréien. D'Haaptsaach ass awer, datt een eng Persoun huet, déi d'Schankschoul mécht an och eng Konzessioun huet fir ze zapen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer mussen deen Dossier generell nokucke well do sinn och Konzessiounen vu Leit assuréiert, vun deene mer net wëssen, wéi laang se déi nach ofsécheren. An der Tëschenzäit hu mer een Här, deen den Exame gemaach huet. Dat ass den Här Narcisse Kayser fir de PiKo. A mer mussen och hei kucken, datt mer conforme sinn. Mer mussen och fir de Centre de loisirs zu Rolleng eng Léisung sichen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Am Ufank hu mer jo gesot, dee Beach-Volley wier op fir déi Jonk a fir all Mënsch aus der Gemeng. Esou bal se eng Equipe zesummen hätten, da kéinten se och spille goen. Wéini gëtt dann elo deen Débit opgemaach, respektiv wéini soll dann elo do zerwéiert oder gezaapt ginn? Awer sécher net wa Jonker emol samschdes mëttes dohinner wëlle spille goen? Oder ass dat nëmme geduecht, wa grousser Aktivitéiten op deem Terrain sinn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Wann déi Jonk dohinner wëlle spille goen, dann ass dee Chalet jo och zou. Mer hu jo eng Konventioun mat de Leit vum Boulespill fir datt si dee Site do verwalten an op- oder zouspären. Si hunn och d'Gérance vum Chalet. Wann elo Jonker aus eiser Gemeng de Vélo huelen an dohinner spille ginn, da kommen se net un alkoholescht Gedränk erun. Wann awer elo e Veräin den Terrain gäre lount an se hätten och gären de Chalet op, da freet se no bei deene Responsable vun de Boulespillen an déi spären dann och op. Et ass net esou geduecht, datt do all Dag eng Buvette funktionnéiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass d'Associatioun Eechelsbaach', déi déi Gestiou do mécht.

Albert Muller (LSAP):

Ech soen elo eppes, wat der bestëmmt gesidd hutt. Zu Rolleng hu mer e Kulturzenter, deen zënter Joere funktionnéiert. Ech fannen et net esou gutt, wann hei am Kontrakt steet „connu sous l'enseigne Centre de loisirs“. Dat heescht, datt mer eng Kéier zwee Zentren zu Rolleng haten. Féiert dat net zu Verwiesselungen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass ee vun deene Problemer, déi mer nach ëmmer hunn. Den Här Breyer huet dat och nach viru kuerzem gesot, datt mer Schwierigkeeten hunn, Saachen ze definéieren wa mer fir Stroossen oder Sakgaasse keen Numm hunn. Mee mer sinn awer amgang dorunner ze schaffen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Der hutt Recht, mee mer hunn nach keen Numm. Mer missten an nächster Zäit drun denken, fir deene Siten en Numm ze ginn, esou datt och d'Clubhaiser en Numm hätten. Da wieren se kloer definéiert.

Norbert Pierre (LSAP):

An deem Zesammenhang wollt ech och froen, wéi dat Ganzt sech mat dem Sanitärberäich entwéckelt huet? Et ass jo elo gesot ginn, datt d'Buvette zou ass wann eis Jugenlecher emol einfach esou aus der Rei spille ginn. Muss een da bei den Noper op d'Toilette goen oder wéi geet dat? Dee Sanitärberäich misst jo awer ofgedeckt si fir datt een d'Méiglechkeet hätt, auszetrieden. Ass do keng Méiglechkeet fir e separaten Zougang ze maachen? Ech wollt dat just soen, well dat gëtt och bestëmmt gefrot vun de Benotzer oder och vun den Noperen, déi sech eventuell beschwéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat kënnt eventuell e Problem gi well de Sanitärberäich bannen am Clubhaus ass an en och nëmme benotzt ka gi wann een duerch d'Clubhaus erageet. Mer hunn nach keng heibaussen. Et kéint ee vu baussen eng Dir abauen. Mer haten déi lescht Saison, wéi dat emol richtig funktionnéiert huet, keng Problemer. D'Fro ass eis och nach net gestallt ginn. Well wann een do laanscht gefuer ass, do waren all Dag Leit um Boulenterrain, déi an der Associatioun 'Eechelsbaach' dra sinn. Et ass effektiv dann op well e Responsable duerno gekuckt huet. Natierlech ass är Iddi matzehuele fir derno ze kucken. Mee mer mussen dann awer och kucken, datt et e Sanitärberäich ass, dee mat Suen ze bedéngen ass. Net datt mer

do nees Problemer kréien ewéi hei zu Péteng bei der Musekschoul, wou mer viru kuerzer Zäit alles nei hu misse maache well mer alles a Brand gesat kruten.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Vie associative.

«Photo Club Rodange / Lamadelaine» - dissolution.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Si hunn eis an engem Courier matgedeelt, datt se hir Statuten opgeléist hunn an als Veräi wëllen ophéieren. Doduerch kritt den Aarmebüro Péteng 1.931,51 € an d'Keess. Dat ass de Solde, deen nach an der Veräinskeess war.

Il en est pris acte.

9.2.

Vie associative.

«Association pour l'Intégration des Immigrés de la Commune de Pétange asbl» - dissolution.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Och déi hunn eis matgedeelt, datt se, well se ze mann Leit hunn, sech wëllen opléisen. Se hunn eis och matgedeelt, datt se déi Fongen, déi nach an der Keess sinn – dat sinn 147,72 € -, esou wéi et an hire Statute virgesinn ass, dem Office social zoukomme loosse.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass awer eng Saach, wou een sech wonnert. Wann een d'Zeitungen opschléit, da steet op all Sait eppes iwwer d'Integratioun vun eise frieme Matbierger. Mer hunn en héiche Prozentsaz an eiser Gemeng, dat wësse mer jo selwer. Zu Rodange nach méi wéi zu Péteng. A mer hu jo och eng Kommissioun, déi sech do engagiert huet. Dat ass jo awer iergendwéi en Zeechen, datt déi Leit keen Intressi hu fir ze hëllefen an an esou engem Veräi matzeschaffen. En ass jo als Asbl gegrënnt gi mat dem Zil, hinnen ze hëllefen oder eng Dir opzemaachen, wou si sech kënnen adresséieren. Ech stellen dat just fest.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et schéngt effektiv keen Intressi méi do ze si wann een dat esou kuckt. Natierlech kënne mer och soen, datt d'Basis vun eiser Kommissioun och relativ vill Aktivitéiten huet an déi funktionnéiert ganz gutt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mär bedauern och, datt déi Associatioun sech opléist, mee déi Leit hunn eis e puer Mol gesot, datt kee richtigen Intressi besteet an datt si doropshin entscheet hätten, hir Associatioun opzeléisen.

Il en est pris acte.

9.3.

Vie associative.

«Al Pétenger Gecken asbl» - statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer si jo an enger geckeger Zäit gewiescht an do huet sech elo e Veräin, déi „Al Pétenger Gecken“ konstituéiert. Well mer awer schon esou Associatiounen hunn, déi sech ëm d'Kavalkad këmmere, géif ech iech virschloen, vun dese Statuten acte ze huelen.

Il en est pris acte.

9.4.

Vie associative.

«Aktioun Télévie 2007» - octroi d'un don – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Mer sinn do schon an der Optik vun deem neie Reglement a wéi mer wëlles hunn, dat ze exekutieren. Esou wéi mer dat ganz am Ufank vun der Sitzung gelauschert hunn. Hei ass elo eng Saach, wou mer en anere Wee ginn, a wou méi Transparenz bei deem Ganzen entsteet. Mer sinn ugeschriwwen gi vum Télévie Organisatiounskomitee, déi eng zentral Organisatioun den 22. Abrëll 2007 am Fond-de-Gras huet. Se wollten dann och d'Gemeng froe fir d'Chalet gratis geliwwert an och d'Käschte vum Zuch – fir d'Leit dohinner ze bréngen - iwwerholl ze kréien. Wat de Prinzip ugeet si mer sécherlech averstane fir do ze hëllefen. Mee dann am Geescht vun deem neie Modus. Mär soen dann, si sollen den Zuch an d'Taxe fir d'Chaleten un d'Gemeng bezuelen an als Géigeleeschtung, déi mer héichgerechent hunn op 1.250 € (970 € fir den Zuch a 6 Chaleten zu je 50 €), géife mär dann déi Zomm als Scheck bei den Télévie derbäi ginn. Duerno géif et dann esou ausgesinn, datt den Organisatiounskomitee vläicht e bësse manner gëtt, mee si kréie jo awer 1.250 € derbäi, esou datt d'Resultat méi kloer ass, d'Gemeng och selwer

op der Plaz ass an et méi transparent fir all Mënsch ass. Dofir wollte mer iech dee Wee elo scho proposéieren. Däer wäerte mer an Zukunft eventuell nach e puer kréien. Den Endzweck ass zwar dee selwechten, mee de Wee ass ebe verschidden. An de Gemengerot kritt seng Taxen, déi e gestëmmt huet, an e leet offiziell och nach eppes bäi. Wann der domat averstane wiert, da géife mer 1.250 € als Kredit virschloen an en als Scheck vun der Gemeng Péteng iwwerrechen.

Accord à l'unanimité.

10.

Questions des conseillers communaux.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer hunn eng Fro erakritt vum Här Brecht obwuel en haut net do ass. Ech wollt awer nach eppes virausschécken. Well en dat schon déi leschte Kéier gefrot huet, wollte mer dee Punkt déi aner Kéier op d'Dagesuerdnung setzen. Mee well hien awer ëmmer nees insistéiert, géif ech him haut drop äntwerten. Well ech awer mengen, datt een nëmme soll Froe stellen, wann een se och selwer hei ka presentéieren, géif ech soen, datt mer an Zukunft och nëmme d'Froe beäntwerten, wann déi Fra oder dee Mann hei ass. Mee well hien awer déi Fro scho méi dacks gestallt huet a well mer déi Zuelen och scho méi laang um Dësch leien hunn, géif ech – wann den Här Welter averstane ass, an hien huet dat och tipptopp preparéiert – virschloen, datt ee vun der Oppositioun déi Fro stellt a mär d'Äntwert drop ginn.

Roger Klein, am Numm vum Guy Brecht (LSAP):

Merci Här Buergermeeschter. Wann der dann erlaabt, stellen ech d'Fro am Numm vum Här Brecht. Ech wëll och virausschécken, datt ech d'Äntwert, egal wéi se ausfällt, och net wäert kommentéieren. Ech géif dat dem Här Guy Brecht iwwerloosse wann hien dann eng aner Kéier hei ass. D'Fro vum Här Guy Brecht ass déi hei :

Well der jo elo de Bilan vun der Rodanger Schwämm vum Joer 2006 sécherlech virleien hutt, wollt ech froen, wat déi Schwämm dann elo pro Dag kascht oder erabruecht huet. Am virus villmools merci.

Gilbert Welter, Schäffen :

Dir Damen an dir Hären. Et ass esou, datt mer fir d'éischt emol eng Trennung gemaach hunn tëscht dem Schoul-

schwammen an dem Schwamme fir d'Allgemengheet. An dat, well d'Schwämm fir d'Schoulschwammen zougemaach gëtt. De PiKo war am ganzen 3.735 Stonnen op. Dovunner sinn 3.072 Stonnen, déi dem Public zegutt koumen, an 663 Stonne fir d'Schoulen. Dat sinn 17,75% Schoulschwammen. Wann een eng Moyenne zitt duerch 365 Deeg am Joer, dann hätte mer d'Schwämm 10,23 Stonne pro Dag opgehaut.

Wa mer elo de Chiffer op den 31. Dezember 2006 huelen, da si mer forcéiert, nach e puer Korrekturen ze maachen. Mer hu vum Stat nach Suen ze kréie wat d'Schoulschwammen an d'Formatiounen ugeet. Mee och eng Rei TVA mussen mer nach erakréien. A wa mer déi emol erakritt hunn, dann hu mer e Mali beim Schoulschwamme vun 367,22 € pro Dag. Beim Public hu mer ee vun 1.701,62 € pro Dag. Dat sinn d'Chifferen.

Et kënn een awer och nach e bëssen analyséieren. Wa mer d'Schwämm zum Beispill och nach ophätten an där Zäit, wou d'Schoulschwammen ass, dann hätte mer nach eemol 181,27 € méi erakritt iwwer all déi Leit, déi bezuelen. An dat iwwer d'ganzt Joer. Dat sinn der 133.812 gewiescht. An da wiere mer op 1.520 €. Mer kéinten och nach weidergoen a soen, datt mer eng Demande gemaach hunn iert de PiKo opgaangen ass fir d'Quellewaasser ze benotzen. Dat ass refuséiert gi vum Ëmweltministère mee wat eis awer 110.000 € kascht huet. Wann ech déi nach géif mat a Consideratioun huelen, da kéint een nach eng Kéier 300 € ewechhuelen. An da wier ee bei 1.220 € pro Dag beim Public. Dat mécht eng jährléich Zomm vun 445.300 €. Dee Mali kann ech vergläiche mat enger Musekschoul, an da leien mer ongeféier d'selwecht.

Séance publique du 30 avril 2007

Durée de la séance: 9.30 à 11.45 heures

Présents:

Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	

Absents et excusés:

/	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
	Lily Gansen, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale:
 - 2.1. Octroi de jetons de présence aux membres du comité local de sécurité - décision.
 - 2.2. Compte de gestion de l'exercice 2005 - approbation.
 - 2.3. Compte administratif de l'exercice 2005 - approbation.
 - 2.4. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation
 - 2.5. Décomptes de travaux extraordinaires
 - 2.5.1. Réaménagement du lotissement « Vullesang » à Rodange: renouvellement des chaussées et trottoirs - approbation.
 - 2.5.2. Aménagement des combles dans l'école « Am Park » à Pétange - approbation.
 - 2.6. Avenant à la convention d'exploitation et de gestion du réseau de communications conclue avec la société Siemens S.A. - approbation.
3. Propriétés:
 - 3.1. Vente, à M. et Mme Jean Nau-Leches de Rodange, d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit « Au Jardin » - décision de principe.
 - 3.2. Droit de passage, à M. et Mme Raymond Bausch-Theisen, de Pétange, sur un terrain communal sis à Pétange, lieux-dits « Um Gaalgebierg » et « Prënzebieg » - approbation.
 - 3.3. Avenant au contrat de bail, avec Mme Fernande Wagner, pour la location d'un logement communal à Lamadelaine, Grousswiss 17 - approbation.
 - 3.4. Contrat de bail, avec Mme Domenika Becker, pour la location d'un garage dans un immeuble communal à Lamadelaine, Grousswiss 17 - approbation.
4. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies en 2007 - décision.
5. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
6. Enseignement musical: nouvelle fixation des indemnités aux membres des jurys - décision.
7. Prévisions sociales:
 - 7.1. Engagement d'étudiants (m/f) supplémentaires pour les besoins du service technique pendant les vacances scolaires d'été - décision de principe.
 - 7.2. Centre de rencontre et d'information pour jeunes « Pétenger Jugendhaus » asbl: convention pour l'exercice 2007 - approbation.
 - 7.3. Structures d'accueil pour élèves en dehors des heures de classe: nouvelle convention pour les « Maisons Relais pour Enfants » - approbation.
 - 7.4. Office social: compte de l'exercice 2004 - approbation.
 - 7.5. Office social: compte de l'exercice 2005 - approbation.
8. Urbanisation: projet d'aménagement particulier, présenté par la société « Baumeister Haus Luxembourg » S.A. de Munsbach, pour la construction de huit maisons unifamiliales et l'aménagement d'une aire publique à Lamadelaine, rue des Prés - approbation de la convention.

9. Transports et communications: règlements temporaires de la circulation routière - confirmation.
10. Sports et loisirs:
 - 10.1. Piscine de Rodange: contrat d'entretien avec la société Baudin-Chateaufort de Chateaufort-sur-Loire (F), pour la toiture mobile - approbation.
 - 10.2. Piscine de Rodange: aménagement des alentours - approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire.
11. Questions des conseillers communaux.

Séance secrète

12. Personnel:
 - 12.1. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur - décision.
 - 12.2. Premières nominations de personnel pour les « Maisons de Relais pour Enfants » de Rodange et Lamadelaine suite à une publication interne de postes - décisions.
13. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Madame, dir Hären. Mer fänken d'Gemengesetzung un. Et hu sech entschëllegt d'Madame Gansen an den Här Brecht. Ech géif d'Wuert da weiderginn un den Här Welter.

Gilbert Welter, Schäffen :

Viru kuerzem ass vun e puer Gemengeréit de Wonsch ausgedréckt ginn, fir de Joresbericht iwwer d'Loftqualität an eiser Gemeng ze kréien. Eisen Ëmweltbüro huet d'Resultater vum Expertisebüro Biomonitor virleien. Jiddereen, deen Interessen huet, ka sech des 38 Säiten déck Broschür erausgi loossen.

Roland Breyer, Schäffen :

An der leschter Gemengesetzung hate mer iech déi nei Richtlinne virgestallt fir d'Veränssubsidien an och d'Hëllef, déi mer a verschidde Forme wëlle vum 1. Januar un ëmsetzen. Mer haten iech gesot, datt, wann nach Objektivitéit vum deene verschiddene Fraktiounen do wieren, da sollten se eis déi eraginn. Bis elo ass näischt erakomm. Ech wëll awer drop opmierksam maachen, datt mer wëlles hunn, am Laf vun dësem Mount déi Saachen ëmzesetzen. Also wann nach een eng Suggestioun ze maachen huet, da soll en se bis de 14. Mee eraginn, well vum 15. Mee un hu mer nach weider Consultatiounen mat aneren Instanzen fir ze kucken, datt mer dach fachgerecht den 1. Januar 2008 kënnen alles ëmsetzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn eng Fro un de Schäfferot iwwer de Biomonitoring. Ass et net méiglech, eng Kopie vun deem

Dokument un all Fraktioun zoukommen ze loossen?

Gilbert Welter, Schäffen :

Et ass esou, datt jo verschidde Leit vun de Fraktiounen hei sinn a jidderee gäre säin Dokument hätt. A well jo och faarweg Säiten dra sinn a well et zimlech vill Aarbecht ass, ass och gefrot gi fir dat op der Plaz ze kopéiere wann zwee oder dräi Leit gären eng Kopie hätt. Mee et ass einfach fir net 15 Kopie mussen ze maachen. Eemol pro Fraktioun ass ok, mee et sinn awer vläicht zwou oder dräi Persounen an där Fraktioun, déi et och wëllen. Do ass awer guer kee Problem fir dat Dokument dann och ze kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wollt och nach en Appell maachen un iech. Mer sinn amgang mat de Studenten a wëllen déi aner Woch fäerdeg ginn. Do hate mer en Appell un all Conseiller gemaach, wann en der ze proposéieren hätt fir datt en dat soll esou séier wéi méiglech un den Departement 'Ressources humaines' weiderginn. Mer wëllen ufanks Mee d'Studenten informéieren, ween dann an der Vakanz hei bei eis ka schaffen. Merci fir är Kollaboratioun.

2.1.

Administration générale.

Octroi de jetons de présence aux membres du comité local de sécurité.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der wësst, datt mer fir all konsultativ Kommissioun eng Zomm bezuele fir all Sëtzung, déi stattfënnt. Fir d'Membere vum „comité local de sécurité“ war dat eigentlech net virgesinn an dofir wollte mer dat definitiv actéieren, datt déi och

e Jeton kréie pro Reunioun, déi se maachen. A mer wollten iech virschloen, déi bäizesetzen an hinne genee dee Jeton ze ginn, wéi et och an enger konsultativer Kommissioun de Fall ass.

Accord à l'unanimité.

2.2.

Administration générale.

Compte de gestion de l'exercice 2005 – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei wëll ech och automatesch d'Introductioun an d'Diskussioun vum Punkt 2.3. derbäi maachen, well déi zwee Punkten awer zesammenhänken. Mer maachen duerno zwar e separate Vote. Der hutt an ärem Dossier de „compte de gestion“ an de „compte administratif“ vum Joer 2005 virleien. Déi grouss Chifferen, dat sinn am ordinäre Budget d'Gesamtrecette mat eppes méi wéi 35 Milliounen € a Gesamtausgabe vu eppes méi wéi 31 Milliounen €. Dat war en Iwwerschoss vun 3,37 Milliounen €. Dee Solde ass net grad richtig. En ass normalerweis ëm 400.000 € besser well verschidde Buchungen eréischt am Joer 2006 konnte gemaach ginn, an dat well verschidde Recetten eréischt no dem 30. Abrëll 2006 erakommen. Et waren effektiv zwou Recetten, déi sech op d'Joer 2005 beruff hunn. Dat ass engersäits den Deel vum Stat fir d'Supplément vum dem Traitement vun de Fonctionnairen iwwer 322.000 €, an anerersäits de Loyer vum LTMA, wou mer nëmmen ee Semester vum Sportzenter erakrut haten. Do hunn mer dann och am Exercice 2005 ronn 104.000 €. Dat sinn am ganzen 426.000 € an et kann ee soen, datt den

Iwwerschoss am ordinäre Budget bei 3,8 Milliounen € louch, wat net allzevill ass. Ech erënneren iech gären drun, datt mer ufanks 2006 e wesentleche Problem hate wéi den Inneministère eis matgedeelt huet, datt mer – wat d'„dotation de l'Etat“ an d'Gewerbsteier ugeet – e gutt Stéck manner kréichen. Mer haten 1.357.000 € manner wéi dat am rektifizéierte Budget virgesi war. Mer konnten awer den Exercice 2005 mat engem definitive „solde final“ – dee konnt op 2006 reportéiert ginn - vun 4,65 Milliounen € ofschléissen. Wann een den Total vun dem ordinären an extraordinäre kuckt, da kann ee soen, datt den Exercice 2005 am ganzen 41,8 Milliounen € Recetten an 42,6 Milliounen € Ausgabe bruecht huet. Dat war e Mali vun 0,8 Milliounen € Mee well mer iwwer 5 Milliounen € reportéiert hate vun 2004 op 2005, gëtt et eis d'Méiglechkeet, iwwer 4,6 Milliounen € vun 2005 op 2006 ze reportéieren.

Fir datt déi Aarbecht an dat Dokument, déi der hei virleien hutt, kann ech just, an och an eiser aller Numm, eisem Receveur Camille Mentz a senge Mataarbechter Marcel Swiontek, Sylvie Klapp a Martine Schoos e grouse Merci soe fir déi Aarbecht wat de „compte de gestion“ ubelaangt.

De „compte administratif“ - dat konnt der jo och feststellen opgronn vun de Remarque vum Inneministère – huet net vill Ulass fir Remarque ginn. An dat ass duerch déi gutt Zesummenaarbecht hei an der Administratioun zeréckzeféieren, awer och besonnesch duerch déi exzellente Kontroll am Finanzservice, déi vum Sacha Schmit an dem Gitta Schlesser gemaach gouf.

Dat sinn d'Chifferen, déi scho virlouchen am Kader vum Budget 2007, mee et sinn d'Chifferen, déi mer elo mussen ofseene fir datt den Exercice 2005 definitiv kann ofgeschloss ginn.

Roger Klein (LSAP):

Ech géif och am Numm vun eiser Fraktioun alle Fonctionnaire merci soen. Ech wëll awer och kuerz erënneren un déi Diskussiounen, déi am Dezember 2005 hei gefouert goufe wou der de rektifizéierte Budget 2005 virgestallt hutt. Där hat effektiv e Budget vun e bësse méi wéi 20 Milliounen € virgesi fir 2005. Budget ass jo ëmmer Budget, mee wann d'Konte kommen, dat sinn d'Fakten. Der hat deemools äre Budget am Dezember vun 20,2 Milliounen € op ganz genee 13,6 Milliounen € reduzéiert. Ech hat iech och deemools virgehale – an hei zitéieren ech mech – datt „wa mer dann eng Kéier d'Konte vun 2005 ze gesi kréien, da wäerte mer feststellen, datt déi schonn

niddereg Zuelen aus dem rektifizéierte Budget nach vill ze héich gefrass waren“. Vun 13,6 gi mer dann elo erf op 10,8 Milliounen € Ech hat also deemools net esou onrecht, och wa kee mer wollt Recht ginn. Ech wollt dat just eng Kéier ënnersträichen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Och dat ass näischt Aussergewéinlech. Et brauch ee just op déi Joere virdrun ze kucken. Dat gouf et nach ni, datt déi Zommen, déi an den extraordinären Ausgabe stoungen, am rektifizéierte Budget alleguer ausgi ginn. Dat wëll awer net heeschen, datt déi Aarbechten net gemaach goufen. Mee et huet einfach domat ze doen, datt et drop ukënn, wéini déi Rechnunge kommen, wéini d'Dekonte gemaach ginn an och ob Problemer entstinn. Dat si Verschibungen, déi normal sinn. Mer leien hei bei engem Duerchschnëtt vun 11 Milliounen €. Wann ech e bësse zeréckkucken op déi lescht zwou Legislaturperioden - hei ass jo dat lescht Joer vun der Legislaturperiod - da goufe ronn 130 Milliounen € verschafft am extraordinäre Budget. A wann een dat duerch 12 deelt, da läit ee bei 11 oder 12 Milliounen € an et gesäit een, datt een hei e ganz normalen Duerchschnëtt huet. An ech géif scho soen, datt, wa mer och an den nächste Joere mat 11 oder 12 Milliounen € am Duerchschnëtt am extraordinäre Budget schaffen, mer ganz gutt geschafft hunn. Vill méi wäert och net dra sinn.

Approbation à l'unanimité.

2.3.

Administration générale.

Compte administratif de l'exercice 2005 – approbation.

Approbation avec 9 voix contre 4 voix (LSAP).

2.4.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 7.422.990,03 €- approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der gesitt hei nach déi lescht Recette vum Joer 2006 an och schonn eng ganz Rei vu Recetten aus dem Joer 2007. Am Total sinn dat 7.422.990,03 € Ech wëll awer nach op déi eng oder aner Recette hiweisen, an zwar wat d'Subsiden ugeet. Do hu mer fir d'Erweiderung vun der Päscher-Schoul zu Rodange eng Kéier 58.000 € krut, déi op d'Joer 2006 gebucht ginn. Mer

kruten och eng Kéier 100.000 €, déi op d'Joer 2007 gebucht goufen. Mer hunn nach net alles vun der Päscher-Schoul eran a mer si frou, datt mer méi séier geschafft hu wéi mer d'Subsiden erakritt hunn, well soss wiere mer do nach net fonctionnell.

Wat nach e bësse méi wäit zeréck läit, dat ass de Subsid vun der Park-Schoul, wou mer 100.000 € kréien a bis elo 50.000 € erakruten. Déi ass schonn zënter zwee Joer ageweit a se fonctionnéiert schonn, mee mer hunn nach net all Subsiden erakrut. Mer hoffen awer, datt mer déi aner Tranchen dann elo esou séier wéi méiglech kréien.

De Rescht, dat sinn ordinär Recetten. Wat och eng ganz déck Zomm ass, dat sinn déi 1,2 Milliounen € fir d'„maîtresses des jardins d'enfants“ an och fir d'Chargéen, déi mer an de Primärschoulen engagéiert hu fir d'„morale laïque“ an d'Turnen an esou weider. Dat sinn 1,092 Milliounen €, déi mer do erëmkréie vum Stat fir dat lescht Schouljoer. An och fir eis Musekschoul hu mer 633.000 € erakrut fir dat lescht Schouljoer. Dat heescht net fir dat Schouljoer, dat amgang ass, mee fir dat Schouljoer virdrun.

Approbation à l'unanimité.

2.5.1.

Administration générale.

Renouvellement des chaussées et trottoirs au lotissement « Vullesang » à Rodange - approbation du décompte.

Total des devis approuvés : 1.578.883,86 € ; Total des crédits approuvés : 1.082.152,61 € ; Total de la dépense effective : 1.067.980,70 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei hu mer zwou Opdeelungen. Mer si beflass fir esou séier wéi méiglech eis Dekonten eranzeginn an ze stëmme fir datt mer déi Projeten och definitiv kënnen ofschléissen. Ech sinn och frou, datt mer der erëm zwee hei virleien hu vun Aarbechten, déi nach net esou wäit zeréckleien. Engersäits ass dat de Vullesang an anerersäits – wat mer elo just gesot hunn – d'Combele vun der Park-Schoul.

Wat de Vullesang ugeet, d.h. déi ganz Infrastrukture sinn do nei gemaach ginn, do hate mer mat engem Devis vun 1.578.000 € gerechent. Déi definitiv Ausgabe leien elo bei 1.067.180 €, dat heescht, mer leien e gudd Batz ënner deem, wat um Ufank virgesi war. An dofir géif ech iech och

elo virschloen, deen Dekont ze stëmmen.

Approbation à l'unanimité.

2.5.2.

Administration générale.

Ecole « Am Park » à Pétange : travaux de réaménagement des combles et d'entretien général – approbation du décompte.

Total des devis et crédits approuvés : 1.081.880 € ; Total de la dépense effective : 1.067.291,14 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass d'Park-Schoul. Do hu mer d'Aarbechten tëscht 2002 an 2007 realiséiert. 2006 waren déi meeschten Aarbechte scho fäerdeg. Do hate mer e Gesamtdevis vun 1.081.880 €. Mer hate Gesamtausgabe vun 1.067.291,14 €, esou datt mer och do ënnendrenner louchen. Ech géif dem Gemengerot proposéieren, och dësen Dekont unzehuelen, esou datt mer och dee Projet kënnen ofschléissen.

Approbation à l'unanimité.

2.6.

Administration générale.

Antenne collective de radio et de télévision : 1^{er} avenant à la concession exclusive d'exploitation et de gestion du réseau de communication à large bande à Siemens S.A. de Luxembourg – approbation.

Roland Breyer, Schäffen :

Dir Damen an dir Hären, dat hei ass just eng formalistesch Saach. Et ass en Avenant gemaach ginn zu eisem „contrat de concession“, dee mer mat der Siemens haten. D'Siemens huet hei am Land beschloss, sech 'Siemens Networks' ze nennen a sech och nëmme méi mat Networks ofzeginn. Dat heescht, se hunn all déi aner Sparten opginn. Et ass elo just, datt mer mussen eise Kontrakt fir d'Netz vun eiser Televisiounsantenn ëmschreiwen op 'Siemens Networks', an deen an der Integralitéit iwwerholl gëtt wat mår sengerzäit mat der Siemens ausgemaach hunn. An deem Zesammenhang och nach eng Informatioun, déi geschwënn un eis Bierger wäert goen. Mer sinn informéiert gi vu Siemens Networks, datt se elo och nach mat engem Partner – 'LOL' – eng Offer maachen un d'Clienten, déi bei der Antenne sinn, fir eventuell och Telefon an Internet

iwwer eise „Breitband“ unzebidden. Dat schéngt attraktiv ze sinn. Et schéngt emol am Moment méi attraktiv ze sinn ewéi déi Ubidder, déi um Marché sinn. Et ass awer um Client fir duerno z'entscheeden, wat e wëll maachen. Et ass op alle Fall eng Offer, déi am Intressi vun eisem Netz ass. Am Juni wäert dat och un eis Clientèle erugedroe ginn.

Approbation à l'unanimité.

3.1.

Propriétés.

Vente, à M. et Mme Jean Nau-Leches de Rodange, d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit « Au Jardin » - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dir Hären, hei geet et ëm de Verkauf vun engem Terrain, wou mer schonn den 7. Mäerz e Compromis mat dem Här an der Madame Nau ënnerschriwwen hunn. Den 9. Mäerz huet den Här Louis Weber och eng Expertise vun dësem Terrain gemaach an och de Verkaufspräis guttgehescht. Den Terrain läit zu Rodange am lieu-dit „Au jardin“, Sektions C, Kadasternummer 1365/6427 an huet eng Gréisst vun 0,26 Ar. De Verkaufspräis war ugesot mat 750 € den Ar, esou datt dëse Verkauf der Gemeng 195 € abréngt. Ech géif iech bieden, wann der domat averstane sidd, deem zouzestëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech konnt op de Pläng, déi mer derbäileien haten, net gesinn, wou deen Terrain wier.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et ass e klengen Eck, dee weidergeet um Här Nau sengem Terrain. Et ass fir dat e bëssen riicht ze zéien.

Norbert Pierre (LSAP):

Dee Kadasterplang ass am Joer 1981 erstallt ginn. Do steet och „Jardin contenance 2a83“, da géif deen der Gemeng jo och gehéieren. Ech weess dat net.

Roland Breyer, Schäffen :

Deen hu mer scho verkaft.

Norbert Pierre (LSAP):

Jo, mee dat geet net doraus ervir. Wanns de heidrop kucks, da mings de, et géif just en Eck do verkaft. Mee et ass jo awer am Fong geholl eng Begragedung vun deem Ganzen do.

Accord à l'unanimité.

3.2.

Propriétés.

Droit de passage, à M. et Mme Raymond Bausch-Theisen, sur un terrain communal sis à Pétange, lieux-dits « Um Gaalgebierg » et « Prénzeberg » pour l'accès au terrain – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mer hunn den 30. Mäerz dëst Joer eng Konventioun mat dem Här an der Madame Bausch ënnerschriwwen fir hinnen en „droit de passage“ ze gi vun 3,5 Meter, fir datt se op hiren Terrain kommen, deen um Gaalgebierg an um Prénzeberg läit. D'Kadasternummer vun der Propriétéit vun dem Här an der Madame Bausch ass 525/6420. D'Konventioun gëlt fir ee Joer a se soll duerno dann automatesch weiderlafen. Den „droit de passage“ ass festgehalten duerch de symboleschen Euro, wourop d'Gemeng verzicht. Wann der averstane sidd, da kënne mer dësen „droit de passage“ och stëmmen.

Approbation à l'unanimité.

3.3.

Propriétés.

Avenant au contrat de bail avec Mme Fernande Wagner, pour la location d'un logement communal à Lamadelaine, Grouswiss 17 – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Da komme mer zu engem Avenant zu engem „contrat de bail“ mat der Madame Wagner, déi an engem vun eisen Haiser fir eeler Leit wunnt. Si hat do mat enger Garage gelount. D'Madame huet awer elo kee Besoin méi fir déi Garage, esou datt mer do en Avenant zu hirem Kontrakt maachen an de Garage aus dem Kontrakt eraushuelen. Wann dir dann domat averstane sidd, da géife mer dat stëmmen.

Approbation à l'unanimité.

3.4.

Propriétés.

Contrat de bail, avec Mme Domenika Becker, pour la location d'un garage dans l'immeuble communal sis à Lamadelaine, Grouswiss 17 – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Déi Garage kënne mer dann nees direkt am Haus verlounen, well d'Madame Domenika Becker averstanen ass fir déi

Garage ze loune well si eng Verwennung dofir huet. Da maache mer hir e „contrat de bail“ fir d'Garage. De Loyer ass op 40 € festgehalten an de Kontrakt soll den 1. Mee a Kraaft trieden. Wann der averstane sidd, da kënnen och dëse Kontrakt stëmmen.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech géif virschloen, an deenen Haiser mat de Sozialwunnengen an der Grousswiss an nächster Zäit e wéineg Entretien ze maachen, well et ass derwäert. Et ass laang näischt do gemaach ginn. An déi leschte Kéier ass nach reklaméiert ginn, datt den Égout verstoppt war.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Gutt, et kann emol eng Kéier virkommen, datt den Égout verstoppt ass. Mee d'Verschéinerungs- an d'Ennerhaltsaarbechte si programméiert. Eis Usträicher wëssen och Bescheed, mee si haten elo virun der Kommioun vill Aarbecht anerwäerts. Et sollt scho méi laang gemaach ginn, mee et huet gereent a well bausse mussen d'Diren an d'Fënstere gemaach gi konnte mer dat net wéinst der Fiichtegkeet maachen. A wann d'Wieder esou bleift wéi elo, da kënnen se do ufänken.

Romain Becker (Déi Gréng):

Opgronn vum Verlounen vun där Garage, wollt ech iech froen, ob et net méi sënnavoll wier wa mer dat an engem Package géife verlounen. Dat heescht, d'Haus mat der Garage, well soss komme mer geschwënn eng Kéier an eng Situatioun, aus där mer net méi erauskomme wa mer alles opgespléckt hunn. Wa mer da wëllen engem en Appartement mat enger Garage verlounen, da musse mer deem aneren nees kënnegen, oder wéi fonctionnéiert dat?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mer hunn dat hei jo just iwwer e „contrat de bail“ gemaach a keen Avenant fir wann dee Fall eng Kéier géif antrieden, wa mär d'Garage bräichten, d'Madame se net méi wéilt oder se net méi mam Auto géif fueren. An deem Fall bräichte mer dann net méi extra en Avenant maachen. Et ass natierlech esou, datt déi eeler Leit, wa se an déi Wunnenge kommen, nach eventuell fuere kënnen. No enger Zäit fueren se awer vläicht net méi. A mer sinn awer ëmmer gewéilt fir dat intern ze verlounen, wann een aneren domat averstane ass. Esou, datt mer nëmme Leit hunn, déi och nëmme an deenen Haiser wunnen, ebe well mer keng vun auswäerts wëllen hunn. Dat ass natierlech net ëmmer esou einfach. De Moment hu mer jo eng Léisung fonnt. Et ass eng

Dame aus dem Haus, déi interesséiert ass, esou datt déi Saach a mengen Aen an der Rei ass.

Approbation à l'unanimité.

4.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies en 2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergemeeschter :

Et ass jo och eng Traditioun hei am Haus, datt mer, wat d'Öffnungszäite vun de Caféen ugeet, eng zweete Kéier domat erëmkommen. An dat well d'Braderien um Ufank vum Joer nach net feststinn. Hei hu mer elo d'Datumer vun deenen zwou Braderien. Déi Rodanger ass en Dëschdeg, den 5. Juni, an déi Pétenger ass samschdes, den 21. Juli. An deem Dag hu mer och fräi Nuecht um gesamten Territoire vun deenen Uertschaften, déi betraff sinn. Dat heescht, wann déi Rodanger / Rollenger Braderie ass, dann ass zu Rodange an zu Rolleng fräi Nuecht. A wann déi Pétenger Braderie ass, dann ass och zu Péteng fräi Nuecht.

Roland Breyer, Schäffen :

D'Evolutioun vun de fräien Nuechten dréit jo den Entscheedunge vun de Geschäftsverbänn Rechnung. An déi Lëscht, déi mer fixéiert haten, huet sech ob déi Kenntnisser bezunn, déi mer bis dunn haten. Elo kënn den 9. September derbäi, dat ass e Sonndeg. Do wier fräi Nuecht. Mee esou wéi de Programm ausgesäit wier et besser, mer hätte samschdes fräi Nuecht well mer do mat de Jumelage feieren an den 9. September d'Autoritéiten do sinn. Elo ass meng Fro un de Sekretär, ob mer dat därefen esou einfach änneren, an zwar vum 9. op den 8. September. Soss kënnen mer dat och déi aner Kéier maachen. Et ass well mer elo eben den definitive Programm eréischt virleien hunn.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech hunn dat scho méi laang gesot, datt bei de Braderien nëmme déi Leit sollen eng fräi Nuecht kréien, déi och matmaachen. Ech fannen net, datt all Bistro do soll eng fräi Nuecht kréien. Déi sollen dat hei aléisen. Dat ass meng Meenung dozou.

Pierre Mellina, Buergemeeschter :

Mee dat kënnen mer wahrscheinlech net maachen. Wa mer soen, datt et fräi Nuecht ass um ganzen Territoire, dann ass dat och um ganzen Territoire. Mer

kënnen net soen, datt deen een oder aneren ausgeschloss ass. Entweder jidderee muss se ufroen oder se ass um ganzen Territoire an et muss keen se ufroen. Du hues zwar effektiv Recht. Mee et ass och eng Fro vun der Taxe. Well wa mär eng fräi Nuecht dekretéieren esou wéi hei, da brauch keen eng Taxe ze bezuelen. Anerwäerts muss jiddereen seng Taxe nees bezuelen. Dat mer kënnen soen, mer géifen der dispenséieren, dat kann ech mer net virstellen.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat ass vum Gesetz hir net dran, well all Mënsch muss jo an d'ärselwechter Qualitéit „égal devant la loi“ sinn. Du kanns net soen, déi do kréien eng an déi do net.

Pierre Mellina, Buergemeeschter :

Ech géif virschloen, mer géifen dat hei, mat der Modifikatioun vum 9. op den 8. September, proposéieren, an da kucke mer op dat méiglech ass. Ech zweiwelen awer, mee mer kucken et no an informéieren iech ob et ze maachen ass. Der hutt natierlech Recht, datt do Leit vun enger Situatioun profitéieren, déi net matschaffen.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat zweet ass, datt déi Disziplin och ganz schlecht ass am Geschäftsverband a verschidde Leit hir Taxe eréischt spéit oder um Dag vun der Braderie selwer bezuelen. Dann ass et schwéier ze soen, wien derbäi ass a wien net.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech sinn der Meenung, datt Leit dovunner profitéieren, déi guer net am Geschäftsverband sinn. Déi aner bezuelen eng Membroskaart an e Standgeld am Geschäftsverband an da sinn ech och der Meenung, datt se dat zegutt hunn. Mee alleguer déi aner, déi net Member sinn a kee Standgeld bezuelen, déi profitéieren dovunner a maachen och nach Revolt dorëmmer. Et ass dat, wat ech wëll soen.

Roland Breyer, Schäffen :

Ech géif virschloen, datt mer jo e Braderiesreglement hunn an ee kucke soll fir do eventuell eppes mat erafléissen ze loosse. Well do gi mer jo gewësse Geschäftsleit Rechter an aneren, déi d'Braderie net maachen, net wat den Trëttoir ugeet. Do muss ee kucken, ob een net eventuell eng lwwerleeung zur fräier Nuecht an deem Reglement kéint maachen.

Pierre Mellina, Buergemeeschter :

Mer kucken dat no. Mee fir d'ëst Joer géife mer déi zwee Braderiesdeeg an

d'fräi Nuechten an deenen Uertschaften nach op déi selwecht Aart a Weis maachen. An da wiessele mer dee Punkt – am Géigesaz zu deem, wat den 14. November 2006 festgehale gouf – opgronn vun deem neie Programm. D'fräi Nuecht um ganzen Territoire vun der Gemeng gëtt vu sonndes, dem 9. September, op samschdes, den 8. September, verluecht.

Norbert Pierre (LSAP):

Déi Leit, déi den Här Rosenfeld ugeschwat huet, an déi net solle berücksichtegt ginn, déi kënnen sech jo eng Koart kafen deen Dag.

Accord à l'unanimité.

Jeannot Linden (LSAP):

Kréie mer dann elo nach eng nei Délibératioun, wou mer dat do festgehalen hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Jo, dat ass kee Problem.

5.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do hu mer eng Lëscht vu Leit, déi ersat hunn. Den Här Klein an den Här Gira sinn erausgaangen. Dat ass eng normal Saach, eng normal Ratifikatioun vun dese Kontrakter.

Ratification avec 11 voix, MM Gira et Klein ayant quitté la salle.

6.

Enseignement musical.

Nouvelle fixation des indemnités revenant aux membres des jurys – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der wësst, datt mer amgaange sinn ëmmer méi enk mat de Musekschoulen aus dem Kordall zesummenzeschaffen, an zwar Déifferdeng esou wuel wéi Käerjeng. Och wat d'Jugend ugeet, gëtt eng enk Zesummenaarbecht gemaach. Do tauschen sech déi eenzel Chargé de cours aus fir dann am Jury ze sinn. A mer hunn awer festgestallt, datt, wat de Jury an och d'Entscheidungunge vun de Membere vum Jury ugeet, Differenze bestinn tëscht Déifferdeng, Käerjeng a Péiteng, esou datt mer eis elo viru kurzem zesummegeat haten –

besonnesch ënner der Leedung vun den eenzelnen Direktiounschargéen vun de Musekschoulen – fir en eenheetlechen Taux festzeleeën. Egal wou elo een am Jury sëtzt, jidderee soll déi selwecht Zomm kréien. Eis Délibératioun, an där mer d'Entscheidungunge festgeluecht hunn, geet op den 10. Mee 1974 zeréck. Do ass héchstens ee vun eis heibannen derbäi gewiescht, an dat ass mäi rietsen Noper. All déi aner, déi wossten näischt vun där Délibératioun, konnten se awer elo fannen. An et ass interessant fir emol ze gesinn, wien do alles derbäi war. Dofir ass et och ubruecht, datt een déi Saach eng Kéier à jour setzt an op den Niveau vum Euro stabiliséiert. Der wäert och gesinn, datt déi Differenz ganz minimal ass tëscht 1974 an haut. Dat wat se deemools kruten an dat wat se haut kréien, dat läit net wäit aus de Féiss. Et muss een awer och nach dozou soen, datt et Index gebonnen ass. D'Evolutioun vun der Präisdeierecht war awer mat dran.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Prévisions sociales.

Emploi : engagement de deux étudiants (m/f) supplémentaires pendant les vacances d'été 2007 pour le service technique – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

An der leschter Gemengerotssëtzung vum 5. Mäerz hate mer schonn eng „décision de principe“ geholl fir Studenten am Laf vun der grousser Vakanz anzustellen, esou datt se kéinten ee Mount laang bei eis schaffen. Do ware mer eis jo eens iwwer dee Package. Nodréiglech ass awer nach eng Demande vun eisem techneschen Service komm, ob mer déi Saach net kéinte mat an de Gemengerot huele fir och nach zwee Poste fir si ze stëmmen. Haut hu mer deemno nach eng Kéier eng Délibératioun hei leie fir zwee Poste – 15.7. bis den 14.8. a vum 15.8. bis den 14.9. -, esou datt mer zwee Studenten an den techneschen Service kréien. Wann der domat averstane sidd, da géif ech iech bidden, dat haut ze stëmmen.

Roger Klein (LSAP):

Nodeems mer schonn den 5. Mäerz 66 Poste gestëmmt hu wäerte mer och sécherlech net driwwer stolpere fir elo nach zwee Poste zousätzlech ze stëmmen. Ech hu just eng duebel Fro. Ass déi Demande nodréiglech komm nodeems déi aner Poste scho gestëmmt waren a besteet iergendwéi

eng Frist fir déi Poste oder kann et sinn, datt an den nächste Sëtzungen der nach kommen, déi nodréiglech gefrot ginn. Meng zweet Fro ass déi hei: hei steet eppes vun der Spezifizitéit vun den Aarbechten, déi ze maache sinn, an dofir sollten déi Kandidaten 19 Joer hunn. Wat ass esou speziell un deenen Aarbechten do?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mer hunn et och net speziell definéiert krut, mee ech ka mer denken, datt et Studenten sinn, déi de Führerschäin hu fir mat eraus op d'Schantercher ze fueren. Si schreiwen „au moins 19 ans“ esou datt ech mer ka virstellen, datt se op Schantercher hëllef kucke ginn an och Miessunge maachen. Si mussen se do asetzen, wou se grad gebraucht ginn. Dat Eenzegt, wat mär och bedauern – an dat hutt där jo och gesot -, datt ass, datt hir Demande kouv nodeems mer d'Studente scho gestëmmt haten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et huet eis och net onbedéngt gefall, mee well awer déi Demande do war a mer och frou si fir Leit ze beschäftegen – et sinn och vill Leit, déi drun interesséiert si fir hei ze schaffen – hu mer dat ausnamsweis erlaabt. Mee et ass awer déi lescht Demande, dat kann ech iech awer och garantéieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn och schonn en Deel beäntwert kritt bei deem, wat de den Här Klein elo gefrot huet. Et ass mer och opgefall, datt all déi aner Studenten - och wa se mam 'repas sur roues' erausfueren - 16 oder maximal 18 Joer al musse sinn. Firwat mussen déi do zwee Studenten elo 19 Joer hunn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Wann der wëllt, da kënne mer dat am Service technique nofroen an da gi mer iech eng Äntwert. Ech froen no bei der Madame Schaaf.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech weess just, datt d'Madame Schaaf dat mam Här Kimmes gepréift huet. Ech kann iech och elo net genee soen, firwat se hei 19 Joer mussen hunn, mee ech weess awer, datt se e Führerschäin mussen hunn. Dat war kloer. Mee mer froen no.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Prévisions sociales.

Centre de rencontre et d'information pour jeunes

**« Pétenger Jugendhaus asbl » :
convention pour l'exercice 2007 –
approbation.**

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm d'Approbatioun vun der Konventioun mat dem Pétenger Jugendhaus a mat dem Famillje-ministère. Mer kënne jo eis Kanner a Jugendlechen tëscht 12 a 26 Joer hei zu Péteng an och deelweis zu Rodange ausserhalb vun der Schoulzäite betreie loossen an hinnen Aktivitéiten ubidden. Et ass eng Konventioun, déi all Joer muss erneiert ginn. Mer hunn och am Budget ronn 130.000 € dofir festgehalen. Déi Konventioun soll dann och dëst Joer vum 1.1. bis den 31.12. lafen. Wann der averstane sidd, géif ech iech bieden, dës Konventioun ze stëmmen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn den Optrag vun den Educateuren a vum „Comité de gestion“ vum Jugendhaus dem Schäfferot, besonnesch der Madame Conter an all de Jonge vum techneschen Service, déi dorunner bedeelegt waren, e ganz grouse Merci ze soe fir déi Aarbechten, déi do gemaach goufen. Fir déi ganz flott Büroen, wou d'Educateuren an déi ganz Equipe begeeschtert waren doriwwer, wéi se elo ausgesinn. Och den Ustrach an d'Erneierung vum Openthaltsraum. Merci am Numm vun all deene Leit, déi do schaffen, a vun all deene Jonken, déi do aus- an aginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et freet een, wann een eng positiv Reaktioun vun der Oppositioun kriitt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mär soe Merci dofir an ech mengen, datt mer dorunner bleiwe fir datt et och esou bleift an op deem Niveau weidergeet. Ech mengen, et war jo och wierklech néideg, datt donidden eppes geschitt ass.

Approbation à l'unanimité.

7.3.

Prévisions sociales.

**Structures d'accueil pour élèves
en dehors des heures de classe
« maisons relais pour enfants » :
convention de cofinancement
conclue avec l'Etat pour l'exercice
2007 – approbation.**

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei ass d'Approbatioun vun der Konventioun vun der „maison relais pour enfants“, déi de Moment hei bei eis

an der Gemeng funktionéiert. Dat ass och eng Konventioun, déi vu Joer zu Joer nei gemaach an ënnerschriwwen muss ginn. Wann der är Délibératioun awer elo kuckt – fir dëst Joer si mer domat averstanen -, da komme ganz vill Neierungen. A well mer déi Zäit hu fir déi Neierungen bis 2008 ëmzesetzen, wëll ech iech och drop hiweisen, datt de Moment tëscht de „maisons de relais“ an de Gemenge ganz vill Reunione sinn. An zwar duerch déi Neierungen, déi an där Konventioun stinn. Well wann der gekuckt hutt, wat d'Präisser ugeet, déi do ugi sinn, da komme ganz vill Erhéichungen. Wann ee kuckt, wéi déi nei Präisser dann elo festgehale sinn, esou och déi „prix forfaitaires“ während de Schoulvakanz, do geet d'Forschette vun 1 € bis op 7 € d'Stonn erop. Während de Vakanz geet et och vun 1 € erop bis op 7 €, dat selwecht gëlt och fir déi Period wou Schoul ass. Fir déi Kanner, déi nach net an d'Schoul ginn – wat elo de Moment fir eis nach net a Fro kënnt – geet et vu 57 Cent bis op 6,22 € d'Stonn. Do mécht all „maison de relais“ sech Suergen ëm déi Deirecht. Zweetens muss no dëser Konventioun och gekuckt ginn, wéivill d'Eltere verdingen, well dat muss ëmmer ugepasst ginn. Dat soll dann all Kéier regléiert ginn, esou datt mer musse bedenken, datt do ronn 200 Dossiere lafend nogekuckt musse ginn. Schafft eis Administratioun dat nach oder wiere mer eventuell duerno gezwongen, neit Personal anzustellen. Dobäi kënnt och nach d'Fro, ob mer d'Donnéeë vun den Elteren ëmmer esou erakréien, wéi mer dat gären hätten. Also, et si vill Froen, déi sech do stellen Mer waren och scho mat de Leit aus dem Ministère zesummen, deene mer eis Doléance virgeluegt hunn. D'Madame huet eis gesot, se géif dat dann och mat zeréckhuelen, esou datt mer elo musse ofwaarden, wéi dat Ganzt sech weiderentwéckelt. Do sinn op jiddwer Fall nach Reunione virgesinn an deenen nächste Méint an et wier ze hoffen, datt mer eis do géifen eens gi mam Ministère. Et stinn näämlech nach eng ganz Rei Froen op wat déi do Konventioun ugeet.

Ech géif iech dann elo awer bieden, dës Konventioun ze stëmmen well mer se jo elo nach net applizéieren. A mer bleiwe jo och nach bei deem ale Modus wat d'Bezuelen ugeet. Dat heescht, datt während der Schoulzäit d'Eltere maximal 16 € den Dag a während de Vakanz maximal 17 € bezuelen. Wann d'Elteren e kleng Problem hunn an se ënner dem sozialen Akommes hänken, da kréien se en Abatement a musse nëmmen d'Halschent bezuelen. Ech mengen, dat ass eise Büro vun de „ressources humaines“, deen dat

ausrechent. Mer waren och den Eltere bis elo eng gutt Stäip an Hëllef a sinn och gutt hikomm domat.

Carlo Gira (CSV) :

D'Madame Conter huet dat jo och schonn ugeschwat. Et ass eng zimlech grouss Differenz tëscht de Präisser, déi an den „maisons relais“ an deenen, déi an den „Foyers du jour“ gefrot ginn. Et ass jo awer quasi déiselwech Betreuung, déi do gemaach gëtt an et ass och dee selwechte Ministère. Da misst ee vläicht kucken, datt een do d'Präisser openeen ofstëmmt. Well soss kritt een awer do eng Konkurrenz, déi e bësse komesch ass. An dann och nach eng Fro, déi net esou direkt eppes domat ze doen huet: Wéi geet et elo mam „Foyer du jour“ zu Péteng weider?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt mer e Compromis ausgeschafft hu fir en ze kafen. An dee Compromis ass elo dem aktuelle Propriétaire virgeluegt ginn. Dee muss jo dann nach ausgehaange ginn, esou datt mer den Akaf am Juni hei op der Dagesuerdnung wäerten hunn. Mer stinn och nach an den Diskussiounen mat dem Ministère fir ze kucken, wéi deen neie Projet soll ausgesinn. An do sinn awer och scho Viraarbechte gemaach ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mer hunn och schonn eng Rei einfach Pläng virgeluegt kriitt, wou mer awer gesot hunn, datt mer nach musse dru schaffen. Ech mengen, mer brauche jo och do eng gewëssen „enveloppe budgétaire“, wou mer eis dra bewegen. Mer musse och kucken, wéivill Kanner mer duerno kënnen do ënnerbréngen.

Wat der elo ugeschwat hutt, dat heescht den Ënnerschied tëscht de „maisons relais“ an den „foyers du jours“, dat hänkt natierlech ganz vum Ministère of. Do hu mer guer keen Afloss drop. Do ass och effektiv de Moment eng grouss Forschette tëscht de Crèchen an den „maisons relais“, mee do solle jo och nach Ännerunge komme well jo ëmmer gesot gëtt, datt an de Crèchen d'Kanner betreit ginn, déi an der Spillschoul sinn. An d'„maison relais“ sollen se eriwwegeholl gi wa se an d'Primärschoul ginn. Dat ass awer och nach net ganz fixéiert vum Ministère well dat Eent oder dat Anert jo nach méiglech ass.

Carlo Gira (CSV) :

Ech hu meng Fro gestallt well et jo dee selwechte Ministère ass an et net schlecht wier, wann d'Präisser uneneen ugepasst géife ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Fir datt déi Präisser ugepasst gi mussen natierlech déi Asbl-en aus de Crèchen sech och zu Wuert mellen. Dat hei ass jo awer elo eng Saach vun eiser Gemeng.

Carlo Gira (CSV) :

All déi konventionéiert lafen iwwer de Ministère an déi bezuelen och all d'selwecht. Privat kënnen d'Gemeng an de Stat näischt maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt, wann dat elo ëmgesat gëtt wéi et virgesinn ass, datt et administrativ en terribelen Opwand gëtt a mer wahrscheinlech nees müsse Leit astelle fir déi Aarbecht ze maachen. Dat ass et, wat mech e bëssen irritéiert. Besonnesch well do Kanner nëmmen an de Schoulerestaurant kommen oder nëmme moies eng hallef Stonn betreit gi well d'Eltere müsse schaffe fueren. Dat ass awer e bëssen anescht ewéi eng Crèche, wou d'Kanner quasi e ganzen oder en halwen Dag do sinn. An deene Fäll wier nach déi ganz Berechnung wat d'Pei ugeet a Kaf ze huelen, mee wa mer awer e ganzen Dossier müssen opbaue wann d'Kanner nëmmen eng Kéier moies eng hallef Stonn kommen, da gëtt dat natierlech net einfach.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mer haten och, wéi mer mat deenen aneren „maisons relais“ – déi och op dee Wee gongen - zesumme waren, virgeschloe fir weinstens gewësse Plagen unzebidden. Da géife mer soen, se misste gewësse Stonnen do sinn oder gewësse Stonne bezuelen. Well et ass jo elo, wéi den Här Buergermeeschter dat scho gesot huet, onméiglech fir alles auszerechnen. Et muss gekuckt gi wéi d'Pei vun den Elteren ass wa se hiert Kand nëmmen eng oder zwou Stonnen dohinner schécken. Mer müssen och kucken, wéivill mer do verrechne müssen. Et gëtt eng Wahnsinnkontabilitéit ze féieren. Wa mer weinstens dovunner kéinten ausgoen, datt mer Kanner hunn, déi nëmme moies oder nëmme mëttes kommen, dat wier nach ze maache well mer dann vill manner Aarbecht hätten.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass wierklech e Problem an et soll een dat emol zesumme kucken. Well esou wéi de Moment mat de Präisser gefuer gëtt sinn eis Crèche geschwënn eidel. Et ka jo kee Mënsch méi déi Zommen do bezuele fir seng Kanner.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat ass effektiv déi Gefor. Leit, déi e bësse besser verdéngen, déi rechne

sech aus, wat besser ass an déi fannen dann en anere Modus fir hir Kanner doheem betreien ze loossen amplaz hei an der „maison de relais“ esou vill ze bezuelen.

Approbation à l'unanimité.

7.4.

Prévisions sociales.

Office social : compte de l'exercice 2004 – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif soen, datt mer d'Punkten 7.4. an 7.5. zesumme géife regele wat d'Diskussionen ugeet. Mer hunn d'Konte vun den Exercicen 2004 an 2005 virleie vum Office social. Firwat hu mer déi zwee beienee leien? Mee ganz einfach well déi zwee Konte vum „Sevice de contrôle de la comptabilité des communes“ am März zesumme kontrolléiert gi sinn. An eréischt nodeems si se kontrolléiert hu kënnen mer an de Gemengerot komme fir se guttzeheeschen. Et war absolut keng Remarque vun deem Büro ze maachen, esou datt ech am Numm vun eis alleguer jidderengem, deen an deem wichtegen „Office social“ mathëllef, Merci ze soen. Ugefaange mat dem „Office social“ selwer ënner dem President Josy Libert a senge Memberen, mee awer och eise Sozialassistentinnen, Géraldine Pallage a Claudine Werner, déi ganz gutt Aarbecht do maachen. Och e Merci un déi Leit, déi di administrativ Aarbecht maachen, dat sinn eise Gemengesekretär, eise Receveur an d'Gitta Schlessler. Ech mengen, dat waren déi alleguer, déi do an de leschten zwee Joer an deem wichtige Beräich geschafft hunn. Der gesidd, datt mer all Joer Ausgaben hu vun 878.000 € respektiv 876.000 €, déi duerch d'Keess lafen. De Subsidi, deen d'Gemeng do muss drastiechen, ass vun 2004 op 2005 zeréckgaangen. Am Joer 2004 waren et nach 163.944 € an am Joer 2005 nëmmen nach 107.284 €. An dat bei Ausgaben, déi bal d'selwecht waren. Nach eng Kéier e Merci un all déi Leit, déi sech asetze fir Matmënschen déi Problemer hunn.

Approbation à l'unanimité.

7.5.

Prévisions sociales.

Office social : compte de l'exercice 2005 – approbation

Approbation à l'unanimité.

8.

Urbanisation.

Plan d'aménagement particulier, par la société Baumeister-Haus Luxembourg S.A., de Munsbach, pour la construction de huit maisons unifamiliales et l'aménagement d'une aire publique à Lamadelaine, rue des Prés – approbation de la convention.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat sinn 8 Haiser, déi hei entstoe sollen. Am Gemengerot hate mer dee PAP autoriséiert an och den 28. Juli 2006 gestëmmt. De Minister huet dese PAP den 21. November 2006 guttgeheescht. An der Tëschenzäit huet de Schäfferot eng Konventioun mat dem Promoteur ausgeschafft, wou déi Aarbechte festgehale goufen, déi de Promoteur muss iwuerhuele während dese PAP realiséiert gëtt. Dat sinn zum Deel Infrastruktuaraarbechten, dat sinn awer och Tranchéeën, déi op an zou gemaach müsse ginn. Et ass och eng „aire publique“ virgesinn a mer réckelen och d'Bushaltestell. Dofir muss de Promoteur och opkommen. A mer hunn och gefrot, datt en duerno e „ravage“ mécht vun der Strooss fir datt een net op där Plaz duerno duerch d'Lächer fuere muss.

Dobäi kënnst dann och nach, datt e 25% vum Terrain un d'Gemeng muss ofrieden, esou wéi d'Gesetz dat zanter 2004 virgesäit. Op deene 25% gëtt zum Beispill déi „aire publique“ ageriicht. Déi Konventioun fannt der och an ärem „aide-mémoire“. Se gouf de 4. Abrëll 2007 vum Schäfferot ënnerschriwwen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn déi Konventioun duerchgelies a fannen, datt se och esou an der Rei ass. Et ass jo och virgesinn, wann d'Firma sollt Faillite maachen, wann se soll un eng aner Firma verpaid ginn oder wéi och ëmmer dat do geet, datt d'Leit, déi do bauen, informéiert ginn. Awer och, datt déi müssen des Konventioun an hir Ënnerlage kréie wann se déi Demande maache fir do ze kafen. Ech fannen, datt se gutt opgebaut ass an eis Gemeng, mee och d'Keefer ofsécher.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech hat schonn eng Kéier drop higewisen, datt ee misst oppasse mam Waasser, mam Kanal, wann esou vill Haiser derbäikommen. Grad well se jo do scho Problemer hate mam Kanal. Et misst een oppassen, datt deen awer déck genuch ass. Well do kënnst jo vill Waasser do erof op den Terrain zou wou déi nei Haiser sollen entstoen. Dat staut näämlech do.

Wat de Busarrêt ugeet, kënn den ënnen op den Eck wou et an d'Strooss geet fir bei den Terrain ze fueren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Busarrêt kënn an d'Mëtt wou och déi „aire publique“ hikënn. Ech weess net, ob der de PAP nach virun Aen hutt, mee tëscht den Haiser ass eng Plaz virgesinn, wou am Fong e puer Bänke solle stoe kommen. An do kënn och de Busarrêt hin, mee e kënn e bësse méi eran, well en elo hënnert an et si scho Spigele futti gaangen. E gëtt op déi Parzell gesat, wou déi „aire de repos“ ass.

Camille Bosseler (CSV) :

Et ass effektiv eng geféierlech Plaz. Wann een erfökënn, da gesäit een net gutt do. A wann de Bus dann do hält, dann ass dat zimlech geféierlech.

Approbation à l'unanimité.

9.

Transports et communications.

Règlements temporaires de la circulation routière, à savoir :

- en date du 2 avril 2007, relatif aux travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue Michel Rodange à Pétange et affectant la circulation dans les rues Lentz, Michel Rodange, Parc et Dicks ;
- en date du 4 avril 2007, relatif à la construction d'un passage souterrain dans la N5D à Lamadelaine et affectant la circulation dans les rues Robert Krieps, Jean Pierre Kirchen, Op Raechels et Pierre Grégoire à Pétange.

Roland Breyer, Schäffen :

Mir hunn 2 Reglementer, déi mer lech haut wëllen zu Ofstëmmung virleeën. Dat éischt ass e Reglement dat a Relatioun ass mat den Aarbechte vu Sudgaz hei zu Péteng. Si hu festgestallt, dass se bei der Erneuerung vum Netz och mussen bis an d'Michel Rodange-Strooss eropfuere. Dat sinn Aarbechten, déi deelweis schonns am gaange sinn, a mir mussen d'Reglement esou ausleeën, dass d'Michel Rodange-Strooss an eventuell och nach d'Dicks-Strooss mat considéiert ginn, an dat bedéngt duerch Embranchementer déi do mussen gemaach ginn. Dat heescht am Kloertext, dass an deem Deel wou geschafft gëtt, net dierf geparkt ginn. De Verkéier sollt awer, esouwäit et méiglech ass, weider duerch déi Stroosse lafen, a gegebenefalls duerch Luuchte regléiert ginn.

Dat zweet Reglement betrëfft den ominöse Chantier op der Bretelle vun der RN5D, déi vun der Porte de Lamadelaine op de Contournement erféiert geet. Do soll jo fir de Lycée en Tunnel gebaut ginn, an dofir muss d'Reglement ugepasst ginn. Mir hunn dat dann och gemaach. Den Här Polfer huet an deem Kontext och eng Fro eragereecht, an ech géif hien da froen, dass en se elo schonns stellt. Da kéinte mer déi elo schonns diskutieren.

Mir hunn e Reglement gemaach, an dat laut der Informatioun, dass duerch d'Aarbechten de Verkéier esou geregelt géif ginn, dass de Verkéier aus Richtung Rodange duerch d'Lonkescher Strooss zu Péteng op der Héicht vum Cactus dann duerch de Zoning ëmgeleet géif ginn. Do sollt vun de Ponts et Chaussées och e Marquage um Buedem gemaach ginn, fir méi lwwersicht ze kréien wann een aus der Lonkescher Strooss an d'rue Robert Krieps fiert. Da soll d'Stationniere verbuede sinn op der Héicht vun der Station de pompage an der Robert Krieps-Strooss, fir esou méi Sécherheet kënnen ze garantieren. Dat selwecht géilt och op de Verbindunge vun de Stroossen Raechels an Grégoire mat der rue Robert Krieps, well do mat méi Trafic ze rechnen ass. A vun der Rue Robert Krieps an d'rue J.P. Kirchen soll den Trafic fir Gefierer iwwert 3,5 Tonnen verbuede sinn. Well de Schwéiertransport elo muss aneschters fueren, muss op der Grenz d'RN5F nees fir Gefierer iwwert 3,5 Tonnen opgemaach ginn. Dass ass d'Reglement, dass mer elo an der Kenntnis vun der Saach mussen ganz kuerzfristeg huelen.

John Polfer (CSV) :

Kënn Dir mer soen, firwat op der Porte de Lamadelaine d'Strooss fir op der Rond-point komplett zou gemaach ginn ass? Wat dat esou virgesinn? Dat féiert zu gewësse Stonnen zu grouse Stauen a ganz geféierleche Situatiounen. Ganz vill Leit hale sech och net un d'Verkéiersregelen, obschonns dräi Verbuetschëlter fir léns ofzebéien do stinn, a se déi einfach net respektieren.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat war net esou geplangt. Et war ganz aneschters gaange wéi mir eis dat gewënscht haten. Et muss ee vläicht dozou e klengen Historique maachen. Den Historique geet domatter un, dass mer den 19. Oktober 2006 eng Versammlung mat dem 'Bâtiments publics' hei haten. Dass waren déi Leit, déi fir de Bau vum Lycée zoustänneg sinn. Do war den Här Hirtz an den Här Reuter vun dem 'Bâtiments publics' dobäi, den Här

Marin, directeur-adjoint vum LTMA, den Här Derume an den Här Fisch vun de 'Ponts et Chaussée'. Vun der Gemeng waren, nieft menger Wéinegkeet, och nach den Här Wegener an d'Madame Schaf dobäi.

Mir hunn an där Versammlung driwwer diskutiert, woffir Incidencen elo – während der Bauzäit, an och duerno, op eis als Gemeng wäerten duerkommen. A mir haten du schonns ugedeit, dass eng ganz Rei vu Problemer géifen opkommen, wann elo déi Connexionne fir de Lycée géife gemaach ginn. A wa parallel dozou och nach de Wasseriwlerlafbasseng beim Fussballterrain gemaach gëtt, dann ass de Chaos virprogramméiert. Et gouf eis verséichert, dass – en temps utiles – eng Léisung géif proposéiert ginn.

Mir hunn dunn op eng Proposition gewaart. Et ass awer keng Proposition komm, ausser, dass mer eng Kéier an engem Bréif vum Transportministère driwwer informéiert gi sinn, dass se elo esouwäit wiere fir d'Strooss zouzemaachen, an dass de 'Bâtiments publics' elo géif d'Verlängerung vum Tunnel op de Lycée zou géif maachen.

Esou séier wéi mer de Bréif kritt hunn, hu mir den 27. März 2007 hei am Schäfferot d'Initiativ geholl, a mer hunn all déi concernéiert Parteien op eng Versammlung invitéiert. An déi Versammlung huet den 2. Abrëll 2007 hei stattfonnt. Et waren an der Reunion dobäi d'Hären Ley a Mangan vun de Ponts et Chaussées, d'Hären Franziskus an Daro vun den CFL, den Här Hirtz vun den 'Bâtiments publics', a vun der Gemengeverwaltung meng Wéinegkeet an d'Häre Schiltz a Wegener. An där Versammlung hu mer kloer gesot, dass mer net averstane sinn, dass d'Bretelle vum Contournement géif zougemaach ginn, well dat eng gréisser Incidence op den Trafic an eiser Gemeng géif mat sech bréngen. Mir hunn och drop higewisen, dass mer ganz rezent Sondage virleien hätten, déi am Kader vun enger Enquête vum Sikor gemaach si ginn. An aus deene Sondage geet ervir, wéi den Trafic hei an der Gemeng am Mount Januar 2007 war. Esou hu mer eng Pointe hei an der Gemeng um Contournement vun 29.731 Autoe pro Dag. Dass vill méi wéi mer ëmmer geduecht hunn. Am meeschten Trafic ass mueres tëscht 6 an 8 Auer a Richtung Lëtzebuerg (1.600 Autoe pro Stonn) an owes nees a Richtung Frankräich (1.350 Autoen).

Mir hunn awer och konnte feststellen, dass an der Haaptstrooss zu Péteng nach zousätzlech 12.122 Autoe pro

Dag gezielt gi sinn. Dat heescht mir kommen op iwwert 40.000 Autoe pro Dag. A wann een elo eng Ännerung am Verkéiersfloss virhëlt, da kann dat ganz séier zu Enkpäss féieren.

Mir stellen och fest, datt – wat de Rond-point Porte de Lamadelaine ubelaangt – mer 7.772 Gefierer hunn, déi iwwert déi Bretelle fueren. Dovunner waren et 326 Poids-lourds'en. Mir hunn och am Ganzen nach 3.482 Camionen iwwert de Contournement fueren.

Op Grond vun deene Wäerter kéinte mer eis net virstellen, datt déi Bretelle géif zougemaach ginn. Well et muss ee bedenken, datt mer vun der Grenz aus 4 Méiglechkeeten hu fir den Switch ze maachen, an dat ass op der Grenz, d'Rodanger Gare, de Rond-point Porte de Lamadelaine an de Rond-point de l'Eglise zu Péteng. A well mer wëssen, datt mer op der Rodanger Gare och nach e gréissere Chantier hunn, deem eis et net méi erlaabt esou ze reagéiere wéi mer wëllen ; a well mer wëssen, datt d'Barrière zu Rodange 80% vun der Zäit ëmmer zou ass, hate mer de Kompromëss proposéiert. An deem huet ausgesinn, datt während der Bauzäit vum Tunnel déi Rodanger Barrière komplett zou géif bleiwen, an datt op der anerer Säit d'Bretelle nach befuehrbar géif bleiwen, an dat op mannst an enger Richtung. Dat géif awer mat sech bréngen, datt deem Tunnel an zwou Phase miisst gebaut ginn. Mir sinn op d'Plaz – zesumme mat de Vertrieeder vun de Ponts et Chaussées - kucke gaangen, an et gouf festgehalen, datt dat kee Problem géif duerstellen, an datt een dat an deem Sënn kéint realiséieren.

Mir sinn dunn den 2. Abrëll auserneen gaangen ; de 4. Abrëll hunn ech de Schäfferot iwwert dee Kompromëss informéiert, a gesot, datt et eis net géif freeë fir d'Rodanger Barrière zouzemaachen, mä mer trotzdem de Wutz op der Porte Lamadelaine géifen opbehalen. An dee selwechten 4. Abrëll, wou mir hei am Schäfferot dat heite Reglement proposéiert hunn, ass an der Stad en Arrêté ministériel geholl ginn, vum Här Claude Wiseler, Minister vun den Travaux publics, an Här Lux, Transportminister, wou einfach décidéiert gëtt déi Bretelle komplett zouzemaachen. Si hu fonnt, datt et techesch net dra wier, well et en Ouvrage d'art wier an deem an engem Stéck gegoss miisst ginn.

Dat hei wier awer en Ouvrage d'art, an dee kann net an zwou Kéiere gemaach ginn. Mir waren der Meenung, datt all Ouvrage, deem betonéiert gëtt, och iergendwou eng Dehnungfou miisst

kréien, an datt et ouni Weideres an zou Kéiere méiglech wier fir deem ze maachen. Mä deem ass awer anscheinend net esou.

Den Här Franziskus vun den CFL hat allt gemeng, datt si Tunnellen an engem Weekend fäerdeg gemaach hunn, well se einfach déi Struktur bausse gegoss hunn, duerno opgerappt hunn, an alles eragedréckt hunn.

Et kann een also feststellen, datt d'Autorité communale ganz vill wäert ass. Wa mir eis mat de Verwaltungen eens si wéi et sollt gemaach ginn, dann huet d'Autorité ministérielle awer nach ëmmer säint ze soen. Et ass duebel bedauernswäert wann ee bedenkt, wéi mir musse fuere wa mer emol eppes um Stroossenetz wëlle maachen. Wa mir gären op der Haaptstrooss d'Reglement wëlle changéieren, oder Aarbechte wëlle maachen, da miisst mir fir d'éischt en Avis préalable vun de Ponts et Chaussées ufroen, duerno mat deem Avis an de Gemengerot kommen an dann eréischt d'Reglement stëmme loossen. Da muss dat Reglement nach an d'Stad geschéckt ginn a mer müssen op d'gnädeg Äntwert vun der Commission nationale de la circulation a vum Minister waarden. An eréischt da kann d'Reglement publizéiert ginn. An heiandsdo dauert et bis e Joer bis mer d'Äntwert hunn.

Hei ass et awer elo ëmgedréint. Hei ginn Décisioune vu ministerieller Säit geholl, ouni emol eisen Avis ze considéieren oder ze respektéieren.

Mir sinn och ganz béiss iwwert déi Situatioun, a mer kucken och fir an deem Sënn ze reagéieren. Mir gesinn awer och, datt d'Gesetz net op eiser Säit ass. De Minister kann zu all Moment décidéiere fir eng Strooss zou ze maachen. A wann et och nach eng Strooss ass, déi nationale Charakter huet, da brauchen d'Gemengen-autoritäten emol net gefrot ze ginn. A wann se dann emol gefrot ginn, dann ass hiren Avis, dee mat den Techniker zesummen ausgeschafft ginn ass, näischt wäert. Mir müssen also mat der Situatioun elo liewen, datt dat Deelstéck op der Porte de Lamadelaine elo déi nächst Méint net accessibel ass. Mir müssen also domatter liewen, datt elo méi Camionen hei an Péteng erakommen, well se hunn nëmmen zwou Méiglechkeete fir an eis Gemeng ze komme wann se sech ravitailléiere ginn. A wann se bei eng Tankstell an der Uertschaft ginn, da fueren se noutgedrongen - well d'Verbinding op de Contournement zou ass - och ganz duerch d'Uertschaft, oder se huelen

d'Ëmleedung laanscht de Cactus an duerch de Zoning.

Well mer elo den 'trajet du combattant' musse maachen, wollte mer iech informéieren, datt mer am Schäfferot e Règlement d'urgence wäerten huelen, dat dann am nächste Gemengerot ofgeseent muss ginn. Dat ass déi eenzeg Méiglechkeet fir séier kënnen ze reagéieren. Wa mer géifen d'rue J.P. Kirchen komplett zoumaache fir de Verkéier dee vun der Bréck erfekent kritt een d'Situatioun vläicht e bëssen entschäerft. Well fir de Moment sti Verbuetseschëlter do, datt een net dierf no lénks ofbéien, mä et hält sech keen drun. Well mir waren op der Plaz, an obwuol d'Police mat de bloe Luuchten un do stoung, huet nawell keen sech dru gehalten. D'Police krut esouguer de Fanger gewisen, an d'Automobiliste si weider gefuehr.

Mir hate wëlles, fir elo d'rue J. P. Kirchen zouzemaachen, esouguer optesch zouzemaache mat Barriären, esou datt ee gesäit, datt een net méi do erakent an deemno och net méi no lénks kann ofbéien. Doduerch kritt een d'Automobilisten dozou, datt se laanscht de Cactus musse fueren, an dann nees duerch de Zoning zeréck op de Contournement fueren. Et géif e 'sens unique – excepté service d'urgence' an der rue J. P. Kirchen ginn.

Mir hunn och mam Kommandant vun de Pompjeeë geschwat, an hie sot, datt hien domatter kéint liewen, esoulaang keng gréisser Retarde géifen entstoen.

Ech si gäre fir all aner Léisung op, mä mer müssen domatter liewen, datt d'Bretelle op der Porte de Lamadelaine zou ass, an datt och zu Rodange d'Barrière zou ass.

A wa mer de Verkéier duerch d'Kierchstrooss hei zu Péteng ëmleede fir op de Contournement, da bréngt dat och kengem eppes. Déi beschte Léisung an der ablécklech Situatioun ass fir de Verkéier – an haaptsächlech d'Camionen duerch de Zoning zu Péteng op de Contournement ze leeden. Et fueren doduerch eng ronn 326 Camionen weider do eran, an et wäerte vläicht och eng 7.700 Autoe weider do erafueren. Mä ech gesi keng aner Léisung. A wann en Arrangement, datt mer mat deene verschiddenen Parteie fonnt hunn, näischt méi wäert ass, da musse mer mat der Situatioun liewen, quid datt mer géint déi ganz Saach kënnen protestéieren an eis opreegen a mam Fanger op déi weisen, déi fir d'Problemer zoustänneg sinn. D'Responsabilitéit läit net hei an der Gemeng, well d'Gemeng wollt déi dote Situatioun net hunn.

John Polfer (CSV) :

Ech géif dem Här Breyer Merci soen, datt hie mer op meng kuerz Fro esou eng laang Äntwert ginn huet.

Roger Klein (LSAP):

Et ass elo villes gesot ginn. Et ass einfach e Fait, datt mer nëmme een 'axe vital' hunn, an dat ass de Contournement. An deen huet nëmme 4 An- an Ausgàng. A vun deene 4 Entréeën a Sortië sinn elo déi 2 mëttelst, dat heescht 'Rond-point Lamadelaine' an 'rue de l'industrie', zou. Wann een dann nach dovunner ausgeet, datt fir déi ganz Leit vu Rodange a vu Rolleng et och net zomuttbar ass fir bis op d'Fonderie zu Rodange ze fueren, an dann duerch dräi Länner ze fueren fir bis op Péteng ze kommen, da gesäit een, datt fir de Moment ganz vill Trafic vu Rodange a vu Rolleng sech e Wee muss sichen. Et ass einfach bedauerlech, datt déi zwou Verbindungsstécker fir op a vum Contournement mateneen zou sinn. Meng Hoffnung war, datt d'Rodanger Barrière deemnächst erëm wäert opgoen, mä datt dat awer net esou ass, an de Chantier op der Rodanger Gare vun den CFL als Virwand geholl gëtt fir d'Barrière zouzeloossen.

Dat heescht, datt zwee Lächer zou sinn, an de Verkéier sech elo en neie Wee sicht. An ech si gutt plazéiert fir ze gesi wat do geschitt. Et ass effektiv esou – an dat huet den Här Polfer och gesot -, datt e groussen Deel vun de Problemer doduerch entstinn, datt eng ganz Rei Leit, déi vun der Bréck kommen, d'Verkéisreglementer net respektéieren a lénks ofbéien, an dat obwuel dräi Schëlter do stinn. Dat heescht, datt all déi aner Automobilisten, déi d'Virfahrt net hunn, waarde bis de Verkéier, dee Richtung Bréck ass, fort ass, an da kéinten se eigentlech fueren. Mä well dann ee lénks wëll ofbéien, an hannendrun der 6 stinn ze waarden, kommen se trotzdeem net fort, an de Stau ass virprogramméiert.

Ech muss awer och soen, datt d'Police déi lescht Deeg, an ënnert anerem och déi motoriséiert Brigade, op der Plaz war, an se massiv Protokoller geschriwwen hunn. An et huet een och e bëssen d'Gefill, datt sech d'Situatioun e bëssen normaliséiert huet.

Ech perséinlech fannen et awer och elo net déi richteg Léisung fir an der J. P. Kirchen e 'sens unique' ze maachen, well een dee Moment sämtlech Leit, déi vu Rolleng hir kommen an déi bis elo riicht aus fuere konnten, forcéiert fir a Richtung Péteng ze fueren, an d'Emleedung

laanscht de Cactus an duerch de Zoning ze fueren. Et drainéiert een also nach méi Verkéier dohinner. An och wa mer elo soen, datt mer de 'sens unique' esou reglementéieren, datt d'Noutdéngschter trotzdeem dierfen doduerch fueren, da musse mer d'Police awer nees op der Plaz hu fir ze kontrolléieren op et eng Persoun ass déi dierf dohinner fueren.

Wann d'Verbuet fir lénks ofzebéien géif respektéiert ginn, a wa massiv vun der Police géif kontrolléiert ginn – esou wéi dat effektiv déi leschte Woch de Fall war – dann normaliséiert sech dat schonn, an ech si jo gutt plazéiert fir ze gesinn, datt déi Leit, déi e puermol an enger endlos laanger File houlen, sech en anere Wee sichen. Dat selwecht géllt och, wann d'Automobiliste gesinn, datt relativ oft op der Plaz protokolléiert gëtt. Ech bieden iech dofir, fir net un der Iddi vun engem 'sens unique' festzehalen.

Norbert Pierre (LSAP):

De Problem u sech ass ëmress ginn, an do brauch ech elo net méi drop anzegoen. Ech si mam Här Klein enger Meenung, datt een an der rue J. P. Kirchen keen 'sens unique' sollt maachen. Well et huet een och Leit, déi vu Péteng hir kommen, an déi och an déi Strooss wëllen erakommen. Quid datt een et virdru kann uweisen, datt een net dierf erafueren, mä dann hu mer dee selwechte Problem wéi bei deenen, déi elo d'Bréck erfogefuer kommen.

Mir hunn elo 3 kleng Schëlter do stoen, déi drop hiweisen, datt een net dierf no lénks ofbéien. Dat eent steet uewen an de Beem an déi aner zwee gesäit een. Soss hu mer kee Problem fir grouss Schëlter ze maachen, fir nach besser drop hinzeweisen, datt ee muss riichtausfueren. Wann een och hei méi grouss Schëlter géif histellen, da géifen der och scho manner falsch ofbéien.

D'lescht Woch war d'Police och e wéineg do aktiv, bon ! De muere sinn ech vu Rolleng komm, an do stoung ech awer bal 10 Minutten do ze waarden, an dat duerch déi 'Linksabbieger'. Ech kéint mer awer virstellen, datt, wann éischtens eis Police nach méi aktiv op där Plaz wier, an zweetens duerch eng adequat Signalisatioun op der Bréck, de Problem zum Deel geléist wier.

Da bemängelen ech och, datt haaptsächlech déi Rodanger Leit iwwert d'Fonderie musse fuere fir zum Beispill an de Recycling Zenter ze kommen. Leider ass do näischt un der Situatioun ze änneren, well d'Barrière zu Rodange net méi soll opgemaach

ginn, op mannst esoulaang de Chantier op der Rodanger Gare besteet. Oder bleibt se eventuell fir ëmmer zou ?

Da baue mer och um Contournement dee 'bassin d'orage'. Dat ass och alles an der Rei. Mä beim Contournement selwer, do gëtt ëmmer protestéiert, datt mer keng direkt Linn vun der Biff aus mat der Areler Autobunn wëllen hunn. Et si jo awer Saachen, déi mat wéineg Käschten ze realiséieren wieren, daat heescht, datt virum Rond-point Porte de Lamadelaine eng drétt Spuer kéint ugeluegt ginn. Plaz genuch wier do, an da géif een och vill méi séier weiderkommen an deem Ganzen.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech sinn och der Meenung, datt, wa mer d'J. P. Kirchen och elo nach zou maachen, d'Leit geschwënn net méi wësse wou se sollen hifueren. D'Reglement, datt keen dierf vun der Bréck aus no lénks ofbéien, besteet jo, an d'Leit sollen sech drun halen. An d'Police soll hiren Job maachen an do op der Plaz kontrolléieren. Well dat anert bréngt erëm nach méi Problemer mat sech.

Ech bedauern awer, datt duerch e private Promoteur zu Rodange einfach vun den CFL d'Décisioun geholl ginn ass fir d'Barrière zouzemaachen. Dat ass fir mech inacceptable, datt hei zwou Uertschafte getrennt ginn. Dat ass fir d'Geschäftswelt net acceptabel. Da soll de Promoteur seng 'autorisation de voirie' esou maache wéi dat och op anere Plaze gemaach gëtt, an zwar datt d'Kräizunge fonctionnell bleiwen. Och ass d'Propose schonns emol gemaach ginn, fir wéinstens eng Richtung, an zwar vun Athus hir, d'Strooss opzeloossen. Domatte wier de Problem op der Gare schonns geléist, well da sti keng Autoe méi op der Gare déi wëllen erof op Athus fueren. Well och wann een iwwert d'Fonderie oder iwwert Péteng muss fuere fir zum Beispill an de Recycling Zenter ze goen, esou kann een dann awer wéinstens iwwert d'Barrière zeréck op Rodange fueren. Och fir d'Rodanger Geschäftswelt wier et besser, well déi belsch Leit um direkte Wee kënnen op Rodange kommen an hir Akäf maachen.

Ech sinn och der Meenung, datt d'CFL elo dese Chantier op der Gare als Ursaach geholl huet, fir d'Barrière elo zouzemaachen, well dat wollten se jo scho méi laang. Mir sollten als Gemeng bei den CFL intervenéieren an hinnen d'Propose vun engem 'sens unique' an der Rodanger 'rue de l'industrie' maachen, fir datt esou d'Barrière zu enger Säit kéint opbleiwen. Well dobausse gëtt och

ëmmer vun de Leit gesot a gemengt, datt et d'Gemeng war, déi drop gehalen huet, datt wéinst deem Chantier d'Barrière zougemaach ginn ass. An deem ass jo awer net esou, an ech wier och frou, wann d'Vertrieder vun der Presse dat an deem Sënn géifen erëmgin.

Camille Bosseler (CSV) :

Wa meng Virriedner net d'accord si fir J. P. Kirchen-Strooss als 'sens unique' ze maachen, esou wier ech awer trotzdem dofir. Eischtens wieren d'Lénksobéier ewech, an de Stau vu Rolleng hir wier och fort. De Verkéier géif vill méi fléissend ginn, well jiddereren direkt bis op d'Héicht vum Cactus fiert. Nëmme bei Cactus wëlle vill Leit déi éischt Strooss huelen, well se net direkt gesinn, datt do Einbahn ass. Dat misst besser gezeechent ginn.

Roland Breyer, Schäffen :

Mir sinn am gaangen de Marquage um Buedem besser ze maachen, an et kann esouguer sinn, datt et haut fäerdeg ginn ass.

Camille Bosseler (CSV) :

Wat den Environnement ugeet, esou soll méi op den öffentliche Transport hi geschafft ginn. Wann ech héieren, datt all Dag dausende vun Autoen duerch eis Stroosse fueren, esou geet dat op Käschtchen vun eiser Liewensqualität. An et gëtt héich Zäit, datt mer zu Rolleng de Parking reglementéieren, well d'Duerf scho praktesch besat ass duerch Frontalieren, déi dës Säit der Grenz komme fir dann hei den Zuch ze huelen. An deenen hir Autoe stinn dann dee ganzen Dag an de Stroossen.

Zu Rodange, op der Gare, hate mer en Exempel, an dat verlagert sech elo op Lamadelaine, an an Entrée vu Péteng. A wa mer alles op esou vill Stonne regelen, da mussen se kucken datt se eens ginn, hir Autoe bei sech loossen a vum öffentliche Transport profitéieren. Well et fuere Busse vun déi Säit der Grenz eriwwer a Lëtzebuerg, déi bis bei d'Gare fueren, an da kënnen se sech do an den Zuch sëtzen a weiderfueren. Ass et da wierklech un eis fir sämtlech Efforten ze maachen, Parkingen ze schafen an ëmmer méi Leit unzezéien ?

Jeannot Linden (LSAP):

Ech sinn och net dofir, datt rue J. P. Kirchen als Einbahnstrooss sollt funktionéieren. Well wann d'Leit sech elo net un d'Schëlter halen, datt et verbueden ass lénks ofzebéien, dann ass hinnen d'Einbahnstrooss och esou laang wéi breed. Well viru kuerzem hate mer zu Rolleng an der 'rue du Moulin' och Einbahn, an obwuel d'Schëlter do stoungen, sinn se

trotzdem de falsche Wee eragefuer. An dat selwecht geschitt eis bei der 'rue J. P. Kirchen'. Ech sinn der Meenung, datt dir als Schäfferot ëmmer beméit sitt fir jidderengem entgéint ze kommen, ma da soll d'Police iech och emol eng Kéier entgéint kommen an do kontrolléieren. Eng Woch all Dag, mueres, mëttes an owes, Kontrollen op der Plaz, an dann ass den Zauber mat de Lénksobéier eriwwer.

Roland Breyer, Schäffen :

Déi Iwwerleeungen, déi elo hei gemaach si ginn, fir d'J. P. Kirchen zou ze maachen oder net, soll een effektiv nach eng Kéier ënnert eis, an och mat der Police diskutéieren. A wa méi Kontrollen do gemaach ginn, an doduerch eng Berouegung antrëtt, da kann ee sécherlech d'Reglement, esou wéi et elo besteet, bäibehalen. Wa mer awer gesinn, datt d'Situatioun net sollt besser ginn, da kann een nach ëmmer duerch e 'règlement d'urgence' reagéieren.

Den Här Pierre huet och gesot, datt keng Schëlter do stinn. Et stinn awer grouss Schëlter vun de Ponts et Chaussées do, op deene steet, datt d'Strooss gespaart ass, an datt ee muss weiderfueren. Och déi schéngen net vun den Automobilisten gesinn ze ginn. Mir kënnen awer nach eng Kéier kucken, ob een d'Présignalisatioun net nach méi efficace ka maachen. Et kann een och kucken, ob een net déi, déi vu Rolleng hir kommen, schonn duerch d'rue du Moulin ka leeden, esou datt déi schonn do op d'Bréck eropfueren an net duerch d'rue des Prés op d'Porte de Lamadelaine fueren.

Wat vun den CFL ugedeit ginn ass, ass esou, datt si constatéiert hunn, datt 80% vun der Zäit d'Barrière op der Rodanger Gare souwisou zou wier. Dat wier bedéngt duerch Sécherheetsgrënn, an doduerch, datt zu Diddeleng dat schwéiert Accident geschitt ass, hunn se nei 'mesures préventives de sécurité' kritt. Duerch déi Mesurë geet nach méi Zäit verluer. Fréier, wann den Zuch aus der Pétenger Gare a Richtung Rodange fortgefuer ass, da gouf d'Rodanger Barrière zougemaach. Elo gëtt se schonn zougemaach, wann den Zuch zu Käerjeng fortfiert. A mir sinn den CFL an deem Dossier ausgliewert, well si sech op hir Instruktiounen beruffen, a mir missten et dann op eis Kap huelen, wann zu Rodange eng Kéier eppes geschitt. Si kommen ëmmer mat Statistiken, aus deenen ervirgeet, datt ëmmer nees Leit duerchfuere wann et scho rout ass, oder d'Barrière carrément mat ewechhuele well se schonn erof ass. Ass dat wierklech de Fall oder net, dat

kënne mir net soen. Et ass Gott sei Dank nach näischt geschitt, mä wann d'Leit effektiv esou ondisziplinéiert sinn, op där Plaz, da muss een och kucken, wien d'Verantwortung muss iwwerhuele wann eppes geschitt.

Mir wëssen, datt mer duerch de Chantier beim Hôtel Nau eng Enkpass do hunn, an datt mer net kënnen esou dréinen a kéiere wéi mer wëllen. Dofir ware mer och d'accord fir déi heite Léisung. Mir wëssen awer och, datt dee Chantier net vun eis, mä vun de Ponts et Chaussées autoriséiert ginn ass, an datt eng 'autorisation de voirie' vun de Ponts et Chaussées virläit, datt si dierfen dee Bau esou do maachen. Mir mussen also mat der Situatioun do liewen, a mir dierfe probéieren, fir d'Problemer, déi doduerch am Verkéier entstinn, ze léisen.

Wann een sech versteet, da kéint ee sécherlech eng gutt Saach maachen. Dat konnt ee beim Bau vum 'Bassin d'orage' beim Pétenger Fussballsterrain gesinn. Do hu mer mat deene Verantwortleche geschwat, an et gouf eng zousätzlech Bunn aménagéiert, esou datt den Trafic relativ normal ka laanscht de Chantier lafen. Dat ass nëmme méiglech, wann ee matenee schwätzt an och matdenkt, an net versicht säi Kapp nëmme wëllen duerchzesetzen.

Wat den Aménagement vum Contournement betrëfft – wat den Här Pierre ugeschwat huet -, esou läit en éischten Dossier vun 180 Säite fir, deen de Sikor an Optrag ginn huet. Dat ass eng 'Etude de concept de l'avenue de l'Europe', a wou all déi Problemer belicht ginn, déi am Moment do sinn. An enger breeder Diskussioun ausganks Mee soll déi Etude am Sikor ofgeschloss ginn, an da muss ee kucken, op déi Solutiounen eppes kënne bréngen, an do sollen och de Vélo, den öffentliche Transport, de Foussgänger, asw, mat afléissen a méi favoriséiert ginn. Et muss een awer och wëssen, datt net iwwerall grouss Réaménagementen um Contournement méiglech sinn. Ech huelen do zum Beispill d'Traversée um Rond-point 'Eglise', déi een net ka vun haut op muer méi breet maachen. Och hu mer zu Athus verschidde Brécken, déi een net vun haut op muer méi breet ka maachen. Dotëscht kann een et méi breet maachen, mä et muss een awer kucken, ob dat eppes bréngt. Dee ganze Contournement, deen 'avenue de l'Europe' genannt gëtt, ass 10 km laang, a mer hunn 8 Rond-point'en dran. Et sinn och eng ganz Rei Fabriken do, wou Camionen eran- an erausfueren, ouni datt déi eng Bunn fir sech hunn. An dat alles bréngt Problemer mat sech. Et ass deemools e

faule Kompromëss geholl ginn beim Konzipéiere vun der Collectrice. Dat war op Grond vun de Biergerinitiative, a wou de Politiker an d'Box gemaach huet, datt e Kompromëss zustane komm ass, deen de Begebenheeten net Rechnung gedroen huet. A wann ee weess, déi Bretelle vun der Biff iwwert Sélange net virun 2017 ka gebaut ginn, da wësse mer och, datt mer mat der ablécklecher Situatioun nach op mannst 10 Joer geplot sinn, ier emol eng Kéier een de Courage huet fir Kloertext ze schwätzen. An d'Situatioun gëtt bis dohinner kaum besser, a mir sinn hei op der Plaz geplot fir Solutiounen ze sichen.

Ech géif dem Schäfferot proposéieren, fir déi Considératiounen, déi elo hei am Gemengerot gemaach si ginn, hei mat erafléissen ze loossen. Mir solle kucken, wou mer nach kënnen Drock ausüben a wou mer nach kënnen Hëllef fannen. Ech denken do un d'Police fir datt Kontrolle gemaach ginn. D'Signalisatioun, déi net vun eis gemaach ginn ass, mä vun de Ponts et Chaussées, soll och nach eng Kéier iwwerkuckt gi fir se esou méi kloer ze maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir haten an der Verkéierskommissioun d'Propose gemaach, fir zu Rodange op der Barrière d'Situatioun mat Luuchten esou ze regelen, datt kee kann op de Gleise stoe bleiwen.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat ass nach ëmmer eise Wëllen, an dat gouf och an deem Sënn am Schäfferot festgehalten, a mer hunn och der Eisebunn dat matgedeelt, datt mer dat wëllen esou realiséieren. An d'Eisebunn kann och domatter liewen, wann elo nach zousätzlech Luuchten virun d'Barrière kommen, an datt et ofgeséichert gëtt, an datt keen op der Barrière ka stoe bleiwen. Och d'Ponts et Chaussée halen drop, datt Luuchten op déi Plaz kommen. D'Luuchten hu mer schonns do leien, et ass just elo esou, datt eis dee Chantier op der Gare dertëscht komm ass, well soss wieren se schonns opgeriicht ginn.

Ech sinn och der Meenung, datt mer den CFL solle matdeelen, datt mer als Gemengerot protestéieren an datt déi ablécklecher Situatioun an eisen Aen nëmmen temporaire dierf sinn, an datt et nëmmen e Stéck vun engem Kompromëss war dee schlussendlech awer net esou ëmgesat ginn ass wéi et festgehalen gi war.

Confirmations à l'unanimité.

10.1

Sports et loisirs.

Piscine de Rodange : contrat d'entretien, avec la société Baudin-Châteauneuf, pour la toiture mobile – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen :

Gott sei Dank sinn d'Dossieren net alleguer esou komplizéiert wéi déi vum Verkéier. Hei hu mer dann elo en Dossier iwwer d'„toiture mobile“ vun der Rodanger Schwämm, dem PiKo. Et handelt sech ëm en Ënnerhaltskontrakt. De Schäfferot huet den 22. März 2007 mat der Société Baudin, déi hire Sëtz zu Châteauneuf huet, ënnerschriwwen. Dat ass en Ënnerhaltskontrakt fir zweemol am Joer den Daach vum PiKo kontrolléieren ze loossen. Dëse Kontrakt leeft op e Joer. Wann en net duerch en ageschriwwene Brëf gekënnegt gëtt, da kann e vu Joer zu Joer virulafen, an dat bis zu 5 Joer. De Präiss ass 5.420 € pro Joer. Do ass och alles abegraff, an zwar den Ënnerhalt, d'Transportkäschten, d'„frais de déplacement“, d'„frais de séjour“ an d'Aarbechtsstonnen. Dëse Kontrakt ass néideg well mer Propriétaire vum PiKo sinn a well mer aus Sécherheetsgrënn dat ofséchere wëlle loossen.

Roger Klein (LSAP):

Dee Kontrakt ass sécherlech néideg well d'ITM jo och deen Ënnerhalt virschreift a well den Daach vun der Schwämm jo betruucht gëtt wéi e Kran. Also muss zweemol am Joer fir den Ënnerhalt gesuergt ginn. Dat heescht, mer kommen awer an engem Joer op 5.420 € ouni TVA wou awer net alles abegraff ass. Am Präis sinn 8 Aarbechtsstonnen abegraff, d'Material wat muss ersat ginn natierlech net, mee dat gëtt vun der Firma kaf a mat plus 15% verrechent. A wa méi wéi 8 Stonne geschafft ginn, da ginn och nach 55 € d'Stonn an 110 € „frais d'hébergement“ bezuelt. Dat heescht, et wier ze hoffen, datt et ëmmer bei där Zomm do géif bleiwen, datt d'Maintenance ëmmer an deenen 8 Stonne ka gemaach ginn ouni datt vill Materialkäschten ufalen, well soss kann et emol en Ënnerhalt ginn, deen extrem deier gëtt.

Nach e Wuert zu eiser Fraktioun. Mer ware jo ëmmer der Meenung, datt mer deen Daach iwwer der Rodanger Schwämm net wollten. Ech weess, datt mer do och ni enger Meenung waren an do sinn d'Meenungen effektiv ausernee gaangen. Et wier natierlech elo e bësse bëlleg fir ze soen, datt, wa mer deen Daach net drop gemaach

hätten, da bräichte mer elo och keng Maintenance dovun. Dat wier zevill einfach. Dofir verstitt der, datt mer eis bei dësem Kontrakt wäerten enthalen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Meenunge ginn tatsächlech auserneen. Ech muss awer nach drop hiweisen, wat fir een Erfolleg déi Rodanger Schwämm awer elo déi lescht Deeg hat. Mer waren déi eenzeg oppe Schwämm, déi fonctionnéiert huet an all déi aner Schwämme sinn nach net aus dem Wanterschlof erwächt. Mat där Situatioun, déi mer elo hunn, kënnen mer eise Bierger eng flott Attraktioun ubidden.

Norbert Pierre (LSAP):

Den Här Klein huet jo de Gros gesot. Den Här Welter huet gesot, datt alles mat abegraff wier. Dat ass awer net esou. D'Ersatzstécker sinn net doranner abegraff, dat geet och kloer doraus ervir. Dat heescht, alles wat muss ersat ginn, dat gëtt och separat a Rechnung gestallt. Ech hunn och gesinn, datt Buch doriwwer gefouert gëtt, wat alles do geschafft gëtt. D'„Inspection du travail et des mines“ maache jo och hir eegestänneg Kontrollen. Dat géif jo heeschen, datt déi Zertifikater als Ënnerlag fir d'ITM do ass. Wéi dacks gëtt déi Kontroll vun hinne gemaach? Ech weess dat net.

Gilbert Welter, Schäffen :

Dat ass eemol am Joer.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Et ass jo e Fakt, datt mer deen Dach kontrolléiere musse loossen. Mee ech mengen, et sollt ee mam Datum oppassen. Well dëst Joer hätte mer kéinten ee Weekend den Daach opmaache wann d'Kontroll gemaach gewiescht wier. Dofir ass et och wichtig, op d'Datumer opzepasst, esou datt dat och virum 1. Abrëll geschitt ass. Dann hätte mer nach e puer Recette weider gehat an der Schwämm.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et ass esou, datt déi Kontroll elo gemaach ginn ass. Et huet awer och kee Mënsch domat gerechent, datt et esou fréi esou waarm géif ginn. Dobäi wëll ech awer och elo soen, datt de PiKo zënter 14 Deeg op ass.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Jo, mee d'Ouschtervakanz, wéi et 30 Grad waren, do war se net op. Et ass jo einfach. Wa mer musse Kontrolle maachen, da kënnen mer déi jo och am Februar oder am März maachen. Da komme mer net an déi Situatioun.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Der hutt och Recht. Mee dat hei ass eng franséisch Firma a fir dee Kontrakt esou hinzekréie fir datt en och mat eise Gemeengezesetzer iwwerenee stëmmt, do war dee Courier hin an hir gaang. De Kontrakt ass dunn eréischt den 22. Mäerz ënnerschriwwen ginn a mer konnten se och eréischt duerno heihinner kréien. Effektiv, déi nächste Kéier solle mer kucke fir déi Kontroll am Mäerz ze maachen. Da si mer sécher, datt dat och klappt well de Summer jo elo schéngs éischter ugeet zu Lëtzebuerg. Da si mer prett.

Approbation avec 9 voix et 4 abstentions (LSAP).

10.2.

Sports et loisirs.

Rénovation et transformation de la piscine de Rodange : construction d'un parking complémentaire et autres aménagements extérieurs – approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire.

Gilbert Welter, Schäffen :

Laut Délibération vum 16. November 2004 goufen d'Pläng an d'Devisen ugeholl fir d'Alentouren vum PiKo ze maachen. An dat fir eng Zomm vun 824.298,60 €. Dat gouf och vum Inneministère konfirméiert. Mer hate Kreditter agedroen an de Budgets-exercicer vun 2004 bis 2006 iwwer 743.555,18 €, esou datt nach 80.743,42 € gefeelt hunn an och net agedroen waren, och net 2007. An dësem Dossier hu mer nach Rechnungen am suspens fir 158.440,68 €, esou datt mer och nach am Exercice 2006 ronn 6.948,39 € zur Verfügung hunn. Wann een déi Rechnung elo mécht, da sinn et 151.492,28 €, déi mer nach net verbucht hunn. Dofir froe mer dann eng extra Ausgab iwwer 70.748,87 € déi eis nach feelen. Plus dann nach déi 80.000 €, déi mer net an de Budget agedroen hunn. Dat géif dann eng Zomm fir en neie Kredit vu ronn 151.500 € ginn, déi mer misste guttheeschen. Ech géif iech bieten – well mer déi Suen och de Moment an eise Konte stoen hunn duerch déi gutt Aarbecht vun eise Receveur – fir déi provisoiresch Konten iwwer d'Zomm vun 895.047,47 € guttheeschen. An dann och nach fir deen neie Kredit iwwer 151.500 € an de Budget 2007 androen ze kënnen.

Albert Muller (LSAP):

Ech denken, datt, wa mer et gemaach hätten ewéi bei den Aarbechten an der Park-Schoul, bei dem „réaménagement

des combles“ a mer hätten de Kredit direkt op de Montant vum Devis opgefëllt – zum Beispill wéi de Budget 2006 opgestallt gouf – dann hätte mer eis kënnen dee Saz vun 80.743 €, dee jo souwisou net derbäi war, spueren. Well et gëtt dacks esou gemaach, datt e Kredit op de Montant vun engem Devis opgefëllt gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do hutt der Recht. Effektiv war beim leschte Budget vergiess ginn déi Zomm anzesetzen. Dat ass och e bëssen doduerch bedéngt, datt dat vun engem Fonctionnaire iwwerholl gouf an do war effektiv e kleng Mëssel geschitt. Mee mer sollen awer elo dee provisoireschen Dekont guttheeschen, fir datt mer dat ofschléissen an och den definitiven Dekont kënnen maachen.

Approbation avec 9 voix contre 4 voix (LSAP).

11.

Questions des conseillers communaux.

John Polfer (CSV) :

Kënn Dir mer soen, firwat op der Porte de Lamadelaine d'Strooss fir op de Rond-point komplett zou gemaach ginn ass? Wat dat esou virgesinn? Dat féiert zu gewësse Stonnen zu grousser Stauen a ganz geféierleche Situatiounen. Ganz vill Leit hale sech och net un d'Verkéiersregelen, obschonns dräi Verbuetschëlter fir lénks ofzebéien do stinn, a se déi einfach net respektéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dës Fro ass am Kader vum Punkt 9 scho beäntwert ginn.

Albert Muller (LSAP) :

Centre de recyclage :

Ech war leschtens am Centre, an do hunn ech gesi wéi Aarbechter vun enger Baufirma mat der Firmencamionnette do waren, a wéi se regelrecht hire Bauschutt entsuergt hunn. An dat war net weineg, kann ech lech soen. Wat een awer elo net weess, war dat Bauschutt aus der Gemeng Péiteng? Oder esouguer aus enger anerer Gemeng?

Wäitaus schlëmmer fir mech war och ze gesi wéi Leit aus engem Auto mat franséische Placken an och engem Unhänger mat franséische Placken hiren Offall an déi eenzel Container gehäit hunn.

Dat kann dach net sinn. Dat entsprécht menger Meenung no net dem Sënn an

dem Zweck vum Centre de recyclage, dee jo eigentlech gebaut gouf fir dem Bierger vun der Gemeng Péiteng ze erlabe säin Offall uerdnungsgemäss ze entsuergen. Wat kann de Schäfferot maache fir esou Abusen ze verhënneren?

Gilbert Welter, Schäffen :

De Fonctionnement vun eise Recyclingcenter gëtt iwwer en internt Reglement, dat den 9. Dezember 1999 vum Gemengerot gestëmmt gouf, geregelt. All Persoun, respektiv all Firma, déi hei an der Gemeng eng Mülltaxe bezitt, däerf de Recyclingcenter vun der Gemeng Péiteng zu deene selwechte Konditiounen benotzen.

D'Quantitéit, déi ee pro Woch däerf ofliwweren, ass op 1m³ begrenzt. Natierlech ass et och net esou evident fir d'Quantitéit genee ofzeschätzen. Et ass och esou, datt, wann déi Persoun, déi den Dreck ofliwwert, e bësse méi huet, net forcéiert gëtt hiren Dreck nees anzepaken an eréischt déi Woch drop erëmzekommen. Des Weidere seet d'Reglement, datt Privatautoen, Autoe mat enger Remorque a Camionnetten (bis zu engem Gewicht vun 3,5 Tonnen) däerfen an de Park erafuere fir hir Offall ofzeliwweren.

D'Personal vum Recyclingcenter huet och den Opdrag kritt, dës Richtlinie Rechnung ze droen. Sécher ass, datt nëmmen Leit erakommen, déi eng valabel Zougangskart bei sech hunn. Bei iwwer 6.000 abonnéierte Leit ass et allerdéngs net méiglech, datt eist Personal jiddere perséinlech kennt. Och mat Hëllef vun eise Zougangssystem, deen an der Tëschenzäit en Instrument ass, dat net méi ewechzedenken ass, kann also ni ganz ausgeschloss ginn, datt deen Dreck, deen en Awunner aus der Gemeng Péiteng bei eis ofliwwert, och tatsächlech aus eiser Gemeng kennt.

Wann dat dann awer déi eng oder aner Kéier de Fall ass, da muss een sech d'Fro stellen, ob et dann net vläicht besser ass, den Dreck land bei eis am Recyclingcenter ewéi datt eis Servicer en duerno an de Bësch mussen ophiewe goen.

Albert Muller (LSAP) :

Zënter wéini hunn eis Leit d'Instruktioun fir Stéchprouwen ze maache fir ze kucken, ob dat och wierklech stëmmt. Well dat mam Entreprenneur, mee wann awer Autoen do sti mat franséische Placken, do misst een awer kënnen kucken ob d'Identitéit stëmmt mat deem deen dobannen ass. Well et ass jo offensichtlech, datt deen eng Kart kritt huet vun iergendengem.

Gilbert Welter, Schäffen :

Wat déi auslännesch Autoe betrëfft, do ass et esou, datt déi Leit awer eng valabel Zougangskaart mussen hunn, soss géifen se jo net erakommen. Entweder wunnen déi Leit eréischt zanter enger kuerzer Zäit an eiser Gemeng a si hunn nach keng lëtzebuergesch Plaque um Auto, oder si hu ganz einfach keen Auto oder keen Auto, dee grouss genuch ass, a se froen e Bekannten oder e Member aus der Famill deen hei vir an der Belsch oder am Frankräich wunnt.

Et mécht keen aus dem noen Ausland sech d'Méi fir säin Dreck op Lëtzebuerg ze bréngen well et gétt do genuch Plazen, wou e säin Dreck lass gétt. Dës Leit ginn natierlech regelméisseg vun eise Leit ugeschwat.

Albert Muller (LSAP) :

Enlèvement des ordures ménagères :

Obwuel de Müllwon eréischt dënschdes kënnt, hunn eenzel Leit – ech schwätzen hei vu Péiteng - hir Poubellen , hir giel an och esouguer hir schwaarz oder gro Tute schonns Ouschtersonndeg erausgestallt. Dënschdes, wéi de Müllwon dann endlech komm ass, sinn d'Poubellen eidel gemaach ginn. Et goufen och déi giel Tuten opgelueden an esouguer déi schwaarz a gro Tuten. An engem Fall ass awer och eng giel Tut stoe gelooss ginn. Ech denken awer net, datt dat mat Absicht geschitt war.

Mäin Appel un de Schäfferot wier, fir dem Bierger ze soen, wéini datt een d'Poubelle an déi giel Tuten däerf fréistens eraus setzen, an de Jonge vun dem Müll ze soen, datt onbedéngt all déi Tuten, déi net vun der Gemeng sinn, musse stoe gelooss ginn. An dat am Respekt zu all deene Leit, déi giel Tuten an der Gemeng kafen.

Gilbert Welter, Schäffen :

D'Polizeireglement vun eiser Gemeng seet, datt een seng Dreckschächt respektiv seng giel Tuten eréischt owes virun dem Dag vun der Collecte däerf eraussetzen. Nach den Dag selwer vun der Collecte mussen d'Dreckschächten an och déi Tuten, déi net conforme sinn zum Reglement, nees erageholl ginn.

Eist Personal hanner dem Müllwon weess ganz genee wéi eng Tuten däerfe matgeholl ginn a wéi eng net. All Tuten, déi net vun der Gemeng verkaf ginn, si vu vir eran ausgeschloss. Déi giel Tute mat der Opschrëft „Commune de Pétange“ mussen hirersäits richteg zou sinn a se däerfen net méi wéi 20 kg weien.

Eréischt wann ee pro Joer méi wéi 44.000 Tute muss asammelen, a wann ee weess, wéi héich d'Schüttung vun engem Müllwon ass, da weess een, datt dës Moosnamen net do si fir d'Leit ze schikanéieren. Deemno gétt och all giel Tut, déi net richteg zou an/oder ze schwéier ass vun der Collecte ausgeschloss. Wann d'Leit hir Tute bei eis an der Keess kafen, da kréien se déi noutwenneg Informatiounen wéi d'Tute richteg zougemaach musse ginn. Och kréien déi Leit, deenen hir Tuten net mat ewechgeholl ginn, en Avis an hir Bréifkëscht gehäit.

Albert Muller (LSAP) :

Ech hu jo och gesot, datt, wéi déi Tut net matgeholl gouf, dat net mat Absicht geschitt ass. Ech denken, datt se iwwersi gouf well do e puer Dreckschächte beieneen do stoungen. Wat mer awer net gefält, dat ass, wann déi gro oder soss aner Tute matgeholl ginn.

An dann nach eng zousätzlech Bemierkung: elo sti schonn nees giel Tuten an eise Stroossen. An dat scho vun e Mëttwoch respektiv e Samschdeg un. Wann ee jo weess, datt de Müllwon eréischt e Mëttwoch kënnt, da stinn do muench Tuten eng Woch um Trëttoir. An do ass keen, deen sech dorëm këmmert.

Gilbert Welter, Schäffen :

Am nächsten 'Meng Gemeng' wäerte mer nach eng Kéier dorop opmierksam maachen.

Albert Muller (LSAP) :

Abris devant l'Hôtel de ville :

Et hu Leit mer gesot, an ech hunn et awer och selwer festgestallt, datt, wann et vill reent an dann och nach e bësse Loft ass, ee keng dréche Plaz ënnert deenen Haisercher fënnt. Fir de Leit entgéint ze kommen, déi an esou engem Wieder op de Bus waarden, proposéieren ech dem Schäfferot déi Haisercher hannelaanscht an och op de Säite mat Glas zou ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Den Här Klein huet virdu bei der Schwämm gemengt, mer wieren eis net eens bei verschidde Projeten. Dat do ass och ee vun deene Projeten, bei deene mer eis net eens waren. Deen heite Projet geet op d'Enn vun den 90er Joren zeréck. Mer haten deemools gesot, datt déi kleng Bushaisercher, wéi den Här Muller seet – se hunn awer 28 Millioune Frang kascht -, net hiren Déngscht géife maachen a se wieren och net onbedéngt adaptéiert op där Plaz. Se sinn awer gebaut ginn a mer hunn dat, wat där elo feststellt, scho laang festgestallt. Mer hunn awer

gemengt, datt mer net alles kënnen ewechrappe wat eis Virgänger gebaut hunn. Zemoos se jo och net ganz bëlleg waren. Mer sinn och der Meenung, datt d'Zuel vun deene Leit, déi do de Bus huelen, net ganz héich ass. Se fueren éischer an déi aner Richtung. Hei klammen se éischer eraus wa se vun Esch kommen. Dat heescht, et sinn déi Leit, déi a Richtung Rodange oder Rolleng fueren, déi do de Bus huelen. Ech froe mech awer, ob dat mat Glas ganz schéi soll ginn. Well da musse jo och nees Villercher dra gepecht gi fir datt d'Déieren net dergéint fléien an och d'Leit net drannen. Dat ass net esou einfach. Dofir war et och am urspréngleche Projet net virgesinn, well soss hätt een dat schonn direkt gemaach. Mer hunn eis scho Gedanke gemaach, wéi mer dat sollen änneren. A wann ech elo schonn héieren, datt d'Oppositoun an den Techniker, deen dat matkonzipéiert huet, der Meenung sinn, datt ee soll eng Ännerung maachen, dat sportt eis u fir ze kucken, wat mat deenen Haisercher soll geschéien.

Roland Breyer, Schäffen :

Ech ka mech nach gutt erënneren, datt ech 1999 déi Fro gestallt hat. Ech hunn deemools schonn anuecht geholl, datt et eragereent huet an ech hunn net bräichten ze waarde bis d'Leit mer et gesot hunn. Dach et hat ee mer dat gesot, de Leo Schanen. Hie sot, datt déi Haisercher näischt géifen daachen. Dunn hunn ech déi Fro gestallt, an den Här Klein huet mer dorop geäntwert – den Här Muller huet him déi wahrscheinlech geschriwwen well hie jo déi Zäit de Mann vun der Technik do iwwer war – et kéint een nach ëmmer Glas dra maache well do och esou Wutze virgesi wieren. An den Här Muller war jo och nach esou laang do an ech hunn ëmmer geduecht, den Här Muller géif dat och nach eng Kéier ëmsetzen, mee dat ass net geschitt. Also schéngt dat jo net grad esou einfach ze sinn an et schéngt do nach e Problem ze ginn. Mer mussen eis dat awer nach eng Kéier iwwerleeën. Mee ech sinn derfir, datt déi Haisercher sollen ewechgerappt ginn. Ech war jo vun Ufank un dergéint.

Albert Muller (LSAP) :

Ech wosst vu vir eran, datt déi Äntwerte vum Schäfferot géife kommen. Ech ka mech och nach drun erënneren – et si jo Nimm gefall hei -, datt den Här Breyer och net ganz onschëlleg ass an deenen Haisercher. Mee ech hunn déi Fro hei gestallt am Interesse vum Bierger. An ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, datt ech do stoung ze waarden ewéi d'Zuchlinn Péiteng-Lëtzebuerg zou war. Ech hu Leit do

emfaangen, déi mam Bus aus der Stad koumen. Ech stoung do am Reen a war plätschnaass. An eréischt wéi ech ënner dem Balcon vum Gemengenhaus stoung war et besser. A do hunn ech mer geduecht, et sollt een sech do eppes iwverleeën. Well wann der gären hätt, dat vill Leit mat dem öffentliche Transport fueren, da mussen se och d'Geleeënheet hu fir ze waarden. Wann ech elo vun Haisercher schwätzen, da mengen ech déi fënnf Elementer, an dat ass een Haischen. Dat gëtt e grousst Haus. Ech géif soen, mer sollten dat maachen an net d'Vergaangenheet ausgruuewen. Mee ech wollt ganz einfach mat iech positiv eppes entwéckelen.

Här Breyer, där hutt dann och elo nach déi Zäit ugeschwat, déi ech nach do geschafft hunn. Wéi d'CSV un d'Rudder komm ass, do war dat éischt, wat gesot gouf, dat déi Haisercher ewechgeholl géife ginn. An do ass och deen zoustännege Beamten – deen ass elo net heibannen – domat chargéiert ginn, eng Etude ze maachen. Mee et geet mer elo net dorëm. Et geet mer einfach dorëm fir ze kucken, dat mer déi Haisercher hannen an op zwou Säiten - vläicht besonnesch déi zu Rodange hin - zou gemaach kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer kucken eis déi Saach un. Et ass eis scho bewosst, dat déi Situatioun do besteet. Mer hunn och gemengt, et wier e Konschtwierk – dem Präis no – an et wier eppes, wat een net esou einfach kéint änneren. Mer hunn eis wéi gesot scho Gedanke gemaach wat een do kéint maachen, mee mer wollten awer net direkt alles ewechrappen.

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt awer soen, dat ech deemools am Joer 1999 dem Här Breyer eng Äntwert ginn hunn an „âme et conscience“, déi dem deemolege Wëssensstand an den deemolege Méiglechkeeten um technesche Stand entsprach hunn. Mer sinn haut 8 Joer weider an dofir soll een net op 1999 zeréckkucken, mee eng Léisung sichen, esou wéi dat jo och elo ugeklongen ass.

Roland Breyer, Schäffen :

Deemools huet et och vill méi gereent wéi et elo reent.

Jeannot Linden (LSAP):

An der rue de Longwy zu Péteng ass den TICE-Arrêt vun den Haiser 224-226 a Richtung Zentrum, bei d'Haus Nummer 222, verluengt ginn. Dat Haus mécht den Eck mat der rue des Jardins. Ech si vu Bierger, déi op deem Arrêt de Bus benotzen, gefrot ginn – vu

dat eng gréisser Plaz disponibel ass – ob et méiglech wier, e Bushaischen ze installéiere fir sech bei schlechtem Wieder besser kënnen ze schützen.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat ass och vun eis esou geduecht. Mer hunn dat eriwuer gezu well mer der Meenung waren, dat déi Leit, déi vum Cactus iwuer de Stréich eriwuer ginn, de Bus besser do sollten huelen ewéi wann se nach 15 oder 20 Meter erfogoe sollten. Et ass och vun Ufank u geduecht gewiescht fir do en Abri opzeriichten. Mee mer hu festgestallt, dat déi Spätz inklusiv déi kleng Insel um Eck vun der rue des Jardins, a Privatbesetz ass. Dat gehéiert nach dem Propriétaire, dem Här Hamen. Mer hu Kontakt mat sengen lewen opgeholl a festgestallt, dat mer en Arrangement fannen. Dat war net esou einfach. Déi ganz Emprisen hätten déi Zäit richtig misse geschéien an da wier et och an den „domaine public“ gefall. Mer sinn eis awer elo eens ginn, dat mer an enger Zort Kontrakt oder Konfirmatioun hinne matdeelen, dat mer fir den Ënnerhalt vun deem Haischen opkommen an och d'Responsabilitéit hu wann een do sollt ausrutschen. An esou séier wéi dat kloer ass setze mer dat Haischen och dohinner.

Jeannot Linden (LSAP):

E Geforepunkt huet sech awer och ergi fir déi Automobilisten, déi aus der rue 'Op Raechels' Richtung Zentrum Péteng fueren, wann op den zwee Busarrête gläichzäiteg 2 Bussen hale fir Passagéier eran-, respektiv erauszeloossen. Ech weess, dat een eben do muss oppassen, mee ech wollt just drop hiweisen, dat do e Geforepunkt entstanen ass duerch d'Verleeë vun dësem Arrêt.

Roland Breyer, Schäffen :

Mer wëssen dat, mee d'Probabilitéit, dat zwee Busse mateneen alafen, ass net esou grouss. An d'Zäit, wou de Bus stoe bleift, ass net esou laang. Et ass sowiso eng Situatioun, déi net evident ass, wann een do muss erausfueren. Och wann den Arrêt ënnendrenner wier, gesäit een net ganz gutt. Et ass eben e Geforepunkt an et kann ee leider näischt Aneschters do maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Vun deem Dag u wou d'Rollenger Gare funktionnell ginn ass hu lues a lues en etlech Zuchbenotzer hiren Auto op den ageriichtene Parkplazen ofgestallt. Haut sinn déi Plazen no alle Säiten hi quasi iwwert dee ganzen Dag besat, an hei ans do ganz komesch. Op Privatterrain gëtt emol keng Récksicht geholl. Dofir hätt ech e puer Froen an Ureegungen un de Schäfferot :

An enger éischer Phas miisst de Parkraum mat de Plaze genee agezeechent ginn. De Schäfferot soll déi implizéiert Administratiounen – Ponts et Chaussées an CFL – uschreiwene, fir nei Parkplazen tëscht der Lëtzebuenger Strooss am CFL-Gelänn ze schafen. D'Méiglechkeet ass do fir schätzungsweise 40 bis 50 Plazen unzeleeën. Oder zumindest sollt eng Etude an Opdrag gi ginn.

Eng Gare bauen, an deen néidege Parkraum net gläichzäiteg upassen, ass dach komesch, D'Erfahrung aus deene leschte Joere muss deenen Administratiounen – CFL an och Ponts et Chaussées - dach bewisen hunn, dat ouni Auto näischt leeft an dat nach esoubal dat net änneren dierft. D'Leit huele wuel den öffentliche Transport, mee se fuere mam Auto bis dohinner, wou se dee kréien.

Roland Breyer, Schäffen :

Déi Ureegung, déi der maacht, kënne mer deelweis deelen. Et ass net eis Absicht fir do eng Gare ze maachen, déi ee ka vergläiche mat der Rodanger oder der Pétenger Gare. Hei ass eng Gare, déi gebaut gouf wéinst dem Lycée an déi och fir déi Rollenger Leit vun engem Virdeel ka sinn. Se soll och net eng besser an optimal Parkméiglechkeet gi fir d'Frontalieren. Dofir hate mer jo um Ausgang vum leschte Joer e Reglement gestëmmt fir ze soen, dat eppes op eis zoukënnt an de „parking résidentiel“ muss agefouert gi fir déi Leit, déi do wunnen. Op där aner Säit sollt och d'Dauer vum Parken op 2 Stonne begrenzt gi fir do kee wëlle P&R ze kréien. Leider ass dat Reglement nach ëmmer net aus der Stad erëm. Dat ass jo d'Problematik, déi mer hunn, dat dat méintelaang dauert. De Parkraum anzezeechnen ass eng Propositioun, déi kann ee mat vollzéien. Doduerch kritt een e puer Plaze méi. Fir méi Plazen op engem aneren Terrain ze schafen, dorunner wëlle mer elo nach net denke well mer an den Diskussiounen si mat CFL a Ponts et Chaussées fir e gréisseren P&R op der Rodanger Gare z'aménagéieren, an zwar op dem Terrain vun der fréierer Telindus. Wann dat geet, da soll dat deen offizielle P&R ginn. Mer wollte schonn e P&R op der Grenz hu fir esou mann wéi méiglech Autoen an d'Uertschaften erakommen ze loosene. Dat schéngt sech awer net ze maachen. Mee wa mer dann d'rue de l'Industrie als Zougangsweg fir op dee P&R gesinn, dann ass dat eng Léisung, déi ee kann akzeptéieren.

Carlo Gira (CSV) :

Am Championatsmatch am Fussball de 15. Abrëll tëscht Péteng an der Etzella

huet e Spiller vu Péteng sech esou schwéier un der Schëller blesséiert, dat hien mat enger Ambulanz huet mussen an d'Spidol gefouert ginn. Et ware vill Leit opbruecht iwwert déi laang Zäit, déi vergaangen ass, bis d'Ambulanz op der Plaz war. Et ass dëst sécher keen Thema fir ze polemiséieren. Ech mengen awer, datt d'Leit miisste rassuréiert ginn, datt fir si déi néideg Hëllef garantéiert ass wa si se brauchen. War et ieren duerch deen erschwéierten Zouwee iwwert d'Porte de Lamadelaine bedéngt – wat ech jo awer kaum unheulen – oder war d'Ambulanz scho virdrun am Asaz oder stéisst de Sécherheetsdénsgsch mat senge Fräiwëllegen dach esou lues u seng Grenzen? Wéiwäit si mir als Gemeng hei gefuerdert?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Den Ambulanzdénsgsch ass en nationalen Dénsgsch an do si mer als Gemeng net esou gefuerdert. Et kann een awer soen, datt eisen Ambulanzdénsgsch hei zu Péteng – esou wéi ech dat och op ville Plaze gesot kréien – ganz gutt fonctionnéiert. Mer hunn och regelméisseg Leit do am Dénsgsch – 24/24 an och 7 Deeg op 7 – mee datt mer et och net ëmmer fäerdegbréngen, ëmmer déi 2 Ambulanz besat ze hunn. Op där aner Säit muss een awer och ganz kloer soen, datt mer an deene leschte Joere ganz gutt Erfahrung mat deem Zentrum haten.

Wat dee spezifesche Fall vum 15. Abrëll ugeet, do muss een dat hei soen: Et hat näischt mat dem Zougangwee ze doen, well se komme jo direkt iwwer d'Collectrice an da sinn se jo direkt beim Terrain. Ech hu mer awer soe gelooss, datt grad op deem Dag a bei deem Fall en technesche Problem war wat d'Kommunikatioun iwwer den 112 ubelaangt. Dee Problem war och d'Ursach, datt et do esou laang gedauert huet. Da war eng Ausnam, et ass bestëmmt net d'Regel.

Carlo Gira (CSV) :

Ech si frou driwwer, datt et dëst Joer keng Doze Joere ware bis eng Äntwert vum zoustännege Minister komm ass fir eng weider Apdikht hei an der Gemeng, mä nëmmen eng Doze Wochen. A senger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro seet de Minister, datt eng Konzessioun zu Péteng fräi gëtt. Meng Fro ass, ob mer elo als Gemeng gefuerdert si fir Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen, oder ass dat dem zukünftegem Apdikter seng Aufgab?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass och eis zu Ouer komm, ouni dat awer offiziell vum Minister konfirméiert ze kréien. A mat offiziell mengen ech

schrëftlech. Datt eng drëtt Apdikht op Péteng soll kommen, dat ass scho mëndlech gesot ginn. Mee do musse gewësse Prozeduren agehale ginn. Engersäits muss gekuckt ginn, ob eis Motioun duergeet oder ob mer net nach eng Kéier eng offiziell Deklaratioun musse maachen hei am Gemengerot. An deem Zesummehang waarde mer nach op e juristischen Avis. Dann ass och nach en Avis vum „contrôle médical“ erfuert. An da wäert et awer och nach e bëssen dauere bis dat Realitéit gëtt. Mer sinn awer elo um gudden Wee. A mer mussen och hei eisem Gesondheetsminister Merci soen, datt hien op eis Ufro hi reagéiert huet. Et bleift awer nach ze kucken - mee ech géif net dovunner ausgoen -, datt mär mussen e Lokal zur Verfügung stellen well déi zwou, déi mer hunn, sinn a Privathaiser. Se sinn zum Deel loune gaang oder se hu kaf. Dat heescht, datt mär als Gemeng – esou wäit ech dat weess – net wäerte mat enger Demande konfrontéiert ginn. Mee et gesäit awer gutt aus mat der drëtter Apdikht hei an der Gemeng. A wann dat an deenen nächste Méint Realitéit gëtt, da kënne mer eis als Gemengerot félicitéieren, datt opgronn vum eiser Interventioun esou eppes geschitt ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

An der rue de la Résistance zu Péteng ass virun den Haiser mat den Nummern 8 an 10 ee Busarrêt gemoolt, wou dann och de Schoulbus (Huberty) stoe bleift. D'Bewunner vun deenen zwee Haiser géifen nawell de Weekend, oder déi Zäit wou kee Bus do hale bleift, ganz gären hiren Auto duer parken, mee dat gesinn eis „Agenten“ anescht. Ech géif iech bieden, de Bewunner vun deenen zwee Haiser dat ze erlaben, well wa kee Bus do hält, dann dierf dat dach guer kee Problem sinn, an déi Leit hu schonn do gewunnt wou nach kee Mënsch vun engem Bus geschwat huet.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat ass leider net esou einfach wéi een dat hei wëll proposéieren. Well iwwerall, wou e Busarrêt ass, do dierf een – laut „Code de la route“ – net parken. A mer hunn där Fäll jo awer genuch an der Gemeng. Ech hunn d'Situatioun nach net genee gekuckt, well ech eréischt gëschter erëm komm sinn. Mee wann et nëmmen e Schoulbus ass, da kéint ee kucken, ob een do net kéint de Weekend en Schëld mat „excepté weekend“ dropsetzen. Do kéint ee kucken, ob een do eng Reglementatioun kritt, wou een dat op d'Zäit ka limitéieren, déi do um Arrêt gebraucht gëtt. Wann dat méiglech ass, da kënne mer dat erlaben an eventuell op anere Plazen

och maachen. Et wonnert mech awer, datt der méi fir d'Leit ewéi fir de Bus schwätzt, Här Becker.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass esou, datt déi Madame en Arrêt virun hir Garagepente gemoolt kritt huet. Wann een eisen Agente géif follegen, dann dierften déi nach net emol méi eraus- an erafuere well se jo mussen iwwer e Busarrêt fueren, wou et verbueden ass ze halen oder ze parken.

Roland Breyer, Schäffen :

Driwwer fueren dierf een, mee et ass verbueden, do ze stationéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Da kann ech déi Leit jo berouegen, datt dat eventuell méiglech ass.

An der Lengerstrooss zu Péteng fänkt et un ëmmer méi ellen auszegesinn. Um Dépôt vun engem Entrepreneur vu Péteng sinn al Camionscarchassen amgaangen sech ze tiermen. Dës-weidere leien aner ural Maschinnen do op engem Koup. Well dëst éischtens net immens ausgesäit, an zweetens aus Ëmweltgrënn net esou erlaabt ass (art. 11 de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature ...), an drëttens d'Leit aus der Belair-Strooss vu Péteng net midd gi sech iwwer den Zoustand ze bekloen – well dat ganz gemittlech Ratennäschter sinn -, wollt ech froen, ob dir als Schäfferot net kéint beim zoustännege Entrepreneur intervenéieren fir datt dee säi Schrott emol entsuergt an d'Front laansch d'Strooss an d'Rei bréngt.

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech ginn dervun aus, datt der de Site Alleva mengt. Dëse Site läit nëmmen deelweis op Pétenger Terrain, an zwar méi oder manner 25 Meter vun der Front laansch d'Lénger Strooss. D'Naturschutzgesetz vum 19.01.2004 seet: „Il est défendu d'abandonner, de déposer ou de jeter en dehors des lieux spécialement désignés à cet effet par les autorités étatiques et communales des déchets de quelque nature que ce soit, y compris tous engins mécaniques hors d'usage et les parties de ces engins mécaniques“. Deemno solle mer opgrond vun deemem Texte bei der Entreprise Alleva intervenéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Den Artikel seet weider: „L'installation et l'exploitation d'une décharge sont sujettes à une autorisation du ministre. Les déchets doivent être soit enterrés soit cachés à la vue“. En dierf also keng Décharge dohinner maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer maachen dat a mer maachen och regelméisseg Interventiounen wa mer

esou eppes feststellen. Esou bal mer esou eppes matgedeelt kréie reagéiere mer.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et sinn ëmmer méi Leit aus der rue Belair – elo ëmmer méi well jo kee Wanter war – déi sech bekloen, datt do vill Rate sinn.

Den 31. Mäerz war ech op Rolleng an de Bësch Fotoe maachen – ech ginn nawell ganz vill Naturfotoe knipsen – well dat souzesoë mäin Hobby am Ausgläich zu menger Aarbecht ass. Wéi ech zeréck kouw, wollt ech nach e puer Biller vun den Inten an de Mouken am Rollenger Weier maachen. Wéi ech 3 Fotoe gemaach hat, kouw eng energiesch Madame an huet mer ganz barsch gesot, ech dierft do weder Inten nach Mouke fotograféiere well dat e Privatterrain wier, an ech keng Autorisatioun hätt fir do Fotoen ze maachen an dofir sollt direkt ophalen. Dobäi hunn ech weder de Chalet, nach d'Leit, nach soss eppes fotograféiert, mä just Déieren déi eben do waren. Dofir meng Fro un iech :

Wat hunn déi Leit ze verstoppen, datt een als « Hobbyfotograf » net emol dierf Inten a Mouken do knipsen ? A vu datt den Terrain net clôturiert ass, ass e jo och zougänglech. A wéi d'Madame vun Autorisatioun geschwat huet, sinn ech nawell hellhöreg ginn. Hunn déi esou eng fir Restauratioun kënnen ze bedreiwen ? Ass de Chalet un d'Kläranlag ugeschloss, a wann net, hunn déi dann eng Autorisatioun fir hiert Ofwaasser aus der Kichen, vun den Toiletten, asw., an d'Baach ze schëdden ? An dat ganz um Bord vun engem Reserve naturelle. A virun

allem nach well de Fëscherclub sech jo esou ëmweltfrëndlech gëtt.

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech ka mer virstellen, datt déi Reaktioun zeréckzeféieren ass op eng Rei béiswëlleg Attacke vu Leit an där Zäit wou d'Barrière zou war wéinst de Mouken. Och ech hunn déi Zäit eng ganz Rei Ieselzegkeeten astieche mussen.

Ech sinn iwuerzeegt, datt déi Famill, déi de Chalet exploitéiert, ganz ëmweltbewosst ass. De Mann war e Partner fir d'Barrière zouzemaachen, an dat huet och gutt geklappt. Déi Leit botzen all Owend hire Site ronderëm d'Weiieren, hiewen de Knascht op. D'Madame huet eis och konfirméiert, datt si

- kee „Restaurant“ exploitéiert, dee méi ewéi 50 Couverten huet
- keng „Salle de spectacles“ exploitéiert fir méi ewéi 100 Léit.

Datt si eng „fosse sceptique“ huet, dat huet si eis och bestätegt. An déi gëtt regelméisseg vun enger Firma eidel gemaach. Et wier vläicht gutt, wann der iech vläicht ze erkenne gitt, well domat géife vill Problemer gekläert.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat ass eben dat, wat ech net wëll. Wann do en einfache Mënsch vun der Strooss kënnt, deen do och flott Photoe vun den Inten an de Mouke wëll maachen, da wier dee genee esou behandelt ginn. Wann ech gesot hätt wien ech sinn, dann hätt d'Madame gesot, si hätt nach vill méi schéi Photoe bannen an dorëm ass et mer guer net gangen.

Gilbert Welter, Schäffen :

Vläicht sinn och nach e puer Nowéien dobäi vun deem Propriétaire, dee virdrun do war an deen net esou propper war. Dat wësse mer jo alleguer. Op alle Fall huet d'Madame all Kéier Angscht wann eppes Anormales op hirem Terrain passéiert, well duerno normalerweis en Telefon kënnt oder d'Police kënnt. An doropshin huet se vläicht esou reagéiert. Se hat vläicht och nach e schlechten Dag, datt se nach anerwäerts Suergen hat. Et ass awer guer net esou, datt déi Fra béisaarteg wier.

Les points 12 à 13 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

- Mme Myriam Müller, épouse De Felice, de Pétange, est nommée au poste de fonctionnaire communale;
- Mme Nguéyo-Mbanga Eveline, de Pétange, est nommée au poste d'éducatrice diplômée à tâche partielle (35 heures par semaine) en la Maison Relais de Rodange et Lamadelaine;
- Mme Damé Sylvie, de Rodange, est nommée au poste d'aide-éducatrice à tâche partielle (30 heures par semaine) en la Maison Relais de Rodange et Lamadelaine.

Séance publique du 21 mai 2007

Durée de la séance: 14.00 à 15.35 heures

<u>Présents:</u>	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
<u>Absents et excusés:</u>	
/	/

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale:
 - 2.1. Conseil communal: commission de la Famille, commission de l'Industrie et de l'Economie - nomination de nouveaux membres - décisions.
 - 2.2. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2006 - décisions.
 - 2.3. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2006 - poursuites, autorisation globale d'estimer en justice - décision.
 - 2.4. Décompte de travaux extraordinaires: renouvellement de l'infrastructure dans diverses rues à Lamadelaine - approbation.
 - 2.5. Règlement général des tarifs:
 - 2.5.1. Dispositions modificatives à apporter au chapitre VIII. Usage d'autres locaux et d'installations - décision.
 - 2.5.2. Dispositions modificatives à apporter au chapitre XI. Taxe de chancellerie - 2^e lecture - décision.
 - 2.5.3. Dispositions modificatives à apporter au chapitre XII. Services Spéciaux, section 3. Prestations fournies pour des interventions diverses - décision.
 - 2.5.4. Dispositions modificatives et complémentaires à apporter au chapitre XII. Services Spéciaux, section 4. Taxes scolaires à charge des parents n'habitant pas la commune et dont les enfants sont admis à ses écoles - décision.
 - 2.6. Dénomination de rue - décision.
3. Propriétés:
 - 3.1. Vente, à M. Carlos Neves Pires et Mme Suzette Do Rosario Da Graca de Schifflange, d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, rue de l'Eglise - approbation de l'acte.
 - 3.2. Vente, à M. Radoje Djuric et Mme Dragana Nastasic de Lamadelaine, de contre-emprises sises à Lamadelaine, rue de l'Eglise - approbation de l'acte.
 - 3.3. Cession d'emprises sises à Pétange, lieux-dits « Im Galgenberg », « Prinzenberg », et « rue Prinzenberg » par l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg - approbation de l'acte.
 - 3.4. Cession d'une emprise sise à Rodange, rue des Jardins, par M. Gilles Henriques et Mme Beatriz Botelho Marinho de Rodange - approbation de l'acte.
 - 3.5. Cession d'une emprise sise à Pétange, rue Bommert, par M. Mohammed Karim et Mme Ikram Chtibi de Rodange - approbation de l'acte.
 - 3.6. Echange d'emprises à Rodange, rue des Romains, avec la société Denali S.A. de Lamadelaine - approbation de l'acte.
 - 3.7. Cession d'une place-voirie sise à Rodange, rue du Clopp, par la société G. Valvasori S.A. - décision de principe.
 - 3.8. Acquisition, de la part des époux Schmit-Thill, de Pétange, d'une parcelle sise à Pétange, rue de l'Eglise - décision de principe et vote d'un crédit supplémentaire - décision.
4. Enseignement:
 - 4.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
 - 4.2. Organisation scolaire de 2007/2008: répartition des classes préscolaires, primaires et spéciales - décision.
5. Prévisions sociales: convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées « Club Senior Prénzebiérg » asbl pour l'exercice 2007 - approbation.
6. Transports et communications: règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
7. Questions des conseillers communaux.

Séance secrète

8. Personnel: nomination d'un travailleur handicapé (m/f) à durée déterminée - décision.
9. Enseignement:
 - 9.1. Annulation d'un congé pour travail à mi-temps accordé à une institutrice de l'enseignement primaire - décision.
 - 9.2. Octroi d'un congé pour travail à mi-temps à une institutrice de l'enseignement primaire - décision.
 - 9.3. Proposition de réintégration d'une institutrice dans l'enseignement primaire - décision.
 - 9.4. Démission volontaire d'un instituteur de l'enseignement primaire - décision.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech begréissen lech zu der fënnefter Gemengerotssëtzung fir dëst Joer. Entschëllegt ass den Här Brecht. Zum Punkt 1 ass ze soen, datt der eng Rei vun Dokumenter konnt virfannen, ënnert anerem Rapporten vum Sidor, Siach an Surre. Soss hätte mir als Schäfferot keng weider Kommunikatiounen ze maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wat d'Kommunikatiounen vum Schäfte-rot uginn, esou hätt ech dozou eng Fro. Et ass mer zu Ouere komm, datt den Owend eng öffentlech Sëtzung wier, wat d'avenue de la Gare ubelaangt. Ech wier frou gewiescht, wann d'Conseillere heiriwwer am Virfeld informéiert gi wieren.

Roland Breyer, Schäfte :

Et ass dat eng Versammlung, déi mer mat den Urainer vun där Strooss hunn. Et soll an der Versammlung iwwert d'Emprise geschwat ginn, an et geet drëm fir datt mer déi néideg Autorisatiounen vun deene Leit, déi an der avenue de la Gare wunnen, kréien, a mir da kënnen e Planning opsetze wéini d'Aarbechten do lass kënnen goen. Wa mer genee géife wëssen, wéini déi Aarbechte lass ginn, da wier de Gemengerot selbstverständlech och direkt doriwwer informéiert ginn. Mir mussen awer elo emol fir d'éischt mat de Leit schwätzen. Et ass och esou, datt et eng Statsstrooss ass, an de Stat wëll fir d'éischt sécher sinn, datt hien d'Strooss esou ka bauen ewéi en dat virgesinn huet, an dofir wëll e fir d'éischt d'Ënnerschrëfte vun de Leit. Dofir ass déi Versammlung haut den Owend virgesinn. Normalerweis gi keng Versammlungen dofir ofgehalen, mä et gétt jiddereen eenzel geruff. Well awer an där Strooss vill Residenzen dra sinn, a wou d'Leit alleng keng Décisiounen kënnen huelen, mä fir d'éischt d'Generalversammlung vun de Syndiken ofgewart muss ginn, wollte mer d'Leit eng Kéier global iwwert d'Prozedur informéieren.

Et ass u sech keng öffentlech 'Débats-Versammlung'. Wann dat mat den Emprise a mat der Strooss bis kloer ass, da wäerte mer och de Gemengerot iwwert dee ganze Planning an iwwert d'Aarbechten informéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech soe Merci.

2.1.1.

Administration générale.

Commission consultative de la famille, des handicapés de la vie, de la solidarité et de l'action sociale : nomination de M. Romain Brück, de Pétange, comme nouveau membre.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et leien eis zwou Propositionen vun der LSAP fir. An zwar proposéiere si den Här Romain Brück als neie Member fir d'Familljecommissioun, an den Här Norbert Pierre als Member vun der 'Commission de l'industrie, de l'économie et des classes moyennes'.

Vote secret : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

2.1.2.

Administration générale.

Commission de l'industrie, de l'économie et des classes moyennes : nomination de M. Norbert Pierre, de Lamadelaine, comme nouveau membre.

Vote secret : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

2.2.

Administration générale.

Recette communale : état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2006 – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da komme mer zu engem Punkt, deen am Mount Mee zur Traditioun gehéiert. Et ass dat den 'état des restants à recouvrer' vun der Clôture vum Exercice 2006. Hei geet et drëm fir den Etat ze maache vun enger ganzer Rei vu Leit, déi hir Rechnungen nach net bezuelt hunn. An enger zweeter Phas kënnen mer dann op der enger Säit eisem Receveur d'Méiglechkeet ginn, fir gewëssene Leit d'Décharge ze ginn, well se net méi recevabel sinn a mer keng Sue méi kënnen kréien, an op der anerer Säit dem Receveur et ze erméigleche fir a verschidde Fäll viru

Gericht kënnen ze goe fir esou d'Suen anzudreiwen.

De Receveur huet eis och e bëssen erkläert, wéi schwéier et ass, fir a leschter Zäit d'Suen eranzekréien. Hie schreift eis och an deem Kontext, datt dat doduerch bedéngt ass datt d'Taxe vun Zäit zu Zäit klammen, datt ëmmer méi Leit Schwieregkeeten hu fir hir lafend Fraisen ze decken, an datt haut d'Zahlungsmoral net méi déi selwecht ass wéi nach viru Joeren.

Soss sinn obligatoresch Rechnungen fir d'éischt bezuelt ginn ier eng nei Tëlee an d'Haus kouw, mä haut ass et éischter ëmgedréint. Haut gétt fir d'éischt de Fernseh kaf, an duerno eréischt d'Waasser an d'Elektrescht. Doduerch gétt et och ëmmer méi schwierig fir d'Suen eranzekréien.

Mir hunn och am Total eng Zomm vun 187.261,99 € déi nach aussteet. Do muss een awer eng kleng Rektificatioun maachen. Et sinn nach 104.000 € vun Stat geschëld. Dir gesitt also, datt och de Stat net ëmmer esou fix ass fir ze bezuelen, an dat op Grund vu budgetaire Problemer. Si hunn eis awer déi Sue fir Uganks 2008 an Aussicht gestallt. Wann een awer elo déi 104.000 € vun deenen 187.261 € ofrechent, dat leie mer bei ronn 84.000 €, an dat ass ongeféier dee selwechte Montant wéi déi Joere virdrun. An dofir géif ech och gären dem Receveur, mat senger Mat-aarbechter, Merci soe fir déi Aarbecht déi se maachen. Et ass keng einfach Aarbecht, mä et ass awer eng wichteg Aarbecht fir datt déi Gelder, déi opstinn, och erakommen.

De Receveur proposéiert awer och eng Rei vun Déchargen, an dat aus verschidde Grënn. An de Montant vun deenen Décharge beleeft sech op ronn 15.413 € D'Grënn an den Detail vun deenen Déchargen konnt an den Ënnerlage fannen.

Et geet elo hei drëm, fir an enger éischter Décisioun déi alphabetesch Lëscht vun deene Restanten ze arrétéieren, fir des wiederer de Recapitulatif pro Article comptable ze arrétéieren, an d'Déchargen guttzeheeschen, an déi och pro 'article comptable' festzehalen.

Beim Punkt 2.3. vun der Dagesuerdnung solle mer dem Receveur d'Méiglechkeet ginn 'd'ester en justice' géint déi Leit, déi nach Sue schëlleg sinn, fir datt se déi dann och musse bezuelen.

Roger Klein (LSAP):

Am Numm vun der LSAP-Fraktioun wollt ech mech deene Mercien un de Receveur a senge Mataarbechter uschléissen. Si hunn, wéi déi Joere virdrun, hir Aarbecht gemaach mat 'poings de fer' a mat 'gants de velours'. Dat heescht, si hu mat der néideger Rigueur déi Suen agedriwwen déi anzedreiwé waren, a mat de néideger Délikatess déi Déchargé proposéiert déi ze proposéiere sinn.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech si weder Rassist, nach anti-sozial. Ech wor selwer während Joeren an engem Sozialbüro tätig, a kenne mech e bëssen doranner aus. Wann ech engersäits deen héije Prozentsaz vun Absenteisem uprangeren, déi eis Krankekeesen däermoosse belaauchten, an doduerch d'Tauxen an d'Luucht driwwen, da kann ech, an dierf ech hei net stëllschweigend dëst villsäitegt Dokument ouni Kommentar gutt-heeschen.

Well och hei sech Leit et liicht maachen, an hir geschëlde Rechnungen einfach net bezuelen, an dat schonn iwwert Jorzéngten, esou dierf et dat net ginn. Et wier un der Zäit, datt och eis Gesellschaft sech géif änneren, well et muss engem dach bewusst sinn, datt, wann engersäits héich Fuerderungen un d'Gemeng gestallt ginn, déi op der anerer Säit och musse finanzéiert ginn. An hei geet Geld aus dem Zyklus eraus, an dat net nëmme well d'Rechnunge vun de Huissiere, déi d'Geld sollen andreiwwen, musse bezuelt ginn, an och meeschendeels den Aarmebüro belaauchten.

Och wann am Dossier hannendru steet 'sans travail', esou hunn ech meng Bedenken a meng Erfahrungen. Et gétt de Prinzip 'Wo ein Wille, ist auch ein Weg', mä et ginn awer Leit, déi dee lichte Wee huelen, an dat op Käschte vun deenen éierlechen a schaffende Leit. Esouwäit dierf et net kommen.

Och fréier gouf et manerbemëttelt Leit, déi awer alles gemaach hu fir iwwert d'Ronnen ze kommen, Selbst-versorger an esou weider, fir net an der Gesellschaft ofgestempelt ze ginn. Leit mat Éieregefill a Stolz, wat mengem Uschäin no ëmmer méi verschwënnt, an dat ass ze bedauern.

Meng Meenung iwwert dësen Dossier ass, fir alles iwwert 100 € op eng Lëscht – awer grouss geschriwwen – an deene verschiddene Raidere vun der Gemeng ze hänken. Ech hoffen heimatter kengem wéi geden ze hunn, an hoffen, datt mer an Zukunft net weider am Sog vun de Schmarotzer ënnerginn.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren, an e spezielle Merci fir déi et betrëfft, awer mam Virsaz fir erëm zeréck an eis éierbar Gesellschaft ze kommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass jo scho virdu vun alle Säite genuch dozou gesot ginn, an datt et vläicht net méi esou einfach ass fir déi Suen anzedreiwé wéi dat nach viru Joeren de Fall war. De Grond ass, datt verschidde Leit Problemer hu fir hir normal Rechnungen ze bezuelen. Wat Dir, Här Bosseler, elo gesot hutt, stëmmt sécherlech zum Deel. Mir hunn awer grad esouvill Lëtzebuerger wéi Net-Lëtzebuerger op d'äer Lëscht stoen. Et ass also net, datt dat doten e Phenomen ass, deen op Auslänner zeréckzeféiere wier.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech wollt net ze wäit goen, well soss hätt ech kéinte Leit zitieren. Dat ass vu Lëtzebuerger, dat ass vu Leit déi an deem Dénge sinn, an deenen ech selwer nach wollt hëllef. Mä deenen ass einfach net ze hëllef. Ech wollt déi Leit beschäftegen, mä si wëllen net. An esou eppes dierf et net ginn an dierf och keng Schoul maachen. Et ass dat, wat ech domatter wollt soen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

An de Raider hänke mer déi Leit awer net aus. Dat loosse mer léiwer sinn.

Accord à l'unanimité.

2.3.

Administration générale.

Recette communale : état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2006 – poursuites, autorisation global d'ester en justice - décision

Accord à l'unanimité.

2.4.

Administration générale.

Renouvellement de l'infrastructure dans diverses rues de Lamadelaine - approbation du décompte.

Total des devis approuvés : 2.478.935,25 € (TTC) ; Total des crédits approuvés et de la dépense effective : 1.605.640,41 € (TTC).

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir hunn nees en Décompte, dee mer iech virleeën. Et ass dat en Décompte vun Aarbechten an de Stroosse vu Lamadelaine, déi an de Joeren 1997 bis 2005 ausgefuert si ginn. Am Total

waren Devisen agesat vu ronn 2,5 Milliounen €. Schlussendlech belafen sech déi definitiv Ausgaben awer nëmme op ronn 1,6 Milliounen €.

Lily Gansen (LSAP):

Firwat ass dee groussen Ënnerscheid tëscht den Devisen an den definitiven Ausgaben ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech war deemools nach net am Schäfferot, mä ech huelen awer un, datt den Devis deemools relativ héich ugesat ginn ass, well et relativ onsécher war, wat vun Aarbechten op eis géifen duerkommen. Et war e grouse Projet, an et war sécherlech net einfach fir zu 100% festzeleeën, wat un Ausgaben op d'Gemeng géifen zoukommen. Schlussendlech louche mer awer elo iwwerall ënnert deem wat an den Devisen virgesi war. Esou interpretéieren ech déi Saach.

Lily Gansen (LSAP):

Well wann 2,4 Milliounen virgesi waren, dann hätt ech léiwer gesinn, datt se ganz opgebraucht gi wieren, an d'Stroosse wieren an der Rei. Well et bleift zu Rolleng nach enorm vill ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat hei waren awer Aarbechten, déi un der Kanalisatioun duerchgefouert si ginn. De Genie civil ass gemaach ginn. Ech mengen net, datt dat heiten eppes mat de Stroossen u sech ze dinn hat. D'Aarbechten, déi virgesi waren, sinn alleguerten ausgefuert ginn.

Lily Gansen (LSAP):

Dat war meng Fro, ob d'Aarbechten alleguerten ausgefuert gi sinn déi virgesi waren. An trotzdem leie mer elo bei den Ausgaben 900.000 € méi bëlleg. Do ass awer iergendeppes, dat mer net aliicht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann der den Tableau kuckt, da gesitt der, datt beim Genie civil den Devis sech op 1,4 Milliounen Euro belaf huet. Bei der Adjudicatioun louchen d'Dépenses awer net grad bei 800.000 €. Alleng dat mech schonn e groussen Deel vum Ënnerscheid aus. Dat selwecht gëllt och fir d'Pose vun de Conduites d'eau. Do waren am Devis 500.000 € virgesinn, d'Dépense louchen duerno awer nëmme bei 226.000 €.

Alleng déi 2 Positiounen hunn dozou gefouert, datt mer manner Sue gebraucht hu wéi ursprénglech virgesinn.

Da wëll ech awer och nach soen, datt nâischt eis drun hënnert, fir an der enger oder anerer Strooss nach eppes

ze schaffen. Mir sinn am gaangen an enger Rei vu Stroossen ze schaffen, mä et kann een och net all Stroosse mateneen oprappen, well soss hu mer Chaos am Verkéier. Mir sinn am gaangen an enger Rei vu Stroossen ze schaffen, a mer wäerten och mam Renouvellement vu Stroosse weiderfueren.

Approbation à l'unanimité.

2.5.1.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : dispositions modificatives au chapitre VIII 'Usage d'autres locaux et d'installations' – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Punkt 2.5. ass a véier Rubriken opgedeelt. Hei geet et drëm fir verschidde kleng Modifikatiounen um Taxereglement virzehuelen. Verschidde Modifikatioune reien sech an de Kader an, wat mer viru kuerzem hei am Gemengerot – an Zesammenhang mat deenen Aarbechten, déi Gemeng esouwuel fir d'Veräiner wéi och fir Privatpersoune leescht – actéiert hunn.

Ee vun deene Punkten ass den 2.5.1., wou et em den 'décor floral' geet. Dësen 'décor floral' stoung tel quel esou am Taxereglement dran, mä et stoung awer néierens präziséiert, wéi en ausgesäit. Mir wollten elo emol hei festhalen, wat mer mat engem 'décor floral' mengen.

Esou ass elo präziséiert, dass et maximal 8 Gréngplanze sinn, oder maximal 4 'arrangements portables'. Den Décor ass op déi Zuele limitéiert, well de Präis vu 75 € och net méi hirgëtt. Well et kann net sinn, dass eise Gäertneschbetrib fir 75 € e ganze Sall vu vir bis hanner mat engem 'décor floral' rëscht.

Lily Gansen (LSAP):

Wat verstitt der ënnert 'plantes vertes'? Gëtt en Ënnerscheid gemaach tëscht, zum Beispill, engem Grasstack an enger Palm ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Gréngpflanzen, dat sinn déi, déi mer an eiser Gärnterei hunn. Dat sinn och déi, déi ëmmer béi grousser Kongresser zur Verfügung gestallt ginn. Mir bréngen déi op d'Plaz, an déi ginn och vun eis an der Rei gehalen.

Mir hunn elo versicht, fir hei a groussen Zich emol eppes festzehalen. Well et kann net sinn, dass eis Betriber fir 75 € 8 Gréngpflanzen, 20 Dëscharrengementer an och nach virun der Dier alles

rëschten. Well eise Gäertneschbetrib schafft jo awer relativ intensiv dorunner. Dat hei soll en Unhaltspunkt ginn, wat ze maachen ass.

John Polfer (CSV) :

An der Finanzkommissioun hate mer och Rieds dovunner, a mer waren och net esou richtig am Bild wat eigentlech mat deene Planze gemengt war. Et war dunn eng Diskussioun entstanen, wéi et dann elo an de Centres culturels da wier, wou jo Bühne sinn, a wou bis elo d'Leit gewinnt waren, dass vir laanscht Bühn Jardinière stoungen.

Elo sinn déi Bühnen awer ënnerschiddlech breet, an d'Fro ass opgeworf ginn, op trotzdeem jiddereen déi selwecht Zuel vu Planzen zegutt huet, oder ob en Ënnerscheid gemaach gëtt. Ech krut awer duerno matgedeelt, dass dat guer net méi a Fro kéim, an dass guer keng Jardinière méi géifen dohinner kommen.

Roland Breyer, Schäffen :

Et si jo haaptsächlech d'Veräiner déi ufroen. An d'Veräiner kréie jo elo vum 1. Januar uns en neit Reglement wéi se ënnerstëtzt ginn a wéi se begleet ginn. An do kënnt och e Formular dobäi, wou draus ervir geet, wat mir als Gemeng hunn a wat mer kënnen liwweren.

Wéi de Buergermeeschter och scho gesot huet, hu mer alt heiansdo Demande fir 70 Arrangementer kritt. Wat hu mer du gemaach ? Ma, entweder si mer se kafe gaangen, oder mer hunn eng Woch dru geschafft. Dat ass awer net d'Missioun vun der Gemeng. Dofir ass elo emol festgehale ginn, wat mir als Gemeng kënnen liwweren. Et ass och geduecht, dass déi verschidde Planzen och méi dacks kënnen agesat ginn, an dat net den X oder den Y se mat Heem hält.

All déi Saache sollen e bësse méi geregelt ginn. Mir hu festgestallt, dass en immense Verschläiss an der Gäerterei ass mat deene Commanden, déi erakommen. Mir hu jo awer och Gäertner hei um Territoire vun der Gemeng. Wann een da gären eppes hätt, da muss een als Veräiner oder Privatpersoun bei e Gäertner goen.

Jeannot Linden (LSAP):

Esouwäit ech weess war, wa mir vun der Chorale en 'décor floral' ugefrot hunn, och ëmmer eng Tax drop.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Tax vu 75 € huet nach ëmmer bestanen. Just déi eng hu fir 75 € dräi Planzen dohinner gesat kritt, an déi aner kruten e ganze Sall gerëscht. Mir wëllen elo heimatter dat Ganzt e bësse

regelen, fir dass all Veräiner d'selwecht behandelt gëtt.

Et ass och ganz kloer, dass déi forfaitaire Tax vun 75 € entweder fir 8 Gréngplanzen oder fir 4 'arrangements portables' ass.

Roger Klein (LSAP):

An der Délibératioun si 5 Plaze genannt, wou den 'décor floral' geliwwert gëtt. Do fannen ech awer den Home net. Den Home ass jo kee Gemeengegebai, an dat géif jo dann heeschen, dass mer als Gemeng keen 'décor floral' géifen dohinner liwweren. Oder muss den Home an der Oplëschtung bäigesat ginn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass wuel kee Gemeengegebai, mä op der anerer Säit hu mer jo awer gesot, dass si miissten déi selwecht Tariffer ubidde wéi mir. Ech géif proposéiere fir den Home aus der Oplëschtung erauszeloossen. Par analogie, well mer hu jo och eng Kéier decidéiert, dass an deem Gebai déi selwecht Taxen mussen applizéiert gi wéi an de Gemeengegebaier, an dass den Home d'selwecht behandelt gëtt, géif dat hei fir den Home och a Fro kommen.

Accord à l'unanimité.

2.5.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : dispositions modificatives au chapitre XI 'Taxe de chancellerie' (2^e lecture) – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei geet et ëm eng 2^e Lecture vun den Taxes de chancellerie. Do hate mer an der Gemengerotssëtzung vum 14. Juli 2006 eppes festgehalten, a wou mer eng Remarque gemaach krut hu vum Inneministère. Si hu sech dru gestéiert, dass mer bei Appartementshaiser u sech zwou Taxen hunn. Dat heescht eng Tax generell fir d'Appartementshaus selwer, an dann nach eng zweet Tax pro Logement. Si gesinn dat awer net esou, an dofir proposéiere mer iech elo haut, dass mer elo net méi eng Tax hu pro Appartementshaus plus nach eng Tax pro Logement, mä dass mer et just nach limitéieren op eng Tax pro Logement.

Mir hunn och eng ganz Rei Argumentatioune bruecht, wou mer op dat reagéiere wat den Inneminister eis gesot huet. Engersäits soe mer, dass mer pro Logement eng Rei Kontrolle musse maachen, wéi zum Beispill déi minimal Surface déi an eisem Bautereglement virgesinn ass, wéi och

déi minimal Dimesioun pro Zëmmer, wéi och d'Ouverture minimale vun de Fënsteren par rapport zu den Zëmmeren. Et si bei den Appartementshaiser och eng Rei vu Saachen ze kontrolléieren, wéi zum Beispill d'Trapenhaus, wou eng gewëssen Breet virgesinn ass, oder eng zweeten Accès virgesi muss sinn wann et e gréissert Appartementshaus ass. Et sinn also eng ganz Rei Saachen, déi pro Logement muss kontrolléiert ginn. An dofir proposéiere mer, fir nach just eng Tax de chancellerie a pro Baugenehmigung opzehiewen, an dat pro Logement. An déi soll sech op 250 € belafen.

John Polfer (CSV) :

An der Finanzkommissioun hate mer och doriwwer Rieds. An esou wéi ech gesinn, gëtt dem Inneministère gefollegt. Well et gouf gesot, datt d'Gemeng keng 'taxe administrative' fir hir Aarbechten dierf ophiewen, an dofir proposéiere si eis eng 'taxe de chancellerie'. An deem droe mer jo Rechnung, an ech hoffen, datt den Intérieur dann dës Kéier mat eiser Propose averstanen ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir hoffen et och, an dofir hu mer et jo schonn argumentéiert, a well mer op hir Remarquen reagéiert hunn, hoffen ech, datt dës Tax da kann esou séier wéi méiglech ëmgesat ginn.

Accord à l'unanimité.

2.5.3.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : dispositions modificatives au chapitre XII 'Services spéciaux, section 3 Prestations fournies pour interventions diverses' – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Bei dësem Punkt geet et gréissten deels ëm eng Adaptatioun vun Tariffer, well d'Peien och an d'Luucht gaange sinn, an dofir hu mer eng Rei vun Tariffer deenen heitege Begebenheeten ugepasst. Mir hunn awer och en neien Tarif geschaf, an zwar an der Rubrik 'mise à disposition d'engins de travail' hu mer 'camion avec chauffeur / par heure – 80 € bäigesat. An der Rubrik 'main d'oeuvre pour interventions diverses' hu mer och en Tarif vun 22 € fir 'personne de nettoyage / par heure de travail' bäigesat. Fir de Rescht sinn et nëmmen Adaptatiounen a mir hunn domatter d'Tariffer deem ugepasst, wat d'Leit eis kaschten.

John Polfer (CSV) :

Wat déi verschidden Taxen ugeet, an och dat Material dat zur Verfügung gestallt gëtt, esou war gesot ginn, datt e Piano sollt do stoen, wou en och gebraucht gëtt, an net ëmmer soll hin an hir geplënnert ginn. Och wann een 100 € dofir fret. Well dat deet engem Piano net gutt.

Dann ass och gesot ginn, datt am Kinossall 'A Rousen' een och elo muss eng Tax bezuelen, wann een de Beamer wëll profitéieren. Wann dat awer esou ass, da géif ech virschloen, fir en neie Beamer ze kafen. Well deen, deen de Moment do ass, entsprécht net méi deenen heitegen informatische Critèren. Well wann een haut mat sengem Laptop kënnt, da muss ee bal Informatiker si fir de Beamer unzeschlëssen an un d'Goen ze kréien, well den net méi déi Opléisung vun deenen heitege Laptop-en huet.

Weider war an der Finanzkommissioun d'Diskussioun iwwert d'Avantage vun deene subsidiéierte Veräiner opkomm. Do hu mer engem Member müsssten erklären, datt déi subsidiéiert Veräiner ëmmer en Avantage op déi net-subsidiéiert Veräiner hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Tax fir de Beamer stoung nach ëmmer am Taxereglement drann. Ech ginn iech awer Recht, datt – wann dee Beamer tatsächlech um technesche Plang hannendru läit, da soll och gekuckt gi fir deen auszetauschen.

Accord à l'unanimité.

2.5.4.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : dispositions modificatives au chapitre XII 'Services spéciaux, section 4, taxes scolaires à charge des parents n'habitant pas dans la commune de Pétange et dont les enfants sont admis à ses écoles' – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei geet et ëm eng llicht Entschäerfung vun där Taxe scolaire. Dir wësst, datt mer de 14. Juli 2006 d'Taxe scolaire gehuewen hunn, fir bei auswäertege Kanner, déi bei eis wëllen an d'Schoul goen, déi selwecht Taxen ze hu wéi eis Nopeschgemengen. Deemools goufen d'Montante relativ drastesch – an zwar vun 150 op 450 € pro Trimester – eropgesat. Mir sinn awer elo an deene leschte Méint mat deem engen oder aneren Härtefall befaasst ginn, déi vläicht beim Montant vun 150 € oni

Problem iwwer d'Bühn gaange wier. Well et awer elo esou deier ass, hu sech verschidde Leit bei eis gemellt, a mer konnten zwee Phenomener feststellen, mat deene mer regelméisseg confrontéiert si ginn.

Esou war ee Fall dobäi, wou am Mount Mee eng Persoun gesot huet, hie géif am Mount Juni op Käerjeng plënnere, hien awer gären hätt, datt säi Kand d'Schouljoer hei an der Gemeng fäerdeg mécht. A laut eisem Reglement hätt hie müssste fir dat ganz Trimester 450 € bezuelen.

Mir haten Uganks vum Joer awer och e Phenomen, datt Leit gesot hunn, se géifen am November an eis Gemeng plënnere a se hiert Kand scho bei der Schoulentrée hei zu Péteng an d'Schoul goe loosse wëllen. Och déi hätte müssste fir dat Trimester 450 € bezuelen.

Fir awer déi Härtefall aus der Welt ze schafen, wëlle mer proposéiere fir d'Reglement esou ze änneren, datt am Reglement géif stoen 'taxe due par enfant et par trimestre scolaire entier'.

Am Kloertext heescht dat, wann elo een am Oktober an d'Gemeng plënnert a gäre fir de Schoulufank säi Kand hei an der Gemeng wëll an d'Schoul goe loosse, da ginn déi 450 € net opgehewen. Dat selwecht gëllt och wann ee seet, datt en am Mee/Juni aus der Gemeng fortplënnert, an e säi Kand d'Schouljoer nach hei an der Gemeng wëll fäerdeg maache loosse, da gëtt d'Tax och net opgehewen.

Domatter géife mer de Leit entgéint kommen, an et wier och am Intressi vun de Kanner, déi dann hir Schoul kenne fäerdeg maachen oni datt d'Elteren – wann se 2, 3 Kanner hunn – müssen 3 mol 450 € bezuelen. Well dat huet bedéngt, datt d'Elteren hir Kanner awer am Mee/Juni aus der Schoul erausgeholl hu fir déi Zomm ze spueren.

Ech géif och mengen, datt et fir d'Gemeng och net esou dramatesch ass wa mer déi Suen an deenen heite Fäll net ophiewen.

John Polfer (CSV) :

D'Finanzkommissioun hat heifir och Verständnes, an et gouf och vum Buergermeeschter elo ganz gutt erkläert wéi déi Härtefall entstinn. D'Finanzkommissioun hat och zwou Propose gemaach déi an deem Sënn do sinn, fir datt ebe keng esou Härtefall méi sollen entsto.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann ee vun Härtefall schwätzt, da muss ee menger Meenung awer och

nach kucken, wat esou een Härtefall ka ginn. Wann et elo ëm 2 Deeg geet, da bezilt deen souwisou näischt, a wann anerer ee ganze Mount do sinn, da mussen se bezuelen. Wann d'Leit mat deene selwechte Kanner an de Kino ginn, an no 2 Minutte verloossen se de Sall, da kréien se och net hiert d'Geld an der Keess erëm.

Hei froe mer nëmmen déi 450 € fir en Trimester. Dat heescht, si kënnen während 3 Méint komme wéini datt se wëllen, an da gétt näischt opgehuewen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass richtig. Déi Propose, déi hei um Dësch läit, bezitt sech nëmmen op e globalt Trimester. Ech soen nach eng Kéier datt, wou d'Tax nach bei 150 € louch, mer ni Diskussiounen haten. Dat war ee Präis, deen de Leit näischt uitgemaach huet. Bei 450 € hate mer awer Leit, déi gesot hunn, datt se den 1. Oktober an d'Gemeng géife wunne kommen, an – well hiert Kand scho vum 15. September uns hei an d'Schoul géif goen – si fir déi 14 Deeg mussen 450 € bezuelen. Dat si vill Sue fir 2 Wochen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu Verständnes fir déi Leit, datt se op dee Wee ginn a froe fir déi Zomm nogelooss ze kréien. Mä ee vun de Grënn vun der Taxenerhéijung war indirekt fir net den Zoulaf vu sämtleche Kanner hei ze kréien, well mer vill méi niddereg mat der Tax louche wéi d'Nopeschgemengen. A wa mer elo praktesch 3 Méint näischt ophiewen, da kréie mer doudsëcher nees aner Situatiounen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat mer effektiv gesot hunn, an dat ass och richtig, an dat hu mer och gemierkt – wat fir eis net negativ war -, dat ass datt d'Zuel vun deene Kanner - deenen hir Elteren net hei an der Gemeng wunnen -, déi e ganzt Joer bei eis an der Schoul sinn, zeréckgaangen ass. Bei deenen Härtefall geet et awer elo ëm Leit, déi entweder hei an der Gemeng gewunnt hunn oder déi hei an d'Gemeng wëlle wunne kommen. Dat heescht se hunn oder se kréien e Lien mat der Gemeng, an dofir hu mer gemengt, datt mer deene Leit sollen entgéint kommen an se net esou dramatesch strofen.

Wann awer elo een dobäi ass, deen déi 3 Trimesteren hei an d'Schoul geet ouni datt en an der Gemeng wunnt, da bezilt en och déi Taxen déi geschëllt sinn. An dat sinn och déi Leit, déi mer net onbedéngt an eise Schoule wëllen hunn. Well doduerch ginn d'Klassen-effektiver erop an eis Käschten noutgedrongen och.

Accord à l'unanimité.

2.6.

Administration générale.

Dénomination de rue – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Mir hunn am Kader vum interkommunale Syndikat Sikor eng Étude ophuele gelooss iwwert d'Fluiditéit vun eise Contournement, a mer wäerten am Laf vum Juni zu Conclusiounen kommen. Eng vun deenen éischte Constatatiounen war awer, datt mer fir dee ganze Contournement keen Numm hunn. Mat deenen Diskussiounen, déi mer mat den Nopeschgemengen haten, dat heescht de Gemengen Ibbeng a Mont-St-Martin, hu mer festgestallt, datt bei hinne schonn e Numm fir de Contournement besteet, an zwar 'Avenue de l'Europe'.

Et ass du proposéiert gi fir dem Contournement op senger ganzer Längt dee selwechten Numm ze ginn. Och Käerjenger Gemeng wäert deen Deel vum Contournement, deen op hirem Terrain läit, an der nächster Sëtzung deen Numm proposéieren. Dat géif da bedeiten, datt dee ganze Contournement – vum Rond-point Biff bis op de Rond-point Auchan 'Avenue de l'Europe' géif heeschen.

De Virdeel dovunner wier, datt déi Firmaen, déi um Contournement implantéiert sinn, emol eng Identitéit géife kréien, an datt se och emol iwwert de GPRS ze lokaliséieren sinn.

Wann deen Numm emol bis besteet, da kucke mer och, datt mer mat deenen anerer Gemengen eng gemeinsam Signalisatioun kréien, an datt den Numérotage op eng kontinuëierlech Manéier iwwert dee ganze Contournement gemaach gétt.

An dofir proposéiere mer iech haut fir deen Deel vum Contournement, deen um Terrain vun der Pétenger Gemeng läit 'Avenue de l'Europe' ze nennen.

Accord à l'unanimité.

3.1.

Propriétés.

Vente, à M. Carlos Neves Pires et Mme Suzette Do Rosario da Graca de Schiffange, d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, rue de l'Eglise – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Heizou hu mer am Dezember 2006 e Compromis ënnerschriwwen an et geet

em eng Contre-emprise vun 14 Zentiar. De Verkafspräis läit bei 70 €

Approbation à l'unanimité.

3.2.

Propriétés.

Vente, à M. Radoje Djuric et Mme Gragana Nastasic de Lamadelaine, de contre-emprises sises à Lamadelaine, rue de l'Eglise – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et em eng Contre-emprise, wou am Dezember 2006 schonn e Compromis ënnerschriwwen ginn ass. Den Terrain huet eng Gréisst vun 19 Zentiar an de Verkafspräis beleeft sech op 95 €

Approbation à l'unanimité.

3.3.

Propriétés.

Cession d'emprises sises à Pétange, lieux-dits « Im Galgenberg », « Prinzenberg » et « Rue Prinzeberg » par l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei hu mer eng 'Cession d'emprises' vum Stat un d'Gemeng vun enger Gréisst vun 1,37 Ar, an de Präis beleeft sech op 685 €

Approbation à l'unanimité.

3.4.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Rodange, rue des Jardins par M. Gilles Henriques et Mme Beatriz Botelho Marinho de Rodange, approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Bei dëser Cessioun hu mer de Compromis am Januar 2007 ënnerschriwwen. Den Terrain, ëm deen et geet, huet eng Gréisst vun 9 Zentiar, an d'Vente kascht näischt.

Approbation à l'unanimité.

3.5.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Pétange, rue Bommert, par M. Mohammed Karim et Mme Ikram

Chtibi de Rodange – approbation de l’acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Bei dës Cession d'emprise gouf de Compromis schonns de 14. November 2006 gestëmmt. Et geet hei ëm en Terrain vun engem Zentiar an och hei ass d'Cessioun gratis.

Approbation à l'unanimité.

3.6.

Propriétés.

Echange d'emprises à Rodange, rue des Romains, avec la société DENALI S.A. de Lamadelaine – approbation de l’acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Bei dëser Contre-emprise ass och de Compromis schonns am November 2006 gestëmmt ginn. Et sinn dat zwee Terrainen, ee vun 19 Zentiar an ee vun 7 Zentiar. Hei geschitt och den Tausch vun den Terrainen 'sans soulté'.

Approbation à l'unanimité.

3.7.

Propriétés.

Cession d'une place voirie sise à Rodange, lieu-dit « Rue du Clopp » par la société G. VALVASORI S.A. en faillite – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat hei ass och eng 'cession gratuite'. Hei soll awer elo eng Décision de principe geholl gi well d'Sociétéit Valvasori 'en faillite' ass, a fir datt mer déi ganz Saach an d'Rei kréien. Den Terrain huet eng Gréisst vun 1,55 Ar.

Approbation à l'unanimité.

3.8.

Propriétés.

Acquisition, de la part de M. Armand Schmit et Mme Elise Thill de Pétange, d'un pré sis à Pétange, lieu-dit « Rue de l'Eglise » - décision de principe et vote d'un crédit supplémentaire.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et drëm fir eng 'décision de principe' ze huelen an e supplémentaire Kredit ze stëmmen. Hei wëll d'Gemeng gären en Terrain kafen, vun enger Gréisst vun 7,10 Ar. Mir géifen den Terrain zum Präis vun 65.000 € ofkafen. Mir hunn och eng

Expertise vun deem Terrain maache gelooss, an déi Expertise huet och erginn, datt dat Ganzt an der Rei ass.

Den Terrain wëlle mer am Kontext mat der Vergrëisserung vun der Crèche Kordall kafen, an dat géif en Avantage fir dee Projet, dee mer an nächster Zäit do wëlle realiséieren, duerstellen.

Et wieren also hei zwou Ofstëmmungen ze maachen. Déi éischt wier, fir de Compromis ze stëmmen, an déi zweet wier, fir e 'crédit supplémentaire' vun 71.500 € guttzeheeschen.

Norbert Pierre (LSAP):

Am Budget 2007 hate mer 413.000 € stoe fir d'Crèche ze kafen. Am Gemengerot hu mer awer fir dee Kaf nach näischt gesinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass deen nächste Gemengerot op der Dagesuerdnung.

Norbert Pierre (LSAP):

Et si jo och 100.000 € virgesi fir d'Crèche ze aménagéieren.

Ech wollt awer u sech wëssen, op deen Terrain, fir deen d'Suen am Budget virgesi waren, eis och duerno gehéiert. Well dann ass déi Saach an der Rei. An deen Terrain, vun deem elo haut de Compromis zur Ofstëmmung virläit, gliddert sech an dat Ganzt an. De Kaf vun dësem Terrain haut ass also eng logesch Folleg op dat Ganzt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Deen aneren Terrain hängt schonn am Raider aus. Den nächste Gemengerot miisst dat um Ordre du jour stoen, och fir d'Crèche ze kafen.

Huele mer elo deen doten Terrain, plus déi Saache vun der Crèche, plus déi Terrainen, wou mer den Echange mat de Schwëstere gemaach hunn, da kréie mer e ganz groussen Areal mat deem wierklech eppes machbar ass a wou ee wierklech och eppes ka plangen. Mir wäerten also an deenen nächste Gemengerotssëtzung op déi Saachen do zeréckkommen.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Ratification à l'unanimité.

4.2.

Enseignement.

Organisation scolaire de 2007 / 2008 : répartition des classes préscolaires, primaires et spéciales – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Beim Punkt 4.2. komme mer zu der éischter Partie vun der Schoulorganisatioun 2007/2008. An zwar geet et hei ëm d' 'répartition des classes préscolaires, primaires et spéciales'. Wéi all Joers ëm dës Zäit hu mer eis zesummegesat, mat dem Inspektorat, mat dem Schoulservice, mat der Schoulkommissioun an och mam Comité de cogestion, fir fir d'nächst Joer déi néideg Posten- a Klasseverdeelung ze maachen. Ech soen och am Virus all deene Merci, déi dorunner geschafft hunn. Dat war eng Diskussioun, déi iwwert 14 Deeg, 3 Wochen gelaf ass, a wou d'Donnéeën zesummegedroe goufen, a wou gekuckt ginn ass wou Enkpäss bestinn. Am Numm vun der Schoulkommissioun, an am Numm vun Inspektorat, Comité de cogestion a Schoulservice kënnen mer iech haut hei eng Proposition maachen.

Déi Proposition gesäit folgendermoossen aus. Ech géif se an 3 Rubriken andeelen. Déi éischt ass de Préscolaire. Nodeem datt mer déi lescht 2 Joer e Réckgang haten, hu mer dëst Joer nees e Plus vu 16 Kanner par rapport zu der Schoulorganisatioun 2006/2007. Dat heescht, mir si vun 372 op 388 Kanner eropgaangen. Doduerch ass och d'Zuel vun de Schouklasse ëm eng Unitéit eropgaangen, an zwar vun 22 op 23, esou datt d'Moyenne pro Klass bei 16,9 Kanner läit. Am Detail gesäit dat esou aus :

Zu Rolleng hu mer 60 Kanner op 4 Klasse verdeelt. Do hätt een och eventuell mat 3 Klasse kënnen fueren, mä da wieren 20 Kanner pro Klasse gewiescht, a well jo awer nach kënnen Kanner am Laf vun Joer bäikommen, wiere mer duerno vläicht wäit iwwert der Moyenne gewiescht déi mer soss ëmmer haten. Well mer déi néideg Raimlechkeeten zur Verfügung hunn, hu mer proposéiert fir 4 Klassen ze maachen. Ech erënnere drun, datt mer d'lescht Joer 3 Klassen haten, mä mer haten awer och eng Dame déi 'Team-teaching' hat. Deen 'Team-teaching' fält d'nächst Joer ewech, esou datt d'Zuel vun den Enseignanten d'nächst Joer vun 3,5 op 4 eropgeet. Zu Rolleng komme mer dann op deen excellenten Duerchschnitt vu 15 Kanner pro Klasse.

Zu Rodange hu mer 160 Kanner fir de Moment. Dat sinn 9 Klassen – dat ass

eng Klass méi wéi d'lescht Joer - , an do kréie mer eng Moyenne vun 17,8 Kanner pro Klass. Domatter leie mer och do ënnert der Moyenne déi de Stat proposéiert. D'Education seet nämlech, datt d'Moyenne pro Klass tëscht 18 an 22 Kanner leie soll.

Zu Péteng – dat ass déi eenzeg Uertschaft wou d'Zuel zeréckgeet – komme mer op 168 Kanner. Do hu mer en Duerchschnëtt, dee mer scho laang net méi haten. Dofir gi mer zu Péteng vun 11 op 10 Klassen erof, a kommen nach op den acceptabelen Duerchschnëtt vun 16,8 Kanner pro Klass.

Am Total hu mer am Préscolaire e Schnëtt vun 16,9 hei an der Gemeng, wat a mengen Aen ganz raisonnabel ass.

An der Primärschoul hu mer eng lücht Steigerung. Vun 1.207 gi mer op 1.228 Kanner erop. Dat ass e Plus vun 21 Kanner. D'Klassenzuel geet vun 73 op 75 erop, wat dozou bäidréit datt d'Moyenne vun de Klasseneffektiver - d'lescht Joer louche mer bei 16,5 - dëst Joer bei 16,4 läit. Dat ass alles an deenen Normen, déi mer an der Gemeng Péteng zanter Joere schonn hunn.

Am Detail wieren dat zu Rolleng 199 Kanner mat 13 Klassen. Dat gëtt eng Moyenne vun 15,3; Péteng 583 Kanner mat 35 Klassen - dat ass eng Klass weider - an dat gëtt eng Moyenne vun 16,6; an zu Rodange wieren et 446 Kanner verdeelt op 27 Klassen – dat ass och eng Klass weider – wat eng Moyenne vun 16,5 ergëtt.

Am Spécial hu mer eng Klass weider ze proposéieren, an dat op Proposition vum Comité de cogestion a vum Inspektorat. Dat heescht, datt mer eng 'classe d'intégration' géife bäikréien, well d'Zuel vun de Kanner déi an déi Klasse ginn, elo scho bei 16, 17 läit. Laut Direktiv vum Ministère a laut Usiicht vum Inspektorat sollen nëmmen tëscht 7 an 8 Kanner an deene Klasse sinn. Doduerch si mer forcéiert, fir zu Péteng eng zweet Klass bäizemaachen, esou datt mer 2 'classes d'attente' 2 'classes d'intégration', 1 'classe d'attente/intégration' – dat ass eng gekoppelt Klass zu Rodange -, an 1 'classe d'accueil' hunn, och wa mer an der 'classe d'accueil' fir de Moment nach net vill Kanner hunn. D'Erfahrung huet awer gewissen, datt am Laf vum Joer nach Kanner bäikommen, an an déi 'classe d'accueil' solle jo Kanner kommen, déi keng vun de Sproochen Franséisch, Däitsch oder Lëtzebuergesch kennen. Am Ganze sinn am Spécial fir de Moment 37 Schüler ageschriwwen. Ech soe 'fir de Moment', well d'Gesprécher mat den Elteren a

mat deenen eenzelnen Instanzen déi sech drëm bekëmmere eréischt am gaange sinn.

Dobäi hate mer d'lescht Joer eng Dyslexie-Klass agefouert, an déi och hir Verdéngschter hat, an déi Klass behale mer och bäi. Mir haten och 1,5 Klass 'Appui', wou deene Kanner soll gehollef ginn, déi Schwierigkeeten hunn, an déi zum Deel och an déi verschide Klasse gi fir mat deene Kanner ze schaffen. An do bleift och de Status quo bestoen.

No den Diskussiounen déi mer haten, esouwuel mam Comité de cogestion, wéi och mam Inspektorat, der Schoulkommissioun – déi d'Schoulorganisatioun favorabel aviséiert huet – kënne mer dovunner ausgoen, datt d' 'répartition des classes' och fir d'nächst Joer all Garantie gi fir datt mer e gudden Unterrecht fir eis Kanner kënnen ubidden.

Accord à l'unanimité.

5.

Prévisions sociales.

Convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées « Club Senior Prënzeberg asbl » pour l'exercice 2007 – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen :

De Stat, représentéiert duerch d'Familljeministesche Marie-Josée Jacobs, an d'Schäfferéit vun de Gemengen Käerjeng, Kënzeg, Déifferdeng, Suessem a Péteng, an de Centre régional d'animation et de guidance pour personnes âgées, vertrueden duerch d'ASBL 'Aide aux personnes âgées Prënzeberg', oder einfach gesot 'Club Senior Prënzeberg' hunn de 17. Januar 2007 fir d'Joer 2007 eng nei Conventioun ënnerschriwwen. Dës Conventioun ass gültig vum 1. Januar 2007 u fir ee Joer a kann duerno awer vu Joer zu Joer verlängert ginn.

Eis Gemeng stellt dem Club Senior Prënzeberg fir d'Joer 2007 15.400 € zur Verfügung. Dëst ass eng Estimatioun, an zwar sinn et 9.500 € fir Personalkäschten, a fir de Loyer vun den Adresse vu Siège wieren et 5.900 €.

D'Participatioun vum Stat läit alleng fir d'Personalkäschten bei 87 %, an dat sinn 239.860 € vun 275.701 € am Total.

Esou wéi och schonn déi Joere virdrun, stellt de Club Senior seng Prestatiounen deene Leit iwwert 50 Joer zur Verfügung. Hir Missioun besteet aus 'guidance' an Animatioun,

an déi eeler Leit an eis Gesellschaft ze integréieren, Kontakter hirzestellen, hinnen eng Assistance unzebidden, Konferenzen ofzehalen, an eng Rei Animatiounen am Loisirs iwwert d'ganz Joer unzebidden. Si ginn och regelméisseg Brochüren eraus, wou de Programm och drasteet.

Mir hunn de Betrag vun 15.400 € am Budget stoen. Dës Conventioun ass vum Ministère a vun de Schäfferéit aus deene 5 Gemengen a vun der ASBL Club Senior ënnerschriwwen, an ech froen iech, fir och hei am Gemengerot dës Conventioun ze approvieren.

Approbation à l'unanimité.

6.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation routière – confirmation.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass ee Reglement d'urgence, datt de Schäfferot de 4. Mee 2007 geholl huet, an dat op Grond vun enger Situatioun an der avenue de la Gare hei zu Péteng. Do ass en Haus am gaangen ëmgebaut ze ginn, a während deenen Aarbechten hunn se den halwe Giewel ofgedroen. Doduerch ass awer elo beim Nopeschhaus e 'risque effondrement' festgestallt ginn. D'Leit aus deem Haus hu miissten evaküiert ginn, an d'ITM, zesumme mat der Gemeng Péteng, hunn de Chantier gestoppt. Mir mussen dann och elo – wat de Verkéier op där Plaz ugeet – reagieren. Mir mussen elo e Parkverbuet op där Plaz maachen, an och d'Foussgänger dierfe virun deem Chantier net méi circulieren, 'en attendant' datt eng Expertise gemaach gëtt fir ze kucken, ob dat Haus muss ofgedroen oder verstärkt ginn. De Moment ass emol alles gestoppt, an d'Enquête leeft. Mir kucke just, datt mer de Chantier ofgeséichert kréien. Dat ass elo emol fir 3 Méint an der Hoffnung, datt mer bis dohinner kloer gesinn.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech hätt eng generell Fro zu deene Reglementer, déi mer déi leschte Kéier geholl hunn. Ech wollt wëssen, op d'Gemeng nach eng Kéier Récksprouch mat den CFL geholl huet wat d'Situatioun zu Rodange betrëfft. Ass eng Léisung fonnt ginn, zum Beispill mat der Ampel-Aktioun ?

Déi aner Saach déi ech wollt froen ass, op et neierdénge Usus ass, datt – wa Leit Residenze bauen oder gréisser Chantieren hunn – et verbueden ass do ze parken, datt Stroossen zougemaach ginn. Et gëtt esou lues d'

'solution de facilité' fir Entreprise gesicht an et gëtt net méi genuch Récksiicht op d'Urainer geholl.

Roland Breyer, Schäffen :

Deen éischte Punkt vun äerer Fro ass jo déi Saach mat der Rodanger Barrière, datt déi zougemaach ginn ass. Mir sinn an deem Dossier ganz vigilant, a mer wäerten an deem Dossier och nach méi ënnerhuelen, an datt et fir eis kloer ass, datt déi Barrière nees muss opgemaach ginn. Ech kann nëmmen nach eng Kéier ënnersträichen, datt dat net esou ausgemaach gi war. Well et sinn eng ganz Rei vu Geschäftsleit der Meenung, datt dat eng Décisioun vun der Gemeng war, an deem ass awer net esou. Dat war e Komproméss dee mer zesumme mat der Bretelle vun der Porte de Lamadelaine gemaach haten. Dat ass awer vun deene staatlechen Instanzen net esou respektéiert ginn, an duerch e 'règlement ministériel' ënnerschriwwen vun den Häre Wiseler a Lux, gouf esougutt d'Bretelle fir op de Contournement wéi och d'rue de l'Industrie zougemaach.

Mir bestinn och drop, datt direkt nom Ofschloss vun den Aarbechten d'Rodanger Barrière nees soll opgemaach ginn, an datt d'Luuchten och esou sollen installéiert gi wéi mir geduecht hu fir de Verkéier op där Kräizung ze regléieren. Dat kann awer och eréischt fonctionnéiere wann de Chantier 'Nau' méi iwwersichtlech ass a wa mer déi Bunn nees kënnen benotzen. Mir wëllen op jiddwer Fall, datt d'rue de l'Industrie an d'Barrière op mannst vun Athus hir nees fir de Verkéier op geet. Mam Enn vun den Aarbechten ass fir September ze rechnen, an dann hu mer wëlles och dem Gemengerot eng Reglementatioun an deem Sënn ze proposéieren an deene staatlechen Instanzen dat och matzedeele.

Déi aner Saach, déi Dir ugeschwat hutt, sinn d'Reglements d'urgence déi heiansdo geholl gi fir Entreprises. Elo kënnst zum Beispill eng Demande vu Sudgaz – oder enger anerer Sociétéit - iwwert een Entrepreneur eran, fir zum Beispill en Embranchement ze maachen. An deem Fall gi mir dann eis Autorisatioun. Wat awer opfällt ass, datt déi Délaiien, bis weini d'Aarbechten ofgeschloss solle sinn, net ëmmer respektéiert ginn. An da sti mer virun der delikater Situatioun, datt mer e Chantier hunn, deen eigentlech sollt an engem Dag ofgeschloss sinn, ma wou awer einfach alles owes leie gelooss gëtt, d'Ofspärung bleiwe stoen, an den Trafic gëtt op en neits komplett gestéiert. Mir mussen vläicht an deene Saache méi 'sec' sinn an drop bestoen, datt d'Délaiien agehale ginn. A mer mussen kucken, watfir Moyenë mir eis

kënnen ginn, fir datt dat och respektéiert gëtt. Et stëmmt, datt mer vill Aarbechten an der Gemeng hunn, a jiddereen hält och gären datt e Reglement geholl gëtt. Mir kënnen déi Reglementer net refuséieren, mä mer mussen awer oppassen, datt se méi respektéiert ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann de Schäfferot esou ee Reglement hält fir eng Ëmännerung ze maachen, an datt doduerch zum Beispill eng Strooss gespaart gëtt, esou kritt eis Police dat jo awer och matgedeelt. A si si jo déi Leit, déi sollen dofir suergen, datt dat Reglement respektéiert gëtt.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat ass ganz richtig. D'Police kritt et matgedeelt. Mä et muss een awer och heiansdo d'Ëmstänn kucken. Et ass e Règlement d'urgence well jo eng Urgence besteet, a well et net kann am Virfeld geplangt ginn. Mir ginn heiansdo mat Demandë befaasst, datt deen Dag duerno mueres schonn hei oder do gespaart soll sinn. An de Chantier ass schonn am gaangen ier mer emol d'Reglement heibannen ënnerschriwwen hunn. An och wann d'Police et da matgedeelt kritt, esou sinn d'Délaiien einfach ze kuerz fir datt ka kontrolléiert ginn. Mir kéinten natierlech och soen, datt e Règlement d'urgence méi laang am Virus miisst geplangt ginn, mä dann ass et keng Urgence méi. An da fale mer nees ënner déi ominéis Reglementatioun, datt mer nëmmen dierfen 72 Stonne reglementéieren, an dat och am Virfeld mussen maachen. Et ass eppes, wat schwéier ze géréieren ass. Et kann een nëmme kucken, datt méi Disziplin an der Saach ass, an datt d'Police – mir hu jo en neie Commissaire – méi 'sec' kontrolléiert.

Albert Muller (LSAP):

Am Reglement, iwwert dat mer haut ofstëmmen, steet dran, datt den Trétoir virun den Haiser 16 an 18 an der avenue de la Gare net méi accessibel ass fir de Foussgänger. Ech hunn awer elo de Mëtteg festgestallt, datt nëmmen eng Clôture beim Haus 18 ass. Miisst net och eng bei d'Haus Nummer 16 gesat ginn ?

Roland Breyer, Schäffen :

Dat kënnen mer maachen.

Confirmation à l'unanimité.

7.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

Well jo elo nees d'Zirkus-Saison kënnst – ech hu schonns Plakater vun esou

Betriben a verschiddenen Gemenge gesinn – wollt ech folgenden Appel un de Schäfferot maachen :

- Vu datt déi Déieren an deenen, zum groussen Deel 'Hongerleider'-Betriben, e penibelt an aarmséilegt Liewe féieren, well si net aartgerecht gehale ginn an ënner schreckleche Conditione mussen liewen ;
- Vu datt duerch den Domptage déi Déiere mussen fuerchtbar Qualen iwwert sech ergoe loossen, well se quasi gebrach ginn, si mussen sech ënnerwäerfen ;
- Vu datt en se mussen bis zu 90% vun hirer Zäit an zevill klengen Käfeger oder Camionë verbréngen, a méi grouss Déieren esoulaang nach zousätzlech un der Kette sinn ;
- Vu datt d'Déieren an der Regel bis zu 10 mol manner Plaz hu wéi am Zoo, an an de meeschte Fäll ënnererniert an net gepflegt sinn ;
- Vu datt de Gesondheitszoustand vun den Déiere meeschtens vernoléisst gëtt, an d'Betriben net iwwert déi néideg Gesondheitszertificaten vun engem Vétérinaire verfügen ;
- Vu datt d'Déiere mussen méimols de Mount laang Transportweeër an zevill klengen an onconfortabelen, schlecht adaptéierte Camionen iwwert sech ergoe loossen, déi zudeem nach dacks déi légal Limiten iwwerschreiden a wou et bei längeren Openthalter am Summer vill zevill waarm an am Wanter vill zevill kal fir verschidden Aarten ass ;
- Vu datt d'Zuschauer, alleguer d'Leit an d'Kanner déi esou eppes wëlle kucken, d'Déiere jo am Prinzip gären hunn a sech mussen bewosst sinn, datt den Zirkus mat Déieren näischt anescht ass wéi eng reng Déierequälerei, sollten déi Leit Déierefilmer kucken wou se hir Lieblingen an hirem natierlechen Entourage kënnen erliewen.

Aus all deene Grënn maachen ech den Appel un de Schäfferot, all Zirkusbetriben mat Déieren, déi zëmools kleng esougenannten 'Hongerleider'-Betriben aus dem Ausland sinn, um ganzen Territoire vun der Pétenger Gemeng ze verbidden a keng Autorisatioun ze ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech deele sécherlech déi eng oder aner Iwwerleeung, déi Dir elo hei gemaach hutt. Mir sinn och relativ skeptesch géintwärtig all Zirkus, dee bei eis an d'Regioun kënnst. Dofir verlaange mer och, datt jeeeweils déi néideg Autorisatiounen vum Ministère

des Classes moyennes an och vum Veterinärsamt wou se hierkommen a vum Ministère de la viticulture et du développement musse virleien. Ouni Certificate loosse mer scho guer keen Zirkus zou. Mir hunn eis an deene leschte Joeren ëmmer op een Zirkus pro Joer beschränkt hei um Territoire vun der Gemeng.

Fir dëst Joer hu mer eng Rei vun Demanden erakritt, mä et sinn der awer nëmme zwou déi eventuell a Fro kommen. Dat eent ass en Zirkus mat just nëmme Clownen – do ass iwwerhaupt keen Déier dobäi – an deen Zirkus soll am September op Rolleng kommen. Do hu mer gesot, datt mer prinzipiell d'accord wieren.

Dann ass nach en zweeten Zirkus, deen nëmme soll mat Hénn schaffen. Do hu mer awer gesot, datt mer gäre fir d'éischt déi néideg Autorisatione wëlle gesinn ier mer deenen zousoen.

Domatter hätte mer fir dëst Joer schonns de Quorum erreecht vun deem wat maximal an eiser Gemeng dierf sinn.

Ech kann awer domatter liewe wa mer wierklech hei am Gemengerot eng Majoritéit fannen déi seet, datt mer um Territoire vun der Gemeng guer keng Zirkusse méi géifen erlaben, oder scho guer keen Zirkus méi mat Déieren. Well ech hunn och schonn Zirkussen hei an der Gemeng gesinn, déi all Autorisationen haten, a wou mer awer gesot hunn, datt d'Déieren net onbedéngt aartgerecht ronderëm d'Zelter louchen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech soen lech Merci fir déi zefriddestellend Äntwert. Ech géif dann nach eng Kéier den Appel un dee ganze Gemengerot maachen, datt een dat heiten eventuell kann als Motioun un de Schäfferot weiderginn, fir kategoresch Zirkusse mat Déieren um Territoire vun der Pétenger Gemeng ze verbidden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech kéint mer virstellen, datt mer am nächste Gemengerot eppes an deem Sënn wäerte virleeën. A wa mer eng Majoritéit fannen, dann hu mer deen Dossier kloer vum Dësch.

Norbert Pierre (LSAP):

An der Sëtzung vum 14. November 2006 hat ech eng Fro iwwert d'Entrée vum Rodanger Kierfecht gestallt. Do krut ech vun der Kierfecht-Schäffin, der Madame Conter, geäntwert, datt de Problem Uganks Joer an der Rei wier. (cf. Péteng Aktuell n° 72).

Meng Froen zu der Kierfechts-Entrée :

1. Duerch wien war dëse Mauerpeiler beschiedegt ginn ?
2. Ass dëse Schued duerch eng Assurance bezuelt ginn ?
3. Sinn eis Aarbechter genuch équipéert fir dës Aarbechten auszeferieren ?
4. Wéini sollen dës Aarbechten dann elo ausgefuert ginn ?
5. De Mauerpeiler vun der mëttelster Entrée ass och nëmme zur Halschent méi do. Wat geschitt do ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mir sinn am gaangen eng Léisung ze sichen. Wien huet dee Schued gemaach ? Dat war d'Marberie Hary. Si ware mat engem Camion an d'Mauer gerannt. Hir Assurance ass och gewëllt dat Ganzt 'en charge' ze huelen. D'Assurance huet awer nach näischt bezuelt well de Schued jo och nach net geflickt ass. Eis Steemetzer kënnen dës Reparaturaarbechten och selwer maachen, an dat krutt ech och vun eisem techneschen Service confirméiert. Wéini déi Aarbechten awer elo sollen ausgefuert ginn, kann ech iech nach net soen. Si stinn nach net am Planning mat dran. Si kommen awer drop, esoubal mat guddem Wieder ze rechnen ass. Mir haten zwar elo dëst Joer schonns eng Partie Deeg, wou d'Wieder ganz gutt war, mä do hunn eis Leit hei zu Péteng um Kierfecht geschafft. Elo war awer nees eng Reeperiod, esou datt elo emol muss ofgewart gi bis mer hei fäerdeg sinn ier mer kënnen en neie Chantier ugoen.

Beim Pilier, wou Dir sot, datt en ëmgefall ass, esou muss ee soen, datt deen aus der Mëtt eraus gerass ass. An dofir wier de Pilier licht verréckelt. Dat krut ech vum Techniker gesot. Mir kucken awer fir déi Saach, zesumme mam Schued dee vum Marbrier verursaacht gouf, an d'Rei ze setzen, esou datt déi ganz Entrée erëm uerdentlech ausgesäit. An déi Aarbechte sollen dann och elo esou séier wéi méiglech iwwert d'Bühn goen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wëll just nach eng Kéier meng Meenung dozou soen. Wann dee Schued elo soll iwwert eng Assurance bezuelt ginn – an dat hutt Dir jo elo just gesot – da sollen déi Aarbechten och duerch eng spezialiséiert Firma gemaach ginn, an domatter huet d'Saach sech. Dir hat mer schonns eng Kéier versprach, datt déi

Aarbechte bis Uganks vun dësem Joer gemaach wieren. Ech verstinn och, datt dat net konnt duerch dat schlecht Wieder gemaach ginn. Ech sinn awer der Meenung, datt mer op déi heite Manéier ni zu engem Ofschloss kommen. Och Rodange ass eng Uertschaft aus eiser Gemeng, an et gehéiert sech, datt e Kierfecht eng éierbar Entrée huet, an net, datt et do ausgesäit wéi wann e Krich stattfont hätt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Ech sinn och ganz mat lech d'accord. Wann et mir géif nogoen, da wieren déi Aarbechten och scho längst gemaach. Mä et kann een net ëmmer esou schnell schaffe wéi ee wëll schaffen.

Mir haten och de Problem mat de Steng, well do sollte Steng gesicht ginn déi conforme mat deene sinn déi do waren. An et ass natierlech och net esou einfach fir der ze fannen. D'Steng sinn elo do, an ech hoffen, datt et elo esou schnell wéi méiglech virugeet.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wëll elo weider näischt méi dozou soen, mä d'Steng leie schonns vum leschte Joer uns do. Ech géif awer vläicht kucke fir eng spezialiséiert Firma ze huelen, di déi Aarbechte mécht, an en Devis ze froen. Well d'Assurance bezilt et jo dee Moment.

Dann ech hätt ech och nach eng zweet Fro un de Schäfferot. An zwar wollt ech de Verkéierschäfte froen, wéi et mat der Richtungsännerung an der Prince Jean-Strooss zu Rodange steet ? An der Sëtzung vum 5. Mäerz 2007 hat hie mer gesot : « Esoubal d'Wieder besser wier, gëtt dat geännert ». Wéini soll déi Ännerung virgeholl ginn, oder ginn et aner Problemer ?

Roland Breyer, Schäffen :

De Problem ass, datt wuel d'Wieder besser ginn ass, mä verschide Leit awer nach am Wanterschlof sinn. Dee Wanterschlof ass awer Gott sei Dank dës Kéier net hei an der Gemeng, mä en ass an der Stad an der staatlecher Kommissioun. Entretemps hu mer d'Modifikatioun n° 10 erëmkritt, an d'äer mer de Parking hannert 'Shell' an op der Lonkescher Strooss bei 'Putz' wollt reglementéieren. Mä d'Modifikatioun n° 9, déi mer virdu gestëmmt hunn, déi läit nach an der Stad. Déi ass nach ëmmer net erëm 'Ouni Kommentar'. An d'Reglementer sinn erëischt rechtskräfteg, wa mer se erëmkritt hunn a mer se publizéiert hunn. Si hunn eis an der Stad awer versprach, datt mer se an deenen nächsten Deeg géife geschéckt kréien.

An deem Reglement hate mer Reglementatiounen zu der rue Prince Jean, der rue de l'Eglise an der rue de la Chiers dran. An dat soll elo an deenen nächsten Deeg aus der Stad zeréckkommen. Et ass also net un eis wou et hängt.

Les points 8 à 9 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

- *M. Gilles Bertacco*, d'Aspelt, est nommé au poste d'aide-huissier

- La démission volontaire est attribuée à *M. Jean-Marie Weyland*, instituteur de l'enseignement primaire. Le titre honorifique des ses fonctions lui est également conféré.